

# 21. NOVEMBER 2025

Gemengebuet


#LIEWENZUESCH


ESCH

☑ = Jo
☒ = Nee
⊜ = Enthalen
🔄 = Procuratioun

# 21. NOVEMBER 2025


Gemengebuet





esch

Voir les votes par conseiller →



**Transkriptioun Gemengerot Esch-Uelzecht**

**21. November 2025**

*Réunion à huis clos*

## 1.1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision

*Réunion publique*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Léif Kolleeginnen a léif Kolleege vum Escher Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Leit, déi eis eventuell iwwer déi verschidde Medien am Moment nokucken an eis suivéieren, ech begréissen Iech dann an der haiteger Gemengerotssëtzung.

Entschëllegt ass fir den Ufank den Här Sehovic. D'Madamm Ragni huet d'Procuratioun.

Den Ordre du jour gouf d'lescht Woch natierlech am Delai verschéckt. Gëschter huet de Generalsekretär nach d'Informatioun ginn, dass mer als Schäfferot wäerte proposéieren, fir de Punkt 3.1, dat ass d'Reglement par rapport zum Concours „Boost my Bar" vum Ordre du jour ze huelen.

Do sinn elo eng ganz Rëtsch Kommissioune consultéiert ginn, wou vill Froen opgeworf goufen, einfach och, mengen ech, technesch Froen. An déi wëlle mer dann awer nach klären, nach eng Kéier an d'Kommissioune goen, éier mer dann hei dat wäerten zum Debat stellen.

Gëtt et Wuertmeldungen zum Ordre du jour? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir géife supplementar zu deem Punkt, deen Dir wëllt erofhuelen, nach zwee Punkte wëllen erofhuelen. Dat eent ass de Punkt 4, d'Charte communale du vivre-ensemble réligieux, an de Punkt 10.3, de Rapport de vérification pour l'exercice 2023.

Ech soen lech och firwat.

De Rapport de vérification ass eng Äntwert op dem Inneministère säi Courrier vum Abrëll 2025 zu de Konten 2023. Deen Dossier loung eeben net mat der Zäit am Dossier mat dran. Dat Dokument huet d'Finanzkommissioun och net kënnen aviséieren. An dat steet och esou am Rapport vun der Kommissioun dran.

Dat heescht, ech géif proposéieren, dass mer dat op e méi spéiden Datum géife votéieren. Dass mer do kéinten den Avis vun der Finanzkommissioun kréien.

An natierlech och d'Charte communale du vivre-ensemble réligieux. Dat ass en Dossier, dee fir mech ganz, ganz komplizéiert ze verstoen ass, wéi dilettantesch een esou en Dossier ka maachen.

Et ass elo fir d'drëtt, dass en dropsteet. Déi zweet Kéier huet e missen erofgeholl ginn, well Onstëmmegkeeten an der Majoritéit waren. Dir braucht dat net ze contestéieren, dat soe se duerch d'ganz Uelzechtstrooss. Dat heescht, dat ass keen Zweiwel dorun.

Et ass en Dossier, dee schonn esou laang leeft, deen esou delikat ass. An dat Eenzegt, d'Resultat, wat mer elo kruten – Dir hutt jo ëmmer gesot, dat muss an d'Kommissioun. Déi Kommissioun ass eréischt en Dënschdeg zesummekomm. Mir hunn elo gëschter Mëtteg, also mol keng 24 Stonne virun dëser

Sitzung, en Dokument kritt, dat voller Track-Changes ass.

Ganz éierlech, ech weess net, wat mer do solle stëmmen. Fir gehéiert deen Dossier direkt emol weidergedréckt op déi nächst Sessioun. Dat heescht, op den 19. Dezember.

Ech mengen, dat wier am Interêt vun all Mënsch, wa mer hei wëllen eng éierbar Diskussioun féieren. Villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech schléisse mech der Demande vun der LSAP un, notamment wat de Punkt 4 ugeet.

Et ass, den Här Faltz huet et gesot, en extreem delikate Sujet, wou mer als Gemeng eis op en Terrain virwoen, deen net evident ass. A wou ech mengen, datt ee mat ganz groussem Feingefill un déi Froe soll erugoen.

An ech mengen, wa mer hei iwwer en Text ofstëmmen, da misst dat eppes sinn, wat rassembléiert a wat net dividéiert.

An ech géif duerfir proposéieren, datt mer dee Punkt effektiv haut um Ordre du jour erofhuelen an datt mer esou virginn, wéi mer bei aneren Dossieren, wou et eis wichteg ass, datt mer grouss Majoritéiten zesummekréien, datt mer d'Presidente vun de Fraktiounen zesummeruffen, ënner der Presidence vum Buergermeeschter, an deen Text duerchginn.

Kucken, fir déi gréisstméiglech Iwwerschneidungen ze fannen an en Text hei an d'Gemeng ze bréngen, deen d'Potenzial huet, déi gréisstméiglech Majoritéit ze fannen. Am Sënn, fir ze rassembléieren an net ze dividéieren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Also ech muss mech do mengen zwee Virriedner uschléissen. Ech fannen och wierklech, dat do ass nach net bereet, dat ass nach net räif. A mir géifen eis éieren, wa mer eis nach géifen e bëssen Zäit huelen an dat nach emol iwwerschaffen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da kënnt elo eng Situatioun, déi mer seelen hei hunn. Ech wëll gär mäi Schäfferot consultéieren an ënnerbriechen dofir d'Sëtzung.

*(Sëtzung* ënnerbrach*)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wou mer elo dobanne stoungen, ass eis opgefall, dass dat net fir d'éischt Kéier an dëser Mandatsperiod ass. An der leschter ass dat schonn heiansdo virkomm, dass mer eng Sëtzung ënnerbrach hunn.

Ech erlabe mer, dann als éischt mat der Charte unzefänken. Wou ech awer nach eng Kéier wëll drop hiweisen, wéi de ganze Parcours ass.

Déi Charte, déi do geschriwwe gouf, ass en Exercice gewiescht, wou net d'Majoritéit an

net de Schäfferot eng Charte geschriwwen huet an déi der Kommissioun dohi geluecht huet a gesot huet, dat do ass et.

Dat ass eng Charte, wou et Kommissioune gouf. Wou d'Kommissioun driwwer diskutéiert huet, wat se gär an eng Charte hätten, wat si sech kéinte virstellen, wat si sech iwwerhaapt ënner enger Charte kënne virstellen. A wou si d'Elementer geliwwert hunn, wat si gär dran hätten.

Déi Charte ass natierlech du vun engem Beamten vun eis zesummegeschriwwe ginn, mee et ass awer net d'Resultat vun engem Schäfferot an och net vun enger Majoritéit, wou seet, dat do ass d'Charte, e politescht Dokument, wat mir hei gär duerch de Gemengerot hätten.

Mee et ass eeben d'Resultat vun deem Echange tëschent à la fois Membere vun der Kommissioun an den Experte vun der Kommissioun, wou d'Culten de muslimesche Culte, de kathouleschen an de protestaneschen an den jüddesche Culte hei vertrieden.

Da war déi éischt Charte an der Kommissioun. An hei gëtt jo ëmmer héichgehalen d'Participatioun, d'Abannung an d'Wichtegkeet vun de Kommissiounen. Den Avis vun de Kommissiounen.

Déi éischt Charte war an der Kommissioun an déi ass unanime do festgehale ginn. An do waren och all d'Parteien deemools present, ausser tatsächlech déi Gréng, déi absent waren.

Mee soss ass awer déi éischt Ebauche, déi éischt, déi mer hei an de Gemengerot ginn hunn a wou mer gesot hunn, okee, dat do ass d'Resultat, wou aus der Kommissioun kënnt a wou mer wéilten ofstëmmen. Wou du gesot ginn ass, nee, mir wëllen nach eng Kéier driwwer diskutéieren, mir wëllen nach eng Kéier verschidden Ajoutte ginn. Reformulatiounen. A wou se dunn erofgeholl ginn ass.

Dat ass geschitt.

Duerno si verschidden Avisen, verschidden Ännerungen, verschidde Reformulatioune proposéiert gi vun verschiddene Leit. An d'Charte ass reformuléiert ginn.

Se ass dunn, tatsächlech hate mer nach eng Kéier an der Majoritéit geschwat. An ech wëll awer preziséieren, dass hannert der Charte, wéi se elo hei läit, dass mer do eng honnertprozenteg Unanimitéit hunn tëschent deenen eelef Conseillere vun der Majoritéit, dass mer mengen, dass mer déi Charte esou kéinte stëmmen. Well mir Verständnis dofir opbrénge par rapport zu der Aarbecht, déi do gemaach ginn ass, och vun der Kommissioun, déi sech do zesummegedoen huet, fir dat zesummen ze formuléieren.

*(Interventioun Mme Liz Braz)*

Nee, ech muss awer de Suivi maachen.

Dir sot nämlech, dass Dir et net verstanen hutt, wat do drasteet, huet den Här Faltz virdru gesot. Dass dat do elo komm wier dës Woch an dass dat elo eng Surprise gewiescht wier.

Da wëll ech awer och nach drop hiweisen, dass et net seelen ass, ganz oft hei sou ass an dësem Haus an och an anere politeschen Institutiounen, dass Kommissioune kuerz virum Vott nach Ännerungen, Reformulatioune souguer vu Gesetzer, vu Reglementer, vu Chartë virgeluecht kréien.

Dat geschitt reegelméisseg. Mir hunn e puer Dokumenter an der Lescht hei gehat, wou eng Kommissioun nach proposéiert huet, fir Reformulatiounen an e Reglement ze

bréngen. An da si mer och heihi komm an dann hu mer net gesot, okee, dat do ass awer elo ze komplizéiert vum Dossier hier, dass mer et mussen erofhuelen. Mee dunn hu mer gesot, mir huelen d'Reformulatioune vun der Kommissioun un oder net an du konnte mer driwwer ofstëmmen.

Hei ass dat dann elo – dat kann net de Grond sinn, firwat mer se erofhuelen.

Mee wat awer e seriöe Grond ass, dat ass, dass déi Leit, déi do an der Kommissioun souzen an déi doru geschafft hunn, sech seriö engagéiert hunn. Dass déi do eng seriö Aarbecht gemaach hunn.

A wann et tatsächlech nach Verständnisfroe gëtt a wann et Froe gëtt par rapport zu deem, wat do geschriwwen ass a wou vläicht einfach den Echange da feelt, proposéiere mer dann elo hei, se haut erofzehuelen déi Charte.

Dass mer elo net méi onbedéngt an d'Kommissioun ginn, mee dass mer d'Propos maachen, dass eeben d'Vertrieder vun de Parteien, vun den Entités politiques, dass déi d'Kommissioun begéinen. Dass déi d'Experten do begéinen. Dass déi kënnen tatsächlech emol eng Kéier déi Vertrieder vun de Cultë kënnen uschwätzen a soen, wat mengt Der dann domat, wat deen Ament do geschriwwen ass.

Well dat ass jo dann d'Fro. Wat verstitt Der dorënner? Wat engagéiert Dir Iech? Wat wëllt Der heimat? Wat fir e Positionnement par rapport zu der Stad Esch, zum Liewen an der Stad Esch wëllt Der heimat fomuléieren?

Ech mengen, dass et kloer ass, dass een dat ka formuléieren. Wann Dir mengt, dass dat net de Fall ass, da gi mer nach dee Schrëtt, fir dann dohin ze goen an ze soen, okee, mee da wëlle mer, dass d'Fraktiounsspriecher sech wierklech mat den Auteure vun deem Text nach eng Kéier zesummesetzen. An dann duerno wäerte mer awer iergendwann ofstëmme mussen.

Mir wäerten dëst Joer nach ofstëmmen iwwer déi Charte do. Well ech mengen, dass den Dossier dann och ze seriö ass, fir en ëmmer erëm weider op d'Bänk ze schiben an ze soen, mir kommen do net zu engem Vott.

An deem Sënn … wëllt Der nach eppes soen dozou?

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Dat ass ganz léif, Här Buergermeeschter, datt Dir mir nach eng Kéier d'Wuert gitt.

Jo, ech mengen, de Problem ass awer net deen, deen ee mat de Culten huet. De Problem ass och schonn e politeschen. An ech mengen, datt een duerfir och um politschen Niveau muss driwwer diskutéieren. A well et e wichtege Sujet ass, am Sënn, datt een eng gréisstméiglech Unanimitéit fënnt.

Dat heescht, ech mengen net, datt een elo einfach soll d'Responsabilitéit de Cultë ginn, mee datt et wichteg ass, datt de Schäfferot do och involvéiert ass an déi Gespréicher.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir gi keng Responsabilitéit un d'Culten of. Mee mir ginn eng Responsabilitéit un déi Kommissioun of. Un déi Kommissioun, déi dat do virgeluecht an ausgeschafft huet.

An ech mengen, wann et wierklech eng Fro ass vum Verständnis, wéi den Här Faltz gesot huet, ma da muss een déi Leit, déi doru geschafft hunn, da mat de Vertrieder vum Gemengerot zesummesetzen, fir dann ze klären, wat dann nach d'Verständnisfroen dozou sinn.

Well de Prinzipp vun der Charte – ech mengen, wann et do eng politesch Ausriichtung gëtt vun de verschiddene Parteien, do mengen ech, dass mer keng Unanimitéit kréien.

Awer den Inhalt vun der Charte a einfach ze kucken, wat ass de Message, wou drasteet, dat ass dat, wat mer wëllen. De Message, wou déi Kommissioun, wou déi Vertrieder, déi do dra sinn, wëllen – a mir dat ënnerstëtzen als Gemengerot – wat wëlle mer gär den Escher an Escherinnen als Message ginn. A fir dat Verständnis nach eng Kéier ze diskutéieren, dat kënne mer maachen.

An deem Sënn ... Madamm Braz, jo.

*(Interventioun Mme Liz Braz)*

Mir hunn eng Charte do virleien, mat engem Text, wou ech gesot kritt hu vun Ärem Fraktiounsspriecher, dass et Verständnisproblemer gëtt. Also ass et, mengen ech, elo dann do, fir ze klären, wat d'Verständnisproblemer sinn. A wann dann do esou grouss Hürde sinn, ma da muss doriwwer diskutéiert ginn, ob een nach eng Kéier eng Reformulatioun mécht. Mee ech mengen, dass d'Prinzippie kloer sinn, wou do dra stinn.

An dann huele mer ... ech hu kee Problem domat, de Rapport de vérification erofzehuelen dës Kéier.

Awer och do ass et mengen ech keng Surprise, wat drasteet. Mir kënnen awer ganz gär et erofhuelen, fir datt dann do den Avis vun der Kommissioun an engem Delai kommen, wou Der dann lech kënnt dozou befannen.

Au vote fir déi dräi Punkten.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 2. Camping Gaalgebierg ; projet de réaménagement ; présentation

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt 2. Dat ass d'Presentatioun vum Projet de réaménagement par rapport zum Camping Gaalgebierg.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass mir eng grouss Freed, lech haut de Projet vum Reamenagement vum Camping virzestellen. Wéi Dir all wësst, ass de Camping Gaalgebierg zënter ville Joerzéngten integralen Deel vun der Escher Landschaft. Eng Plaz, wou d'Natur, d'Entspanung an d'Liewensqualitéit sech treffen.

Haut maache mer e wichtege Schrëtt an d'Zukunft, fir dass dëse Site nach méi attraktiv, modern an nohalteg gëtt.

De Camping, sou wéi en haut existéiert, zitt alljoers vill Touristen a Monteuren un. An dëst ass wichteg, datt mer mat der Zäit matginn an dem Camping en neie Glanz ginn. Dofir hu mer decidéiert, de Camping grëndlech ze moderniséieren a strukturéiert ëmzebauen.

Dës Upassunge sinn néideg, net nëmme fir dem steigenden Tourismus an eiser Stad gerecht ze ginn, mee och fir de Bewunner a Bewunnerinnen zu Esch e qualitativ héichwäertege Fräizäitberäich ze bidden.

De Projet gesäit follgendermoossen aus. An eisen Direkter, Lucien Malano, wäert eis dat duerno nach e bësse méi, unhand vu Fotoe a Pläng, explizéieren. Déi existent Zone ginn zum Deel erhalen, zum Deel liicht ëmgeännert, zum Deel erneiert an zum Deel kommen nei Elementer derbäi.

Et sollen am Fong 42 Emplacementer fir d'Monteure bleiwen, 14 Emplacementer fir d'Logements insolides oder de Glamping. 45 Emplacementer fir den Tourismus a 15 Emplacementer fir de Longue-durée.

Et ass en eegestännege Beräich fir d'Monteure mat engem onofhängege Sanitärblock virgesinn. Dëst, fir hinnen d'Intimitéit an de Komfort ze bidden, dee si fir hire Sejour brauchen. Am Moment ass et jo esou, datt d'Monteuren an d'Touriste sech nach ee Sanitärblock deelen, wat net méi zäitgeméiss ass.

Fir kohärent ze bleiwen, gëtt et natierlech och en neien a modernen zentrale Sanitärblock fir Touristen. Do ronderëm wäerten dann déi verschidden Emplacementer fir Zelter, Campingcar etcetera kommen, déi engem moderne Standard entspriechen.

D'Zon fir de Logement insolide bitt de Visiteuren eng aner Aart, eng besonnesch Aart vu Glamping un. Ech denken zum Beispill u Logementer wéi Tiny Houses, Pitch Lodges oder Safarizelter.

E renovéierten a méi grousse Multisportterrain, an deem jonker a manner jonker aktiv kënne sinn an hir Fräizäit sportlech verbréngen. Eng kleng Schwämm, déi de ganze Site nach méi attraktiv mécht a fir Ofkillung an Erhuelung suergt. An natierlech e komplett neie Restaurant.

Et ass ze notéieren, dass d'Piscine an de Restaurant fir d'Leit zougänglech sinn, déi net um Camping iwwernuechten. Domat schafe mir eng Plaz fir jiddereen: fir d'Camper, fir d'Escher Bierger an d'Dagesgäscht.

Dës Investitioune sinn eng kloer Decisioun, fir d'Attraktivitéit vun eiser Stad an och fir de lokalen Tourismus. Et geet drëm, e Raum ze schafen, deen d'Leit zesummebréngt, Aktivitéiten erméiglecht an Esch nach méi liewenswäert mécht.

Kuerz e puer Wierder nach iwwer d'Organisatioun. Wéi soll de Camping geréiert ginn. Mir hu jo elo fir de Moment zwee Acteuren. Dat ass d'Stad Esch als Proprietär vum Terrain an de Bedreiwer, de Caravaning Club. Dat soll och esou bleiwen.

Déi zwou Parteie wäerte sech awer zesummesetzen an dee Site zesummen exploitéieren. Jiddwereen huet Oplagen. D'Oplage vun der Gemeng sinn natierlech d'Prise en charge vun de Coûte vun där Renovatioun.

De Caravaning Club sengersäits, étant donné datt do jo och vun hinnen Investissementer op dem Site gemaach gi sinn, déi trëtt déi Investissementer un d'Stad of. Sou dass jiddwereen am Fong do seng positiv Punkte mat an de Projet erabréngt.

An da gëtt e Comité de coordination geschafen tëschent Vertrieder vum Caravaning Club an der Gemeng, fir de Camping dann ze exploitéieren. Wien duerno de Volet Restauratioun gëtt – Dir wësst et, datt et fir de Moment vum CIGL à la satisfaction, mengen ech, vun all Mënsch gemaach gëtt. Wien duerno do decidéiert, dat wäert, mengen ech, sech dann am Fall vun enger Ausschreiwung da mussen decidéieren.

Mee wéi gesot, do ass och kee Grond, fir do direkt drun ze zweiwelen, dass de CIGL déi Aktivitéit wäert weiderféieren, wann en eis dann eng gutt Offer mécht.

Dat war et elo fir mech. Ech wollt elo d'Wuert weiderginn un de Lucien Malano, fir e bësse méi am Detail nach iwwer de Projet ze goen.

**Lucien Malano**

Merci fir d'Wuert. Gudde Moien alleguer.

Mir hunn zesumme mat den dräi hei genannte Büroen, Beissel & Ruppert, fir de ganzen Deel vun der Infrastruktur, Mobilitéitsvolet, Papaya hei vun Esch, wat de landschaftsplanereschen Deel ugeet, a Beng, wat d'Architektur ugeet, en Dossier zesummegestallt en vue vun deem, wat mer och am Kader vum Budget 2026 wëlle presentéieren.

Mir wäerten hei zum Schluss och Zuele scho kënnen nennen, déi dann am Laf vun 2026 natierlech hei am Gemengerot dann och zum Vott gestallt solle ginn.

Dir gesitt den Areal hei eng Kéier. Dir kennt den Areal vum Escher Gaalgebierg. Den Escher Camping Club besteet zënter 1962. Dat heescht, et kann een dovun ausgoen an et weess en et jo och, ouni elo grouss historesch Recherchë gemaach ze hunn, dass esou laang e Camping do uewe funktionéiert a vun deem Club och bedriwwe gëtt.

Ech mengen zur vollster Zefriddenheet, well déi ganz Zuele vun der Attraktivitéit a vum Zoulaf vun deem Camping sinn nach ëmmer esou, dass eebe grad begrënnt ass, dass ee sech mol erëm grondleeënd domat beschäftegt.

Wann ee seet, grondleeënd domat beschäftegt, da mécht een eng Analys dovun, da kuckt een, wéi den aktuellen Zoustand vun allen Infrastrukturen ass, wéi d'Dispositioun ass. Dat hei ass an eng Kéier gewisen, wéi déi ganz Situatioun um Areal verdeelt ass.

Den Areal ass eigentlech eng Parzell, déi der Stad Esch gehéiert. Eng grouss Parzell, déi 17 Hektar huet, déi souguer esou grouss ass, dass och ënnendrënner den Hotel Seven mam Restaurant Gaalgebierg an där Parzell leien. Dat heecht, et ass eng grouss Parzell, déi alles ëmfaasst. Och den Escher Déierepark läit do dran.

Den Areal vum Camping selwer an deem Ganzen ëmfaasst ronn 3 bis 3,5 Hektar. Dat soll och esou bleiwen. Et si schonn Ofstëmmunge gelaf mam Campingsbedreiwer, mam Camping Caravaning Club Esch.

No Ofstëmmung mat hinnen ass dat Areal eigentlech a senger ganzer Konfiguratioun gutt esou, soudass een net muss de Perimeter erweidere goen. Wat och positiv ass am Sënn vum PAG. Well am PAG, do ass déi Zon ausgwisen als Zone récréation et camping. Et ass also eng speziell Zon, déi fir déi Aktivitéit schonn ausgewisen ass. A ronderëm läit eng Zone forestière.

Dir wësst, dass dat da relativ opwendeg a komplizéiert géif ginn, wann een elo den Upsroch hätt, do eng riseg Vergréisserung ze maachen. Well déi ganz Begréngung, déi

ronderëm ass, soll natierlech entspriechend erhalen a respektéiert ginn.

D'Areal ass an deem Sënn gutt. Wann een awer d'Analys mécht vun der ganzer Infrastruktur a vun de ganzen Installatiounen a sech dann och erlaabt, ze vergläiche mat Campingen, déi et am Land ginn, déi méi rezent renovéiert, reamenagéiert ginn, da kënnt een natierlech ganz schnell zu Saachen, déi net méi grad esou up do date sinn. Zu Saachen, déi net méi grad esou komfortabel sinn. An zu Saachen, déi einfach feelen, déi d'Attraktivitéit haut vun neie Campingssituatiounen awer ausmaachen.

De ganzen Areal huet aktuell zirka 140 Plazen. Dorënner opgedeelt, wat elo scho kuerz ugeschwat ginn ass, déi dräi Aktivitéiten oder Aktivitéitennotzungen, net méi vill vu Monteuren, déi temporär hei zu Esch eng gënschteg Ënnerkonft sichen, déi dann zäitweis um Camping sinn. Dat ass eng Traditioun, déi gëtt et ganz laang op eisem Camping. Dat sinn eng zirka 50 Plaze vun deenen 140.

Da sinn der eng 60-70 fir de rengen Tourismus ausgewisen. Dat heescht, wat ee wierklech kennt. Ob et elo weiderhin Zelttourimus ass oder ob et Caravaning ass oder ob et Mobilhomë sinn, déi nach ëmmer bis erop op de Camping kommen.

An da last but not least ass och nach eng Unzuel do vu méi Longue-duréen. Dat si Mobilhomen a Caravaning-Caren, déi do stinn. Déi eebe méi laang do stinn, wéi den Numm et seet. A respektiv déi och souguer vum Camping Club selwer verwalt ginn. Déi also verlount ginn un d'Leit.

Dat ass de Bestand.

Wat stellt ee fest bei deene ganzen Infrastrukturen? Dir wësst, am Entréesberäich gëtt et e ganz komfortabele Receptiounsdeel. Deen ass och relativ nei, well deen ass eréischt an de Joren 2010 dorëmer op Initiativ vum Camping Club ganz nei gebaut ginn.

Dat ass en Element, do muss een net ganz vill driwwer nodenken, dat kann een esou tel quel halen. Eebe well d'Struktur gutt ass, well d'Substanz gutt ass. A well déi ganz Konfiguratioun sech och ubitt, fir deen Entréesberäich einfach ze respektéieren.

Da gëtt et allerdéngs Infrastrukturen, déi net grad esou komfortabel an net méi grad esou konform si par rapport zu den haitegen Usprëch.

De ganzen zentrale Beräich, wou eigentlech haut den Openthalt vun de Campingsleit – do kënne Reunioune gemaach ginn, do ka sech gesi ginn, do kann de ganzen Austausch stattfannen. Deen zesumme mam Sanitärsberäich, mam eenzege Sanitärsberäich – dat ass ganz wichteg ze soen – ass natierlech net méi sou zäitgeméiss.

Well dee Sanitärsberäich ass net nëmme fir d'Clientèle vum Camping genotzt, mee dann och notamment fir d'Clientèle vun der Buvette-Restaurant, déi do ass.

Bon, den Zoustand vun deem Gebai kënnt Der lech selwer ukucken. Do ass scho méi laang a méi oft driwwer disktuéiert ginn an och ëmmer deelweis renovéiert ginn. An dann, mat wéinege Moyenen, ass dat ëmmer erëm à jour gehale ginn. Eng grouss Renovatioun huet ni stattfonnt.

Mee et ass virun allem an dem zentrale Komplex, wou de Sanitärsberäich eebe Misär mécht. Et soll een an Zukunft kënnen driwwer nodenken, fir notamment dee Volet anescht ze traitéieren.

Dann huet een déi ganz infrastrukturell Situatioun. D'Weeër, déi do sinn, déi kann

een duerchaus herno erëm esou an hirer Konfiguratioun, sou wéi se vun hirer Ausleeung do ugluecht sinn, notzen. Allerdéngs dat, wat draläit, muss ee grondleeënd renovéieren.

Do geet et souwuel ëm Kanal, do geet ëm Waasserversuergung, do geet et ëm Elektresch. Wifi ass zum Beispill e Reseau, deen am Laf vun der Zäit natierlech dohi komm ass, op Demande vun de Campingsleit. Dat si Saachen, vun deenen een och weiderhi wäert profitéieren. Déi sinn haut schon do.

Et wäert een och kënnen dovu profitéieren, wann ee vu Infrastrukture schwätzt, dass d'Stad Esch virun enger Rei Joren déi ganz Montée Gaalgebierg erop renovéiert huet, zumindest vum Parking hier, bis erop hannert de Camping. Dat war eeben am Kader vun dem ganze Projet vum Déierepark mat de Bamhaiser.

Do konnt déi ganz Stroosseninfrastruktur mat de Reseauen, déi draleien, erneiert ginn, soudass dat deem heite Projet natierlech och scho wäert guttdoen. Well soss hätt een dat och nach alles missen an de Projet mat eranhuelen. Dat ass also scho gemaach.

Dann huet een um Areal déi ganz infrastrukturell Situatioun. Als Beispill an als Verglach zum Standard wéi et haut soll sinn. Also Waasserpunkten, Point-d'eauen huet een do e Ratio vun zirka ee pro 30 Plazen. Am neie Standard seet een awer, dat wier gutt, wann dat ee pro zéng wier. Dat fënnt een och op neie Campingen esou erëm.

Feierstellen. Dat heescht net, fir Feier ze maachen, mee Feierlöschstellen huet een hei ee pro 40 Plazen. Och do soll ee sech e Ratio erlabe vun eent zu zéng. Also esou Infrastrukture soll een an deem Kontext natierlech dann och grondleeënd erneieren.

Dat wäert alles en Deel vum neie Projet sinn. De Projet soll a senger Konfiguratioun herno esou ausgesinn, dass een eng aner Repartitioun vun deene ganzen Aktivitéiten huet. Déi dräi Aktivitéiten, déi ech genannt hunn, déi solle bleiwen. Just an der Unzuel solle se eng Kéier iwwerduecht ginn. An och entspriechend nom Besoin an no deem, wat de Bedreiwer fir d'Zukunft aschätzt, nei orientéiert ginn.

Do hutt Der hei d'Zuelen emol ugedeit, wéi dat méiglech wier. Déi ganz Repartitioun och méi koherent opgedeelt. An deem, wat een op der rietser Säit gesäit, wier dann deen Deel vun dem sougenannte Monteurstourismus.

An dem gielen Deel hätt een en neit Element, wat sécherlech nach net op eisem Camping ze gesinn ass, wat een awer elo a ganz viller Varianz op ville Campingen erëmfënnt. Dat sinn déi sougenannt Logements oder Gîtes insolides. Déi iwwregens och säitens vum Tourismusministère ganz staark subventionéiert an ënnerstëtzt ginn.

Dass een dat soll wierklech an d'A faassen, wann een esou grouss Renovéierungen ugeet. Fënnt een, wéi gesot, op Campingen, déi nei sinn, och a ganz grousser Varianz.

Entre-temps ginn et do Modeller, déi kann ee sech souguer a Form vun ëmgebaute Schëffscontainere virstellen. Do ginn et ganz flott Beispiller, déi een elo schonn am 1:1 hei am Land ka kucke goen op d'Plaz.

Dann des Weideren natierlech dat, wat weider de weidere groussen Aspekt ass, ass natierlech den Tourismus am zentralen Deel hei. An da ronderëm nach ëmmer wat de sougenannte Longue-durée ass. Also déi Plazen, wou de Campingsbedreiwer da selwer och eng Locatioun drop mécht mat senge Konditiounen.

Hei gesitt Der, das zwee sou orange-giel Elementer duergestallt sinn op der rietser an

op der lénker Säit. Dat wieren am Fong déi nei Sanitäranlagen, déi dann dozou bäidroen, dass een net op enger eenzeger Plaz a vermëscht vun allen Aktivitéiten ee Sanitärblock huet.

Also als Beispill an am Verglach soll een och do kucken, dass d'Accessibilitéit vun esou engem Sanitärblock bei enger Distanz Fousswee vun ënner 100 Meter läit. Dat ass esou de Standard, deen een erëmfënnt.

Am Verglach, hei si mer am Moment. Mat deem Zentralblock si mer bei wäit iwwer 150 Meter fir déi extreemst geleeën Campingsplazen. Dofir soll een dat als éischt ugoen, dee Sanitärsberäich, fir jeeweils déi zwou Säiten nei unzeleeën.

Dann an der Mëtt dat Hellblot, dat ass net déi ugeschwat Waasserfläch. Déi Faarf ass e bëssen onglécklech gewielt. Dat soll eng Multisport- an eng Spillplaz sinn, déi dann och vill méi zentral läit, wéi dat haut de Fall ass. Haut läit se ënnen an deem Eck, wou déi 7, 8 Stellplazen hei ugedeit sinn. Sou dass se do relativ abseits läit. Hei géif een dat vill méi zentral maachen.

An dann eeben dee Block, deen an der Entrée bleift, dee ganz renovéiert gëtt. Dat ass eeben dat, wat mer als den neien zentrale Komplex vum Camping wäerte gesinn. Ech weisen do nach e Bild dozou.

Hei ass den alen Deel nach, wou et, wéi gesot, vermëscht ass Sanitär mat Openthalt. An dann eeben déi Buvette-Restaurant, déi an der Entrée steet.

Hannendru wier et dat heiten, mat engem ganz neien zentrale Block, wou och och alles dra regruppéiert ass. Wou ee sech kann dra virstellen, hei ass et ugedeit, dass ee souwuel Restauratioun huet fir deen Deel, dee Camping ass. Also fir d'Clienten a Modellcamping, wéi awer och eng Restauratioun no baussen.

Dat ass an deem Sënn och interessant, fir de ganze Komplex, an notamment fir d'Finanze vun deem Invest hei, dass den Tourismusministère seet, bei Installatiounen, déi kënne genotzt gi fir d'Ëffentlechkeet vu baussen, déi Net-Campingsclientèle ass, kritt een eng aner Ënnerstëtzung wéi déi normal Ënnerstëtzung, déi ee fir Tourismusinstallatioun kritt. Sou dass dat och dozou wäert bäidroen, dass een dat méi op mécht no baussen.

Et ass natierlech och haut schonn op am Betrib, mee et ass awer vermëscht. Et ass getrennt Aktivitéit.

An da gesitt Der och hei ugedeit – huelt déi Moosse vläicht nach net als allerleschte Worf, mee et ass emol, fir e Platzhalter ze weisen. Wéi vill Plaz bräicht een, wann een dat uleet.

Eng Waasserfläch; Piscine ass vläicht e groussen Numm. Wann een eng Waasserfläch huet vun 10 bis 15 Meter Längt op 5, vläicht 7 Meter Breet, dann ass dat natierlech eppes, wat nach bescheiden ass. Mee wat awer dem Notzen op engem Camping bei der Gréisst, déi mir hunn, awer sécherlech kéint duergoen. Mat niewendrun engem Plantschbecken, wéi een dat normalerweis dann och virgesäit fir kleng Kanner.

An dann huet een eeben hei duerch déi ganz Orientatioun vun deem Komplex souwuel wärend de Camping- wéi wärend d'Ëffentlechkeet, dee Wee, deen ech ugeschwat hat, dass een do och eng Zougänglechkeet huet, déi dat Ganzt ganz transparent wäert maachen.

Vun der Gréisst hier huet den aktuelle Komplex eppes iwwer 400 m². Deen dote wäert an der Gréisstenuerdnung net vill méi grouss sinn. Et ass an där Gréisstenuerdnung, wou een dat alles kéint ënner Daach bréngen.

Hei wier eeben de Virdeel, dass een dee grousse Sanitärblock, deen am Moment am

Bestand ass, géif hei erauskréien, well een dat Ganzt géif opdeelen.

Eng 3D-Simulatioun emol. Dat do ass déi aktuell Situatioun, déi ech kuerz beschriwwen hunn. Do gesäit een eng Kéier, wéi dat Ganzt verdeelt ass. Mat hannen am Eck der Spillplaz, dem Terrain multisport, deen et haut scho gëtt. Mat dem Restaurant an der Entrée, mat der Receptioun an eebe mam Sanitärblock a mat dem ganzen Openthalt. Sou wéi Dir et haut kennt.

Hannendru kéint sech dat Bild also, sou wéi dat heite weist, drastesch änneren.

D'Mobilitéit. Och déi ganz Weeër bannendra géifen eng nei Konfiguratioun an deem Sënn kréien, dass een d'Weeër einfach anescht ausweist an dass een d'Zoufaarten anescht ausweist. D'Parkplazméiglechkeete sinn haut scho ginn. Se si banenndra ginn, respektiv baussen ass jo nei ugeluecht ginn. Och am Kader, wou déi ganz Strooss gebaut ginn ass.

Ass eigentlech de Moment ni e grousst Theema, kee grousse Problem, eebe well de Problem och deelweis bannen um Site geléist ass. An dobäi wäert et och bleiwen. Dat wäert elo net mussen a punkto Parkméiglechkeeten an esou weider riseg opgerüst ginn.

Do mécht een dat, wat haut och schonn am Sënn vum Betrib funktionéiert. An dat léisst een esou sinn. An dee kontrolléiert den Accès an der Entrée vum Camping. Deen ass gutt, wéi en haut ass. Dee kann een och esou an Zukunft bäibehalen.

Hei ass déi ganz nei Konfiguratioun eng Kéier gewisen.

Natierlech, dat Grénge, wat haut schonn immens predominant ass um Site, dat wäert och zukünfteg esou bleiwen. Eng Rei vum Bambestand, dee krank war, konnt schonn am Laf vun der Zäit ewechgeholl ginn, an Zesummenaarbecht mam Fierschter.

Et wäert och an Zukunft mussen nach doru geschafft ginn. Dat fält natierlech alles ënner déi entspriechend Geneemegungen.

Och den Areal vum Camping, wann en als Zone de recréation a Zone de camping ausgewisen ass, brauch eng Autorisatioun an deem Sënn, well mer am PAG dann awer och op deem doten Areal den Artikel 17 an 21 aus dem Naturschutzgesetz spillen hunn. Sou dass déi ganz Etude d'impact, déi muss natierlech och fir dat Areal entspriechend gemaach ginn. Geméiss der neier Konfiguratioun.

Iwwregens brauch esou e Camping och no der Nomenclature vum Aarbechtsministère eng ITM-Geneemegung. Dat heescht Commodo-incommodo. Och dat ass e Volet, deen natierlech muss traitéiert ginn.

Da sinn ech scho bal beim Planning, dee mir eis virstellen. Mir schaffen, wéi gesot, de Moment dorun, fir dass mer kënnen am Laf vun 2026 den entspriechenden Devis hei dem Gemengerot virleeën, dass deen hei ka gestëmmt ginn. An dass mer da kënnen am Laf vun 2026 och schonn eng éischt Sousmissioun lancéieren.

Wann een domat ufänkt, ass logesch, dass ee mat den Infrastrukturen ufänkt a sech gegeebenenfalls op der lénker an op der rietser Säit – dat stëmme mer nach of mam Campingsbedreiwer – dann ufänkt, den éischte sanitäre Block en place ze kréien, fir dass ee méiglechst do eng Ofdeckung huet.

De groussen Defi vum Projet oder vum Chaniter wäert natierlech sinn, dass een natierlech ënner Betrib dat Ganzt muss maachen. Mir kréien de Campingsbetrib wärend där Zäit do net fort. An dat bedeit eeben eng intensiv, extreemst Ofstëmmung

mat deem, deen domat muss eens ginn. Sprech mam Bedreiwer.

Dann hannendrun, wéi gesot, den Ufank vun den Aarbechten idealerweis am Laf vun 2026. An dann déi Phasen, déi nach dobäikommen, mussen nach am Detail gekuckt ginn. Mee dass mer dat och elo budgetär esou opdeelen, dass mer dann an deene Joren duerno erëm en neie Camping kéinten à disposition stellen.

De Moment sinn d'Schätzunge vun deem nach méi sommairen Dossier, wéi en hei gewisen ass, bei ronn 12,5 Milliounen Euro. An no deenen Dispositiounen, déi am Gesetz iwwer d'Subventionéierung – dat ass d'Gesetz vum 16. Mee 2023 iwwer den eelefte Plan quinquénnal vum Subsid iwwer d'Tourismusinfrastrukturen.

Wann een do mat deenen Tauxe sech et emol eng Kéier erlaabt, auszerechnen – natierlech sinn do nach e bëssen Inconnuen dran, deemno wéi vill dass ee vun deem insolide mécht a wéi wéi vill dass een ugerechent kritt vun deem, wat ëffentlech zougänglech ass iwwer déi Tauxen, déi ech virdru kuerz ugedeit hunn, da kënnt een op e Gesamtsubsid kann ee rechne vu ronn engem Véierel vun deem Montant.

Also bei 3 Millioune kann ee rechnen, dass dat kéint landen. Natierlech ëmmer sous résèrve, dass deen Dossier nach net agereecht ass. Dat sinn alles Etappen, déi an den nächste Méint da wäerte kommen.

Voilà, ech mengen, dat war dat, wat ech konnt zu dem aktuellen Dossier soen. Merci.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Malano.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Hutt Der nach eppes bäizefügen, Här Knaff?

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Ech mengen, den Här Malano huet dat gutt gemaach. Huet dat gutt explizéiert. Déi Presentatioun krutt Der och de Moie bäigeluecht.

Wat déi graff Schätzung elo ass, wat de Projet géif kaschten. Den Här Malano huet et gesot, ongefeier 12 Milliounen. 3 Millioune sinn à peu près Infrastrukturaarbechten. An da géifen à peu près 9 Millioune bleiwe fir de Projet a Stand ze setzen.

An do hate mer schonn eng Entrevue beim Tourismusministère, deen dee Projet och ënnerstëtzt a frou ass, datt mer géifen op dee Wee goen, well si selwer dat och eng Kéier, mengen ech, virun den 23er-Walen erop kucke komm sinn. A mir eis och e bëssen un d'Häerz geluecht haten, an deem do Domän aktiv ze ginn. A soudatt mer do d'Ënnerstëtzung vum Ministère hunn.

A wéi gesot, de Planning wär éischt Devisen, plus d'Konventioun wat d'Gestioun ugeet an da géife mer starte mat den Aarbechten.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Knaff.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Ech schléisse mech direkt emol dem Här Knaff bei enger Saach un. Merci, Här Malano, fir déi

Presentatioun an de flotte Projet, deen Dir eis hei virweist.

Mir si frou, dass et dee Projet do gëtt. Ech mengen, dat geet an dat ganzt Konzept, dat d'Stad Esch sech gëtt fir de Gaalgebierg. Denke mer dru mat de Bamhaisercher, mam Déierepark. Och, dat musse mer awer trotzdeem soen, wat e ganz flotte Projet ginn ass mam Bëschkierfecht, wou mer elo neigemaach hunn.

Elo kënnt dann de Camping als nächst dru, fir dat Ganzt neizemaachen. Accessibel fir d'Leit. Wat och ganz positiv.

An ech mengen, den Här Buergermeeschter oder den Här Knaff hat et am Ufank gesot, de Restaurant ass relativ ëmmer gutt besicht. D'Leit si frou, erop an d'Campingsstuff iessen ze goen. An ech sinn och frou, ze gesinn, dass dat méi grouss soll och ginn, dass do méi Leit kënne kommen.

Mir hate virdrun hei mat der Madamm Scholl geschwat, dass et do ëmmer flott Concerte vun der Harmonie och ginn, wou d'Leit och gär higinn. An dat soll och an Zukunft da weiderhin eng Plaz sinn, wou d'Leit kënnen an der grénger Long vun Esch iessen a schéin Zäit verbréngen.

Ech mengen och, dass et am Kader vun eiser Tourismusstrategie, déi mer eis selwer als Stad Esch wëlle ginn, fir nach méi accueillant ze si fir Touristen, dat duerchaus maachen. Wie weess, vläicht huele se dann eis nei Mountainbikes, fir eropzefueren an duerno nach en Tour um Gaalgebierg ze fueren.

Ech mengen, dass dat alles eng gutt Geschicht gëtt.

Ech hunn awer trotzdeem eng méi technesch Fro oder allgemeng mol eng Wëssensfro. Well den Här Malano hat et ugedeit, dass et schwiereg gëtt, an engem besteeënde Betrib, dee muss weidergefouert ginn, déi Chantieren ze maachen. Dat si jo Chantieren, déi awer e bëssen Zäit huelen.

Gëtt et do vläicht Perioden, wou et méi creux ass, soen ech elo mol, wou ee seet, hei do ass méi ubruecht, fir déi Aarbechten ze maachen? Wéi ass allgemeng d'Besichung vum Camping? Ass do iwwer d'ganzt Joer ausgebucht? Ginn et do effektiv dann esou Perioden, wou iwwerdimensional Demandë sinn, fir bei eis op de Camping ze kommen?

Well – an dat ass eng Tatsaach, mengen ech, déi mer alleguer gesinn – d'Demande fir Campinge geet ëmmer méi an d'Luucht. D'Leit wëllen dat maachen, well se wëlle méi Plaze kënne matenee besichen. An dofir fannen ech dat hei eng ganz gutt Saach.

A mir als LSAP sinn och frou, dass dee Projet hei virgestallt gouf a mir freeën eis drop, wann en ëmgesat gëtt. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck.

Mir huelen als éischt d'Membere vum Gemengerot, duerno kann den Här Malano nach op technesch Froen äntweren. Dann ofschléissend den Här Knaff.

D'Madamm Ragni huet d'Wuert an duerno den Här Baum.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Wa mir e grousse Räichtum hei zu Esch hunn, dann ass et definitiv eis Natur. Ech mengen, nëmme e puer Schrëtt vum Zentrum ewech

hu mer dann eis gréng Long mam Ellergronn a mam Gaalgebierg do uewen. Deen net nëmmen eng flott Saach ass fir d'Escher, mee deen och ganz gutt besicht ass vun Net-Escher.

Ech mengen, deen heien Deel elo nach eng Kéier ze moderniséieren a méi nohalteg ze gestalten, ass eigentlech eng logesch Suite vun deem, wat mer eigentlech schonn do uewen hu mam Déierepark, mat de Bamhaiser. Wat wierklech immens flott ginn ass an och a kenger anerer Gemeng esou ze gesinn ass wéi hei zu Esch.

Wat ech och ganz gutt fannen, ass eigentlech, dass d'Natur, déi ronderëm besteet, dass dat och alles esou erhale bleift an dass wierklech gekuckt gëtt, fir esou, wéi et de Moment dann och scho besteet, dat Ganzt ze moderniséieren.

Ech muss awer soen, wéi ech elo dat hei e bësse gekuckt hunn, an och mam Camping. Als passionéiert Educatrice, wann ech natierlech esou e magesche Staf hätt, da géing ech mer zum Beispill och nach esou e klengen Dortoire do uewe wënschen, wou een da kéint zum Beispill och mol Schoulklassen do uewe schlofe loossen. Oder eventuell eng Maison relais, déi do erop géif goen. Dat wär natierlech ganz flott.

Mee wéi gesot, dat wär just, wann ech elo esou e magesche Staf hätt. Ech mengen, dat wär mam Déierepark och eng flott Méiglechkeet fir d'Schoulklassen a fir d'Maison-relaisen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni.

Den Här Baum, duerno d'Madamm Scholl an duerno den Här Schmit.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och fir d'Presentatioun.

Ech fannen, et ass wierklech e ganz flotten an interessante Projet vun der Renovatioun, deen effektiv awer och iwwer den Tourismus selwer erausgeet. Well effektiv si jo och nach weider Plaze virgesi fir Monteuren, Ouvrieren, déi dohi kommen.

Dat heescht, en huet awer och eng sozial Dimensioun, déi en elo schonn huet. An déi gëtt bäibehalen, déi gëtt matgeduecht, déi gëtt weidergeduecht. An dat fannen ech wierklech exzellent.

An d'Presentatioun ass wierklech, muss ee soen, ganz gutt gemaach a ganz flott.

Ech hätt awer och nach e puer Froen. Deelweis un den Här Malano, deelweis awer och vläicht un de Schäfferot.

Dir hutt gesot, 2026 rechent Der, wann alles gutt geet, fir kënnen eventuell Sousmissiounen an duerno ze starten. Wat ass déi insgesamt Bauzält, mat där Der rechent? Also wéini denkt Der, datt et am beschte Fall kéint opgoen? 2028, 2029? Wat sinn do d'Zäitschinnen?

Dann eng Fro – et gëtt erweidert. Insgesamt wäerten eng, wann ech richteg zesummegezielt hunn, net grad 120 Emplacementer, do sinn. A verschiddene Kategorien.

Also vu Monteur-ouvrieren, Longue-duréen, Tourismus, wat jo éischter sporadesch ass, respektiv Glamping. Ass et de Camping Club selwer, deen dat Ganzt geréiert, alles wat Hebergement ass? Oder wéi ass dat opgedeelt, ugeduecht?

An och hei d'Fro: Bei den aktuellen Utilisateuren – de Campingbetrib muss jo weidergoen. Do huet een och eng ganz

Rëtsch Leit, déi de longue durée do sinn. Wat geschitt mat deenen?

Ginn déi innerhalb vum Chantier relogéiert, wann een dat esou nenne kann? Oder wat sinn do d'Iwwerleeungen, wéi ee mat der aktueller Situatioun, wou awer och Leit schonn deelweis zënter Joren do sinn? Bleiwen déi? Wat geschitt mat deenen? Wann Der vläicht do nach kéint e puer Äntwerte ginn.

An da wollt ech och froe generell, ob Der lech och scho Gedanke gemaach hutt, wat d'Tarfikation ugeet. Dat heescht, wat kascht dat do? Hutt Der scho Virstellungen oder ass dat elo nach ze fréi, fir dat ze soen?

Dat huet jo dann och mat der Fro vum Bedreiwer ze dinn a wéi do d'Verhältnis opgestallt.

Voilà, déi puer Froen, mee et ass wierklech e ganz interessante Projet.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

D'Madamm Scholl.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Dir Léif alleguer, ech wéilt dann och vun der DP-Fraktioun dem Här Malano villmools Merci soe fir dee flotten, knackege Projet, dee mer hei virleien hunn.

Natierlech si mer och ganz begeeschtert iwwer dee glamoréise Camping, deen dann do wäert am Fong stattfannen. Mir hunn och eng oppe Mini-Schwämm, wou ech dann och wäert drakomme vu menger Héicht hier a wäert Fouss faassen.

Mee en tout cas, ech mengen, fir alleguer déi, déi hei um Dësch sëtzen, an all eis Escher an Escherinne wëssen, wat fir eng Bedeitung de Camping huet. Et ass eng Plaz fir jiddereen.

Ech mengen, et gouf och scho virdrun alles e bëssen opgezielt, wat et alles esou ronderëm do gëtt. Vum Déierepark, awer och eis Sportinfrastrukturen, wou ech dann awer och wëll soen, dass ëfters mol no engem Laf dann d'Sportler erop eng Nuddel iesse gaange sinn an d'Campingsstuff. Dat ëmmer am Fong geholl e Lieu war, wou d'Leit sech begéint hunn.

Ech hat dem Här Funck virdru gesot, dass d'Stadmusek effektiv eemol d'Joer – an et ass en Traditiounsconcert, deen am Fong ëmmer um Camping do gespillt gëtt. Ech fannen et ganz gutt, dass d'Emplacementer, dass dat Ganzt e bësselchen aneschters strukturéiert gëtt.

Well ech ka mech erënneren, d'lescht Joer hat ee sech am Sanitär d'Zänn gewäsch an en huet mam Zännwäschen mat der Zännbiischt eraus aus der Fënster op den Orchester gekuckt. An den Orchester och op d'Zännbiischt gekuckt.

Am Fong mengen ech, dass mat där ganzer Ëmstrukturéierung eng gewëss Logik dohannert ass, deem deem Ganzen am Fong och Rechnung dréit.

Mir, en tout cas, kënnen dëse Projet just ënnerstëtzen. Et mécht Sënn, eis gréng Long vun Esch esou ze valoriséieren. Ech soen lech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Scholl.

Den Här Schmit an duerno den Här Bermes.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Jo, wéi gesot, Galebierg. Et ass wouer, datt Esch ouni de Galebierg net ze denke wier, an ëmgekéiert och net. Et ass bestëmmt en Areal, wou eis alleguer scho Freed gemaach huet. An datt dat elo moderniséiert gëtt, oder soll ginn, kann een nëmme begréissen.

Fir elo op den Deel Subventiounen ze kommen. Do ass, mengen ech, ugedeit ginn, wann een den Areal esou vill wéi méiglech och d'Visiteuren dovu profitéiere léisst, dat heescht, net nëmmen d'Camperen, mee och d'Visiteuren, datt een dann d'Subventiounen nach vläicht kéint eropdreiwen. An dat ass vläicht dee Gedankegang, dee wou ech hei nach vläicht wéilt no vir dreiwen.

Et ass ëmmer gutt fir eis Keesen, wa mer sou mann wéi méiglech vun eise Sue mussen dozou bäisteieren. Mee wa mer do Subventioune kréien esou vill wéi méiglech, wär dat de richtege Wee, wou ee menger Meenung no sollt goen.

En plus kënnen dann nach méi Leit duerno dovu profitéieren. A sou vill wéi méiglech da vun deem Areal och notzen. Wat jo am Fong geholl och fir Esch a fir d'Renommée vun Esch nëmme ka gutt sinn.

Also wann een do vläicht nach kéint kucken, wéi een dat kéint ausreizen op e Maximum, an datt et da vläicht e bësse manner gëtt wéi 9 Milliounen, déi fir eis iwwereg bleiwen, dat wär menger Meenung no de Wee, wou een do kéint goen.

Et war eng Remark gemaach gi mat den neie Vëloen, mat den Elektrovëloen. Ech hoffen, déi hu gutt Batterien. Well ech selwer sinn an der Zäit schonn eleng an ouni Batterie, also mat engem normale Vëlo do eropgefuer. An am Moment maachen ech dat net méi aus offensichtleche Grënn.

Mee wëll soen, souguer e gudden Elektrovëlo, dee muss Power hunn. Also dat kënne mer vläicht dann nach emol praktesch kucken, wéi dat wäert goen.

Jo, mee op jiddefalls e ganz interessante Projet.

Wat ech nach woll froen, ass den Accès am Fong geholl. Wann dat do elo fäerdeg sollt sinn – dat ass natierlech nach, hat mech mer och nach opgeschriwwen, wéi den Här Baum et och sot, Début et Fin des travaux. Datt een dat esou, solle mer soen, genau wéi méiglech am Virfeld géif kennen. Dat wär zum Beispill e ganz groussen a wichtege Punkt vun deem heite Projet.

Well wann dat jo soll gemaach ginn, dann ass dat eppes, wat net kann am Fong geholl an net soll, wéi déi meescht Bauprojeten, déi wou dann trotzdeem all grouss Retarde kréien.

An deem heite Fall wär et wierklech schued, wa Retarde géife kommen. Well da kéint een am Fong geholl jo net esou schnell an net esou gutt vun deene ganze Saache profitéieren.

An dat wär hei, solle mer soen, méi e Problem wéi vläicht bei anere Projeten, wou mer hunn. Dat heescht, Début et Fin des travaux wier hei wichteg.

D'Accèsen, wéi gesot, d'Visiteuren, hat ech jo schonn emol ugeschwat, och e ganz wichtege Punkt. Sou vill wéi méiglech wier och super. Net nëmmen eleng aus finanziounstechnesche Grënn. An den Déierepark, datt deen nobäi ass, d'Baumhaiser och. Dat sinn alles, solle mer soen, Plussen, wou dem ganzen Areal nëmme kënnen déngen.

An da wollt ech vläicht nach eppes soen, e wichtege Punkt nach iwwer den Accès. An zwar den Accès iwwer d'ganzt Joer gesinn. Well mir wësse jo, mer hunn déi berüümt Francofolies gehat, déi wou dat Ganzt am Fong geholl an den Tifküler wärend dem Summer eng gewëss Zäit laang leeën.

An dat ass zum Beispill en negative Punkt. Et misst ee kucken, datt een d'Acccessibilitéit esou grouss wéi méiglech dann huet wéi wärend dem ganze Joer. An, jo, dat wär hei och e Punkt, wou wichteg wär.

A wa schlecht Wiederkonditioune sinn, natierlech ass et och méi schwéier, fir eropzekommen. Mee bon, dat si Saachen, do gëtt et jo elo och scho Bussen, Minibussen, déi wou, solle mer soen, versichen, do den Accès esou laang wéi méiglech och bei schlechte Wiederkonditiounen ze garantéieren.

Dat wäre vläicht nach Punkten, wou misst gekuckt ginn. Mee dat do esou mann wéi méiglech, solle mer soen, datt déi Saach gespaart gëtt, datt den Accès wierklech do ass an datt d'Leit och kënne vun deem Investment, wou mer dann hei maachen, an där Renovatioun, wou ech och soen, datt se néideg ass. Datt mer alleguer kënnen dovu sou gutt wéi méiglech profitéieren. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

An ofschléissend den Här Bermes.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Och merci, Här Malano, fir déi flott Presentatioun. An och Felicitatioun un Är Servicer an un lech fir d'Ausschaffe vun dësem Konzept.

Ech mengen, et ass schonns e puermol hei gesot, de Gaalgebierg, hu mer Chance ze hunn. Et ass eis gréng Long a mir sollen och dovu profitéieren. A mir sollen och alles maachen, fir datt d'Leit kënnen dohi goen.

Och vu baussen, an dozou gehéiert eeben e moderne Camping. An dat hei ass en immens flott Konzept, wou alles scho geduecht ass. Et ass integréiert an d'Natur, et kommen all d'Infrastrukturen. Dofir kann een dat hei nëmmen ënnerstëtzen.

Ech sinn och frou, datt d'Campingstuff vergréissert gëtt. An déi gëtt jo och vum CIGL bedriwwen. An déi kréie jo och nei Vestiairen a Büroen a sou weider. Dat heescht, et ass un alles geduecht. Net nëmmen un d'Leit, déi dohi ginn, mee och un d'Leit, déi do schaffen.

Dofir kënne mir als CSV dat hei nëmmen ënnerstëtzen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes.

Här Malano, hutt Der e puer Äntwerten op verschidden technesch Froen?

**Lucien Malano**

Jo, fir d'éischt, déi Fro ass zwee-, dräimol gestallt ginn, wat de ganze Planing ugeet.

Ech mengen, d'Virgab un d'Servicer ass kloer. Dat Ganzt soll innerhalb vun dëser Mandatsperiod realiséiert ginn, sou dass mer de ganze Planing natierlech probéieren, an déi Fënster anzebauen. Dass dat dann och fäerdeg ass, wann dës Mandatsperiod eriwwer ass.

De Betrib zesumme mam Chantier ass natierlech eng Erausfuerderung. Ech hat et direkt gesot.

Et ass d'Fro gestallt ginn, wéi eng sinn déi Zäiten, wou et méi creux ass. Ech mengen, et ass normal bei engem Campingsbetrib, dass an der Summerzäit, wann d'Wieder wonnerbar ass, dass do uewen och de meeschten Zoulaf ass.

Dat widdersprécht sech natierlech, dass dat och déi bescht Zäit ass vun engem Chantier. Well e Chantier mécht een am léifsten och dann, wann net grad déi schlechtst Wiederkonditioune sinn.

Dofir, dat muss natierlech am Detail ofgestëmmt ginn an do muss wierklech och de Bedreiwer permanent dobäi geholl ginn. Do kënne mer net einfach iwwer säi Kapp ewech decidéieren. Dat ass kloer.

An dodrun hänkt dann och d'Fro vum eventuelle Relogement. Dat ass, mengen ech, awer eng Fro un d'Politik. Wa sech do uewe géif erausstellen, dass wärend enger Zäit vum Chantier ze vill Leit missten eraus, da misst dat emol féistméiglech erkannt ginn a matgedeelt ginn. An da muss natierlech eng entspriechend Decisioun hannendru geholl ginn.

Do si mer nach net grad, mee ech mengen, do ass awer och eng grouss Fluktuatioun un deenen, déi dann effektiv do uewen am Beräich vun de Monteuren. Dat hänkt ëmmer e bëssen dovun of, wéi grad d'Chantierssituatioun an Esch an an den Alentourse vun Esch ass. Do spillt de ganze Facteur natierlech och mat.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci fir déi Explikatiounen.

Den Här Knaff huet ofschléissend d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, den Här Malano huet et gesot, mir wëllen e gär an dëser Mandatsperiod ofschléissen. Mir fänken elo un 2026. An no den éischte Gespréicher wär souguer eng Ouverture 2028 machbar, wann alles géif honnertprozenteg gutt goen a mer keng Imprevue géife kréien.

Esou wéi mer et mam aktuelle Bedreiwer negociéiert hunn, wär et esou, datt si sech géifen ëm déi ganz Gestioun bekëmmeren. Dat heescht à la fois de Camping selwer, wou d'Leit, d'Saisoniere kommen. An dann och de Camping longue durée an och dann déi insolide Logementer.

Firwat? Well si trotz allem eng laangjäreg Experienz hunn an der Exploitatioun vun deene Campingen.

Wat de Longue-durée ugeet, do ass et esou, datt d'Zuel vum Longue-durée e bëssen erofgeet. Dat heescht, et sinn net méi esou vill Leit. Dat war an den 2010er-Joren eng flott Saach fir verschidde Leit, mee et mierkt een, datt elo awer de Fait, fir do Karawannen opzestellen a reegelméisseg do ze sinn, datt dat e bësse sech emousséiert.

Mir mussen och do kucken, wa mer elo mat der éischter Phas amgaange sinn, mat de Leit, déi do nach esou e Longue-durée hunn, och kucken, wat hir Virstellunge sinn. Ob si nach wëllen do bleiwen. A wéi mer dat mussen organiséieren.

Mir wëssen, datt dee Problem besteet och wärend den Aarbechten, wou setze mer d'Leit hin. Mir wäerten do déi richteg Solutioun fannen.

Iwwer d'Tarifikatioun hu mer nach net geschwat, mee et ass net geduecht, fir – wou ech d'Madamm Scholl dann e bësse bremsen – e glamuréise Camping ze maachen.

Mir wësse schonn, wat fir eng Responsabilitéit mer hunn, well mer à la fois dee Monteurs-

beräich, awer och dee Beräich vun de Visiteuren an den Touristen. Mir wäerte scho kucken, datt dat an der Norm bleift.

Mir hunn och do eng gewëss Verantwortung fir de Süden. Mir sinn deen eenzege Camping, deen et nach an der Südregioun gëtt. Dat heescht, et ass scho wichteg, datt mer deen esou opstellen, datt jiddweree kann deemno op Esch kucke kommen.

Voilà, ech mengen, dat waren déi Äntwerten, déi mer elo kéinte soen. Mee d'nächst Joer wäerte mer nach eng Kéier iwwer de Projet schwätzen, mat deenen éischten Devisen, déi mer lech wäerte virleeën.

An och mat der Konventioun, déi mer zesumme mam Caravaning Club maachen. An do wäerte mer da schonn e bësse méi wäit si par rapport zu deene Froen, déi eis supplementar gestallt hutt. An och vläicht mat Zuelen, déi mer elo net preparéiert hunn. Wéini wat besat ass. Mee dat liwwere mer lech da mat.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Knaff.

Dat do war eng Presentatioun. Do hu mer kee Vott.

## 3.2. Règlement-taxe relatif aux marchés hebdomadaires et périodiques ; modification ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mer géingen dann awer bei de Punkt 3.2 kommen. Dat ass de Règlement-taxe par rapport zum Maart.

Den Här Knaff behält d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleegen, dat ass eng kleng Adaptatioun vun eisem Maartreglement, wat mer hunn. Dir wësst, datt heiansdo d'Place de l'Hôtel de Ville, wou eise Maart implantéiert ass, heiansdo gebraucht gëtt, fir aner Aktivitéiten ze organiséieren.

Et ass eng Plaz, déi ganz beléit ass, à la fois bei eisen eegene Servicer, fir gréisser Evenementer ze maachen. Mee och bei eise Veräiner a bei eisen Associatiounen.

An trotz enger Verbesserung vun der Situatioun brénge mer et net ëmmer fäerdeg, d'Maartplaz fräi ze hunn, wann d'Deeg vum Maart, dat heescht dënschdes oder freides, sinn.

D'Forainen hunn eis an deem Sënn och schonn e puermol ugeschwat, datt dat fir si awer keng gutt Saach ass. Si sinn am frousten, wa se hei kënnen op der Maartplaz, op der Stadhausplaz hire Maart maachen.

A well mer awer net kënnen garantéieren, datt all Kéier de Maart fräi ass, wollte mer hinnen dohigoend entgéintkommen, datt mer se géifen den Dag, wou se dann net kéinten hei op hirer normaler Plaz sinn, entbanne vum Standgeld, wat se normalerweis musse bezuelen.

Dat ass déi Modifikatioun, déi mer lech géife bieden, ze stëmmen. Dat heescht, déi Deeg, wou wéinst anere Manifestatiounen de Maart net hei ka stattfannen, datt mer do net d'Standgeld géifen de Maartleit taxéieren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Knaff.

Wuertmeldungen? Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Knaff.

Just e puer Ureegungen zu deem ganze Punkt. Mir sinn total averstane mat deem, wat Der hei wëllt an d'Reglement bäifügen.

Ech wëll awer fir d'éischt emol op dee Plang ze schwätze kommen, wou mer bäigeluecht kritt hunn. An do stellen ech dann awer fest, dass vun eiser schéiner Maartplaz ganz Plaz ewechfält duerch déi Jardin-éphemèren.

Op Franséisch gesinn, éphemère heescht, si kommen eng Kéier ewech. Ech hunn awer leider missen da constatéieren an der Kommissioun, dass ech gesot kritt hunn, se kommen net ewech. Dat heescht, mir mussen dovun ausgoen, dass eis Maartplaz e méi klengen Deel huet fir Maartleit, fir de Chrëschtmaart oder aner Manifestatiounen. Wat ech u sech e bësse schued fannen.

Ech hat och an der Kommissioun gesot, dass deen Deel virun der Gemeng kann ech novollzéien, mee deen Deel zur Uelzechtstrooss zou ass dan awer verluer Plaz, wann et drëms geet, e Chrëschtmaart oder aner Manifestatiounen, wéi och den normale Wochemaart, ze organiséieren.

En anere Punkt ass, mir verstinn de Punkt vun de Maartleit, dass déi net frou sinn, wa se geréckelt gi méi erop. An et ass och richteg, dass mer soen, wann déi do eng Perte an hire Keesen hunn, dass mer dann dofir kee Standgeld huelen.

Ech mengen, mat engem aneren A kënne mer awer och soen, dass et fir d'Uelzechtstrooss gutt ass, wann heiansdo de Maart uewen ass, an dat gëtt och e Liewen uewen dann an d'Uelzechtstrooss.

Dat eenzegt, wou meng Fro war – an Dir kënnt mer dat elo bestätege warscheinlech, well ech weess et net. Wann de Maart uewen ass, ass d'Uelzechtmobil dann an der Uelzechtstrooss? Well et kann zu deem Moment net erausgoen.

A wann d'Leit hei mam Bus ukommen, mir wëssen, wéi eng Clientèle et um Maart ass. Dat si vläicht d'Leit, déi Uelzechtmobil géifen huelen, fir eropzekommen. Also wär et wichteg, sécherzestellen, dass d'Uelzechtmobil scho viru 7 Auer hei an der Uelzechtstrooss ass. Well et kann herno an d'Uelzechtstrooss kommen, wann de Maart do steet. Well keng Plaz dotëschent ass. Well mat deene Sensore bleift et stoen.

Dat heescht, et ass wichteg, sécherzestellen, dass d'Maartleit awer kënnen hir Clientèle do uewen empfänken. Dat ass eppes, wou mer wierklech sollten drop kucken an drop oppassen.

An dann hunn ech awer ee leschte Punkt, wou ech e bësse méi traureg driwwer sinn, par rapport zum Vott vun 2022. Wou ech schonn zu dësem Punkt geschwat hunn, wou mer déi éischt Modifikatioun gemaach hunn.

Do hat ech eng Modifikatioun ginn zum Reglement vun de Chrëschtmäert, wou ech gesot hunn, kënne mer den Artikel vun den Débits de boissons erweideren och un alleguer, déi lessen a Gedrénks verkafen.

Do krut ech deemools vum deemolege Buergermeeschter gesot, jo, dat maache mer. An da kucken ech déi Deliberatioun, déi un den Inneministère geschéckt ginn ass. Do ass et net gemaach ginn.

Ech mengen awer, dass mer an Zukunft mussen op de Wee goen, wann e Conseiller, sief et Majoritéit oder Oppositioun, zouge-schwat kritt, dass ech Modifikatioun gemaach

gëtt, dass mer dat och an Zukunft solle betruechten. An ech ginn dovun aus, dass dat en Oubli dës Kéier war an dass generell duerno gekuckt gëtt.

Ech wëll et awer trotzdeem gesot hunn, well et ass awer normal, dass mer eng Vertrauensbasis hei an deem Gremium sollen hunn. A wann een dat zougeschwat kritt, da soll een dat och kréien.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck.

Soss gëtt et keng Wuertmeldung. Dann huet den Här Knaff d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech sinn am Fong deelweis d'accord mat den Ausféierunge vum Här Funck.

Wéi gesot, d'Foraine si frou, wa se hei sinn. An et sinn och vill Geschäftsleit, déi sech wënschen, datt se méi oft op der Brill-Plaz wären. Mee trotzdeem, datt mer hinne probéiert hunn, dat och méi schmackhaft ze maachen, hu se awer wierklech Problemer domat.

Si soen, si géife finanziell Aboussen hunn. A si si léiwer op dëser Plaz, wat traditionell dann och d'Maartplaz ass. Dofir, wéi gesot, déi kleng Ajoutt, wou mer hei wollte maachen.

Wat den Awand vum Här Funck elo war iwwer dee Vott vun 2023. Bon, do hu mer haut keng Modifikatioun méi um Ordre du jour hei stoen. Mir kéinten dat vläicht nach eng Kéier an der Promotion économique beschwätzen.

Well trotz deem Vott, deen deemools do geholl ginn ass, a vläicht deem Accord, deen och mëndlech do ginn ass, ass dat net esou ëmgesat ginn. An et misst ee vläicht an der Promotion-économiques-Kommissioun eng Kéier kucken, ob een dat soll nach eng Kéier beschwätzen oder vläicht changéieren.

Ech mengen, datt och e gewësse Problem do louch, datt deen Text am Fong awer zwou ganz verschidde Kategorië vu Foraine sollt treffen. Déi eng, wou Der bestëmmt Recht hutt, déi lesse vum Grill verkafen an déi wäerte gestëmmt ganz vill Recetten hunn.

An dann awer och déi, déi vläicht nëmme gegrillt Mandele verkafen, do d'Recettë vill manner sinn. An do misst een eventuell dann och nach eng Kéier eng Differenz maachen. Net nëmme schwätze vun lesse verkafen, mee dat dann awer méi am Detail maachen.

Mee ech mengen, mir sollten dat an enger nächster oder an enger vun den nächste Kommissioune kucken.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Knaff.

Ech ginn Är Messagë par rapport zu de Jardin-éphemèren un den zoustännege Schäffe weider. Un den Här Sehovic.

Et ass einfach ofzeweien. Dat ass dann eng politesch Iwwerleeung.

Et ass wouer, dass se vill Plaz ewechhuelen, mee et ass eng politesch Iwwerleeung, ob een dann awer déi Gréngfläch, déi zousätzlech geschaf gëtt, bäibehält an déi schätzt. An ech mengen och, dass déi duerchaus benotzt gëtt.

Déi virum Gemengehaus gëtt et esou genotzt, wéi zum Beispill déi Fläch benotzt gëtt hannen

iwwer dem Buer. Wou awer grad och am Summer wierklech vun de Kanner genotzt gëtt, vun de Familljen. Wat awer e flotten Atout ass.

Soit, do muss een dann déi Evaluatioun maachen an och diskutéieren.

An och d'Remark zum Uelzechtmobil ginn ech un den Här Sehovic weider. Wou natierlech d'Fro ze klären ass, dat huet den Här Knaff mer elo selwer gesot, wéi gutt kann en Uelzechtmobil fueren zu engem Moment, wou och Livraisounen an der Uelzechtstrooss sinn. Dat ass alles ofzeschätzen an dann ze klären.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 5.1. EschTechWeek ; convention de partenariat ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de 5.1. Dat ass d'EschTechWeek. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech freeë mech, lech haut eng weider Etapp an der Entwécklung vun engem wichtege Projet fir eis Stad kënnen ze presentéieren. An hei d'Konventioun fir eng Partnerschaft tëscht der Stad Esch an der Gesellschaft The Dots fir d'Organisatioun vun de kommenden Editioune vun der EschTechWeek 2026, 2027 an 2028.

Dës Konventioun ass net nëmmen eng Formsaach, si ass d'Konsequenz vun engem gemeinsame Succès. Zënter der éischter Testeditioun vun der EschTechWeek am Mäerz an Abrëll 2025 hu mir zesumme mat The Dots e Projet opgebaut, dee wäit iwwer d'Grenze vun eiser Stad erausgewisen huet, wéi eng ambitiéis, jonk a progressiv Stad Esch-Uelzecht eeben haut ass.

D'EschTechWeek war net just eng Rei vun Evenementer, si war eng Beweegung, e Raum fir Innovatioun, Austausch a Léieren. Eng Woch, wou mir d'Technologie net als kal oder elitär gewisen hunn, mee menschlech, inklusiv an zougänglech fir jiddereen.

Eng Woch, déi d'Jugend an den Zentrum gestallt huet – mat Initiativen wéi der *Tech Supreme Court Junior* an *TN'Teens* – an déi gläichzäiteg eng Bréck geschloen huet tëscht Wirtschaft, Wëssenschaft, Fuerschung, Politik a Bierger.

D'Erfarung vun 2025 huet gewisen, datt dëse Format funktionéiert. Eis Plaze waren ausgebucht, d'Ressonanz war positiv, an d'Medien hunn d'EschTechWeek als e Referenzprojet am Beräich vun Innovatioun an Technologie bezeechent.

Duerch dës Konventioun maache mir elo de Schrëtt vun der Pilotphas zu enger

dauerhafter Partnerschaft. Déi ënnerschriwwe Konventioun definéiert kloer a transparent d'Engagementer vu béide Partner.

D'Stad Esch brëngt hire logisteschen, administrativen a finanziellen Undeel an – mat enger järlecher Bäihëllef vu 180.000 € fir dat éischt Joer, also 2026, dann 185.000 € an duerno 190.000 € fir déi dräi Joer.

Wärend The Dots sech verflicht, professionell, transparent a mat engem héije Qualitéits-standard d'EschTechWeek ze organiséieren, d'Visibilitéit vun der Stad ze garantéieren, en detailléierte Bilan ze liwweren an d'Konzepter *Tech Supreme Court Junior* an *TN'Teens* exklusiv fir Esch zur Verfügung ze stellen.

Mee iwwer d'juristesch a finanziell Dimensioun eraus geet et hei ëm eng politesch Decisioun, déi eng kloer Visioun illustréiert. Mir wëllen Esch als Haaptstad vun der Tech an der Innovatioun positionéieren. Eng Stad, déi mat hirer Uni, hirem Digital Learning Hub, hirem 42 Luxembourg Campus an hire Startups en Ekosystem formt, deen net nëmme regional, mee och international ausstraalt.

D'EschTechWeek steet dobäi fir méi wéi nëmmen Technologie. Si steet fir d'Verbindung tëscht Mënsch an Innovatioun, tëscht Jugend an Zukunft, tëscht Industriegeschicht an digitaler Kultur.

Et ass dës Philosophie, déi d'EschTechWeek esou erfollegräich gemaach huet an déi mir an de kommende Jore weiderféiere wëllen.

Am Kader vun dëser Konventioun ass och e Comité de suivi virgesinn, an deem ech selwer als Schäffe fir d'Jugend present sinn, d'Servicer vun der Stad natierlech och an d'Ekipp vun The Dots zesummeschaffen, fir eng kontinuéierlech Evaluatioun, eng nohalteg Gouvernance an eng permanent Koordinatioun ze garantéieren.

Dat ass eng Garantie fir Transparenz, Professionalitéit a Kloerheet vis-à-vis vun eisem Gemengerot a vis-à-vis vun eise Bierger.

Léif Kolleginnen a Kolleegen, d'EschTechWeek ass méi wéi just eng Manifestatioun, wéi ech gesot hunn. Si ass eng Plattform fir Talent, Kreativitéit, Wirtschaft a Jugend, eng Plaz fir Reflexioun an Engagement. An d'Partnerschaft mat The Dots erlaabt et, dës Plattform an den nächste Jore weiderzeféieren an auszebauen.

Mir schaffen domat un enger Zukunft, wou Esch net nëmmen eng Stad vum Wuesstem, mee eng Stad vum Wëssen, vum Liewen a vun der Innovatioun bleift. Eng Stad, déi sech als Leader an der Groussregioun positionéiert, eng Stad, déi Chancen schaaft. Fir d'Jonker, fir eis Entreprisen, fir eis Institutiounen.

Dës Partnerschaft ass also keen technesche Detail, mee e politesche Statement. E Statement fir eng Stad, déi sech beweegt, déi no vir kuckt an déi hir Jugend an d'Innovatioun als Haaptressource versteet.

Ech wëll hei wéi gesot zum Schluss och all déi Merci soen, déi dës éischt Editioun méiglech gemaach hunn. D'Servicer vun der Stad, d'Ekippe vum Service Jeunesse, d'Direktioun vun The Dots, d'Ministerien, d'Universitéit an all eis Partner aus dem privaten an dem ASBL-Bereich.

Si hunn zesumme gewisen, datt Esch wierklech dat ka sinn, wat ech schonn 2025 gesot hunn: Esch ass d'Haaptstad vun der Tech – mat Häerz, mat Kreativitéit a mat Visioun.

An ech bieden Iech heimat, dës Konventioun matzestëmmen. Ech soen Iech villmools Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wie kann ech aschreiwen? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Bevir mer awer hei un d'Theema Konventioun kommen, wëll ech awer dem Här Cavaleiro eng Kéier Merci soe fir déi Explikatiounen op meng Fro, déi ech zur EschTechWeek d'lescht Kéier gestallt hat. Dass ech déi elo virun zwou Woche krut.

Do si ganz vill Informatiounen dran, déi ech zwar net onbedéngt gefrot hat, déi mir awer elo komescherweis elo haut ganz, ganz gutt kommen. Well ech hat am Fong just zwou Zuele gefrot, wat haaptsächlech emol d'Fraisen ubelaangt.

Mee ech mengen, a senger Euphorie war hien op eemol an en totale redaktionellen Extas do gefall. Hie krut sech guer net méi gebremst.

Den Delai war natierlech alt erëm siwe Méint ofgelaf. N'est pas? Mir hunn eis also erëm net un d'Gesetz gehalen.

Mee dofir erlaabt mer dann, awer mat dem selwechte Respekt, deen Dir mir entgéintbréngt, an de selwechten Enthusiasmus entgéintbréngt, mech elo hei zeréckzekafen.

Dir hutt eis elo hei eng schéi Presentatioun gemaach. E bësse d'selwecht mam Niveau, wéi den Här Malano an den Här Knaff zum Camping. Dat ass awer net dat, ëm wat et hei geet. Hei geet et ëm eng Konventioun, hei geet et ëm en offiziellt Dokument. An do hunn ech elo einfach ganz wéineg dozou héieren.

Well a Konventiounen, déi mir esou normalerweis hei stëmmen, geet generell ëm ASBLen. Do stëmme mir Konventiounen. Et däerf ee wuel mat Entreprisë Konventioune stëmmen.

Mee bei enger Entreprise iwwer esou Montanten, bei esou Héichten, déi iwwer esou e laangen Zäitraum geet – a besonnesch, wann den Här Cavaleiro, dee jo awer net grad den Expert an de Marché public ass – presentéiert ginn, da geet bei mir awer esou zimmlech all Alarm un, dee bei mir am Kierper soll funktionéieren.

Ech maachen et kuerz: Egal wat an dëser Konventioun steet, d'Prozedure si weeder konform mam Gesetz nach mam Reglement vun der Marché public. Do ass näischt konform. Mee ech erkläre mech.

Dir wielt am Fall vun dëser Procedure d'Procedure négociée sans publication préalable. Dat ass de Grale, wann ee wëll ëffentlech Marchéë maachen.

Fir et e bësse méi anschaulech ze maachen, d'Gemeng huet bei der Vergab vun de Marchéë keng Aschränkungen a freet als Prestataire wie se wëll zu deem Präis, deen de Prestataire virschléit. En Dram wierklech fir jiddereen, deen am ëffentleche Secteur Marchéë muss maachen.

Mee d'Gesetz gesäit awer vir, dass bei esou Zommen – an hei schwätze mer vun 180.000 €. Ech soen lech direkt, de Seuil läit bei 70.000 €, wou et ufänkt, méi krokeleg ze ginn. Wou ee sech muss u verschidde Proceduren halen.

Dës Procedure awer effektiv nëmmen am Noutfall wier. Dat heescht, wann et absolutt néideg ass. An dat virun allem nëmme fir eng minimal Dauer. Dat heescht, dass wierklech eng Urgence muss do gräifen.

Dir huelt aner Argumenter, an ech kommen herno gär dorop zeréck.

Dat heescht, hei schwätze mer nëmme vun enger minimaler Dauer am Gesetz, mee mir maachen hei dräi Joer fix, plus eng Préamption. Dat heescht, mir bannen eis esou zimmlech onbestëmmt un déi do Entreprise.

Well d'Gesetz seet ausdrécklech: „Le pouvoir adjudicateur ne peut aligner son indépendance dans les procédures futures." Maache mer awer hei.

Esch gëtt mat där heiter Konventioun och hir Onofhängegkeet of. An si fesselt sech ouni Besoin un een eenzege Prestataire. Fir eng onbestëmmt Zäit. Dofir ass hei meng éischt Fro, an ech wär frou, wann Dir lech déi géift verhalen. Firwat bënnt sech d'Gemeng fir onbestëmmt Zäit un de selwechte Prestataire?

Änlech gesäit et bei de proposéierten Zommen aus. D'Konventioune gesäit no Jore follgende Montant vir: 180.000, 185.000, 190.000. Ech hat lech et gesot, ab 70.000 € gëtt et interessant.

An dat fir eng Prestatioun, déi am Testjoer 70.000 € TTC kascht huet. Qui l'ait crû. Ma dat steet esou an Ärer Äntwert, déi Der mer geschéckt hutt. An dann ass et elo schwéier, wann net onméiglech, fir ze argumentéieren, wéi eng Absence de concurrence pour raisons techniques esou eng Verdräifachung vum Budget rechtfäerdegt.

Dofir meng Fro – dat ass déi zweet: Firwat sinn d'Budgeten, déi hei fir dës Eventfirma virgesi sinn, bis elo dräimol esou héich, wou mer elo keng Konkurrenz méi hunn? Kënnt Dir mir dat vläicht erklären?

An deem Kontext wëll ech och op Är Äntwert vum 22. Oktober agoen, wou Dir sot, dass mer elo och méi Sponsoren wéilten an deem do Event kréien. Op Ärer Internetsäit vun EschTechWeek steet dat och, wou ee sech als Sponsor ka mellen. An Dir sot, Dir och ganz confiant, dass dat elo esou klappt.

Mee wéi muss ee sech dat elo virstellen? Well am Moment op där Säit gesäit et aus, wéi wann Der kee Sponsor hutt.

Wann awer elo an deem Fall, wou dat géif optrieden, dat heescht, wann do eng Entrée géif kommen, wie kritt déi Suen? Dofir meng drëtt Fro: Kritt de Prestataire dee Sponsoring och nach als Bonus dobäi oder kritt d'Gemeng dee Montant? A wie geet an dësem Fall elo déi Sponsore sichen? Drëtt Fro.

Et steet fest, dass mat dëser Konventioun absolutt näischt méi ze soen huet, wann et elo ëm d'EschTechWeek geet. Well d'Konventioun seet ganz kloer, „l'organisateur The Dots demeure l'unique propriétaire de la marque. Et la ville reconnaît ses droits et s'interdit toute utilisation future". Mir hunn näischt méi ze soen. Null.

Dat heescht an der Praxis, d'Stad gëtt fir ëmmer seng Onofhängegkeet enger eenzeger Firma bei dësem Event. D'Stad huet am Kader vun dësem Event guer näischt méi zegutt. 2026 net, 2027 net, 2028 net. An héchstwarscheinlech och duerno net méi.

An dat ass komplett géint de fundamentale Prinzipp vum Marché-publics-Gesetz. „Non-discrimination et égalité d'accès des opérateurs économiques".

Wann d'Stad am Kader vun der EschTechWeek näischt méi dierf ouni déi do Firma maachen, dann ass och kee Marché public méi méiglech. An d'Resultat: D'Gemeng ass schachmatt.

Dofir meng nächst Fro: Wat geschitt an dem Fall, wann d'Gemeng entscheet, d'EschTechWeek net méi ze organiséieren?

Et ka sinn. Well d'Gesetz ass formell. D'Procédure négociée sans publication préalable ass an deem Fall net gerechtfäerdegt.

Wéi schonn uewe gesot, ass et nëmmen ze notzen, wann et onbedéngt néideg ass. An nach nëmme fir e ganz klengen zäitleche Kader.

Dofir sot Dir jo hei an der Konventioun, dass Äert Argument ass, d'Absence de la concurrence pour des raisons techniques. The Dots wär fir eng Hors-concurrence pour les raisons techniques.

An deem Kontext wéilt ech ganz kuerz erwänen, dass grad en Appel à candidatures fir den Escher Blog zum Beispill erausgaangen ass. Do hätt ee jo och scho kënnen de Marché verlängeren.

Do huet ee sech gesot, déi am Blog hunn dat jo schonn eng Zäitche gemaach, déi sinn technesch besser drop wéi den anere Büro. D'Escher Gemeng geet awer hin, an dat regelkonform, fir do e Marché ze maachen.

Dofir meng véiert Fro: Wat kann The Dots technesch besser, wat aner Firmaen net kënnen?

Dat, wat ech do gesinn hunn, heescht dat, en Zelt opriichten? E Panel opriichten, wou Workshoppe sinn? Am Kino Filmer spillen? Sot mer et. Ech wär frou.

An da komme mer zum leschte Punkt. Dir argumentéiert déi Prozedur mat deem Passus – an do gëtt et wierklech interessant – Protection de droit d'exclusivité. An elo hu mer wierklech e ferme Problem.

Dës Exklusivitéit vun der EschTechWeek gouf et virun 2025 guer net. Se ass vum Prestataire duerch en Depot vun der Mark EschTechWeek geschafe ginn. An dat no oder wärend der Zesummenaarbecht. Dat ass egal.

Wou d'Stad awer selwer d'EschTechWeek lancéiert an entwéckelt huet, dat sot Dir nämlech selwer an Ärer Äntwert. Ech zitéieren: „Cette conviction a fortement guidé la ville à la conception de la mise en œuvre de la première édition EschTechWeek."

The Dots gouf an Ärer Äntwert just sollicitéiert. Net Proprietär, net Initiateur vun der Mark. Si hunn einfach gutt geschafft. Net méi, net manner. Well och an der Konventioun steet nach eng Kéier, d'Stad ass Porteur de projet.

The Dots ass ergo just fir Expertis gefrot ginn, net well et den eenzeg méigleche Fournisseur war. Elo geet The Dots dann d'Mark deposéieren an d'Stad seet op eemol, kuckt, elo hu mir eng Exklusivitéit, mir kënnen iwwerhaapt näischt maachen. Elo musse mer mat deenen do zesummeschaffen.

Dat ass eng kënschtlech geschaf Situatioun. An d'Gesetz seet do ganz kloer: „L'absence de concurrence ne peut résulter d'une limitation artificielle créée par le pouvoir adjudicateur ou par l'opérateur lui-même." An genee dat hu mer hei.

Dir sidd illegal an all Ären Aktiounen hei. Déi ganz Konventioun ass vu vir bis hannen illegal.

Dofir meng Propositioun, well ech fannen, hei gëtt et Grënn genuch a berechtegt Grënn, Zweiwel un deem Marché hei ze hunn. An ech proposéieren, dass mir dës Konventioun elo net stëmmen an dass Dir dës Konventioun der Sousmissiounskommissioun virleet.

Well just als Info: De Punkt, dee mer hei erofgeholl hunn, Rapport de vérification de l'exercice 2023, hutt Dir selwer gelies, dass den Inneministère berechtegt Zweiwel geäussert huet iwwer vill Marchéen, déi hei op der Gemeng gemaach ginn. An déi misste sech dem Gesetz ralliéieren. An a mengem Punkt sinn déi Projete mol net esou flagrant wéi deen hei.

An Är Äntwert ass ganz interessant. De Collège échevinal seet, mir halen eis elo un d'Sousmissiounsgesetz.

Firwat maacht Der et dann net?

Also wa mer dat hei zouloossen, kënnt sécher nach eng no. Dat kann ech lech zielen.

Dofir loosst d'Kommissioun einfach tranchéieren. Wier dat net eng Iddi? Well da gëtt et och fir eis alleguer hei méi einfach, dës Saach hei ze stëmmen.

Well sou, wéi den Dossier do läit, ass deen net nëmme rotzfaul. En ass illegal. Also mir stëmmen e sécher net. Dat kann ech lech garantéieren. An ech mengen, doiwwer d'selwecht.

A wann Der eis dann de Courrier zoukomme loosst vun der Sousmissiounskommissioun – Dir sëtzt jo och am CA FrEsch, da kënnt Dir eis jo och vläicht d'Äntwert zoukomme loossen, déi Der op d'Ufro vun der Kommissioun zum CA FrEsch zu de Sousmissiounen, déi Der net gemaach hutt, firwat dass Der keng Sousmissioun gemaach hutt. Firwat dass Der eeben do keng Sousmissioun gemaach hutt am Kader vum CA FrEsch.

Dir sëtzt jo am CA FrEsch. Well et géif eis freeën, wa mer do och Äntwerten hätten.

Et ass komesch. Et sidd ëmmer Dir.

Dofir als klenge Resümmee. Also duerch dës net-konform Konventioun entsteet eng exklusiv Relatioun, déi weeder technesch néideg nach juristesch gerechtfäerdegt ass. Se verletzt d'Prinzippie vun der Gläichbehandlung, vun der Transparenz, vun der Proportionalitéit vun de Montanten an der Konkurrenz vum Marché. Sou zimmlech alles, fir dat de Marché public steet.

A se setzt d'Stad an eng onnéideg Onofhängegkeet vun engem eenzegen Acteur.

Also mir wäerten et net matstëmmen, ech hat et scho gesot. Wann Der wëllt, ech kann lech déi Froen nach eng Kéier widderhuelen, déi ech ënnerwee gestallt hunn. Wel ech fäerten, Dir hutt net matgeschriwwen. Ech fäerten, dass ech keng Äntwerte kréien.

Wéi gesot, firwat bënnt sech d'Gemeng fir onbestëmmt Zäit un de selwechte Prestataire? Wat geschitt an dem Fall, wann d'Gemeng entscheet, d'EschTechWeek net méi ze organiséieren? Firwat sinn d'Budgeten, déi fir dës Eventfirma virgesi sinn, op eemol bal dräimol sou héich? Elo, wou se sech kenger Konkurrenz méi musse stellen? A wat kann The Dots technesch besser, wat aner Eventfirmen net kënnen?

Ech wier frou iwwer eng Äntwert.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz.

D'Madamm Scholl, duerno den Här Baum.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Dir Léif alleguer, d'DP-Fraktioun ënnerstëtzt natierlech de Projet vun der EschTechWeek. Well en ënnersträicht eigentlech och d'Volontéit vun der Majoritéit, d'Stad Esch als Innovatiounspol no vir ze dreiwen.

Sou schéi wéi et och den Här Cavaleiro gesot huet, d'Stad Esch ass eng Plattform fir Talent, fir Kreativitéit a fir d'Jugend. An d'DP-Fraktioun ënnerstëtzt natierlech dëse Projet voll a ganz. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Scholl.

Den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, ech sinn dann doiwwer.

Also et ass schonn eppes ganz Extraordinäres, wat mer hei virleien hunn. Eng Konventioun maache mer, wéi den Här Faltz gesot huet, meeschtens zu Recht mat ASBLen. ASBLen, wéi den Numm et seet, si sans but lucratif.

An do mécht ee Konventiounen, déi ginn normalerweis annuell erneiert, ginn annuell duerch eise Gemengerot. A se baséieren am beschte Fall op engem Rapport d'activité an engem projezéierte Budget. An e projezéierte Budget ass méi wéi einfach nëmmen e Montant, mee et schreift een dran, firwat een déi Suen engagéiert.

Hei maache mer eng Konventioun ouni Budgetiséierung, ouni ze wëssen, wat de ganze Projet EschTechWeek kennt. Wou sech vill Froe stellen, notamment ronderëm Sponsoring, deen da soll weider kommen.

An der Widderhuelung vun dem Här Faltz senge Froen huet hien déi vergiess. Wiem kommen déi Suen zegutt, wann da Sponsoring gemaach gëtt? Der Stad Esch oder där SARL? Dat ass net onweesentlech.

Ech verstinn och net, firwat mer eis hei bannen op en Zäitraum, dee bis 2028 geet, fir e gesamte Montant vu ronn 650.000 Euro. Well déi Montanten, déi mer hei votéieren, si jo hors TVA. Wann een do nach eng Kéier d'TVA dobäi rechent, dann ass ee ganz séier op engem stattleche Montant.

Wat mech och iwwerrascht huet bei der Lektür vun der Konventioun, ass, dass mer ganz dacks an deene Konventiounen, déi mer soss mat Organisatiounen hunn, datt wierklech och drasteet, wat d'Obligatioune si vun dem Organisateur. Hei steet just ganz iwwerflächlech Saachen dran, wéi „proposer de manière professionelle et transparente le programme pour les éditions EschTechWeek et assurer la visibilité de la ville".

An alles wat d'Programmatik ugeet, gëtt awer net weider ausgefouert. Et huet een d'Gefill, dat ass e bëssen à l'aguisse vun där Boîte.

Ech mengen, datt déi ganz Dimensioun Marché public, datt den Här Faltz effektiv e Punkt huet. E juristesch richtege Punkt. An ech géif op jidde Fall dat hei och net matvotéieren. Net zumindest ouni en zolitten Avis juridique ze hunn, wat de Volet Marché public ugeet.

A fir de Rescht fannen ech et och éischter ongewéinlech an net de Wee, wéi mer hei zu Esch solle Saachen organiséieren. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Meng zwee Virriedner – an den Här Faltz huet jo ugefaangen am Fong geholl, hei verschidde Punkten opzehiewen, déi wou am Fong geholl richteg sinn. A wou ech da ka soen, an dësem Fall kann ee mech och mat „doiwwer" consideréieren, well ech schléisse mech dann där Saach hei un.

Ëmmer wann ech fannen, datt Saache richteg sinn, egal wie se virbréngt, dann hunn ech d'Tendenz, mengem Gefill nozegoen an dat dann och ze ënnerstëtzen. An dat maachen ech dann och hei.

Also mäi Punkt, dee wou mer – alles wat am Fong gesot ginn ass, ass am Fong geholl déi Kritikpunkten, déi un deem heien Dossier, géif ech ënnerstëtzen. Een awer besonnesch. An zwar deen, wann et ëm d'Sue geet.

Also wéi gesot, ech kann och überhaupt guer net verstoen, datt eng Testphas da soll een Drëttel kaschten an dann duerno, wann am Fong geholl d'Saach an dréchenen Dicher sollt sinn, datt dann de Präis dräimol méi deier gëtt. Dat jäizt no Abus.

Also do muss een awer wierklech oppassen. Dat kann een net einfach esou rechtfäerdegen. Dat ass eppes, dat géif deem Dëmmsten dobaussen opfalen. Wann een do keng Grënn huet, an anscheinend si keng do. A wann, da géif ech se gär héieren. Dat kann een net duerchgoe loossen.

Wann een esou eppes organiséiert, muss een och selwer, solle mer soen, Drock maachen, fir datt et dem Steierzueler im Endeffekt net dräimol méi deier kascht. Weegent wat? Genau doweinst. Weegent enge Handshake, weegent wat och ëmmer.

Nee, dat kann et net sinn. Do muss ee mat de Sue vum Bierger – well im Endeffekt sinn et d'Sue vun de Bierger – awer vill méi consciencieusement ëmgoen. An dat kann et net sinn. Also dat ass mäin Haaptkritikpunkt am Fong geholl.

Natierlech mussen d'Proceduren agehale ginn, an dat ass och e Punkt. Mee dat hei ass eppes, wat mer direkt eropstéisst.

Déi Affär vum Sponsoring natierlech. Wie kritt duerno déi Suen? Do geet et erëm eng Kéier ëm Suen. Et deet mer leed. Mee wat fir Zommen datt dat wäerte sinn, dat kann ee warscheinlech net esou genau aschätzen, mee dat wäerten och keng kleng Montante sinn.

An erëm eng Kéier: Dat muss ganz kloer sinn am Virfeld, éier een esou eppes ofstëmmt, wéi dat duerno wäert ausgesinn. Et kann een einfach hautdesdaags mat deene Problemer, wou mer iwwerall mat de Budgeten hunn, et sech net leeschten, egal wat am Fong geholl zum Vott ze presentéieren an dann esou ze maachen, wéi wann alles an der Rei wär.

Dat muss ech soen, dat ass net gutt geschafft an där Richtung. A méi Offentheet an esou Dossiere wär och super. Well hei ginn d'Saachen am Fong geholl presentéiert, geschnürt, an et gesäit een am Fong geholl net, vu wou se kommen. An d'Detailer huet een net. A meeschtens huet een e Fait accompli an et kann ee sech einfach dann net mat rouegem Gewëssen, solle mer soen, entscheeden.

Also wéi gesot, fir eis dat do och net an der Rei sou, wéi et elo presentéiert gëtt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci.

Et gëtt keng Wuertmeldung méi, dann huet den Här Cavaleiro d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech soen lech Merci fir Är Interventiounen.

Ech verstoppen net, datt ech e bëssen enttäuscht si vun Äre Reaktiounen. Notamment vun deem Touch, deen ëmmer méi an ëmmer erëm hei kënnt, déi den Här Professer Steve Faltz

ëmmer hei wëll dem klenge Schüler weisen, wéi d'Saache sinn, wéi d'Reegele sinn. Etcetera.

Ech mengen, dat do ass schonn déi zweet Kéier, wou Der mech perséinlech attackéiert. Och berufflech attackéiert. Ech wëll déi Saach net dulden. An ech wär frou, wann Der d'nächst Kéier e bëssen Är Attacken éischter politesch géingt cibléieren a manner perséinlech. Dat wär scho mol e gudden Ufank.

Da wëll ech awer och kloer hei soen an ouni Ëmwee, wéi gesot, par rapport zu Ärer Kritk agoen, datt d'Stad Esch bei dëser Konventioun géint d'Reegele vun de Marchés publics verstouss hätt. Dat entsprécht net der Realitéit, an ech erklären och kuerz firwat.

Déi Saache si mer natierlech och am Detail kucke gaangen. Déi Sachen hu mer natierlech och mat eisem Service juridique au préalable och diskutéiert a gekuckt.

Éischtens, jo, et handelt sech hei ëm e Marché public. Dat ass kloer an dat ass och normal.

Soubal eng Gemeng e bezuelte Service bei engem privaten Operateur bestellt, fält dat ënner d'Gesetzgeebung vun de Marchés publics. An dëst hu mir och voll respektéiert. Zweetens, d'Gesetz schreift vir, datt iwwer engem gewësse Montant eng Prozedur obligatoresch ass. Dat ass de Betrag vun 79.000 Euro. Dat ass de Fall hei.

Mee d'Gesetz seet och ganz kloer, datt et Ausnamen gëtt, wou eng Procédure négociée ouni Veröffentlechung erlaabt ass, wa just een eenzege Partenaire d'Kompetenzen oder d'Rechter huet, déi fir de Service néideg sinn. An dat ass genee déi Situatioun hei.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Da sot mer se.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Jo.

The Dots huet déi exklusiv Rechter op d'Mark zum Beispill TN'Teens, op d'Tech Supreme Court Junior scho gehat, éier mer allen zwee ...

*(Interventioun Här Steve Faltz)*

... éier mer iwwerhaapt déi do Initiativ ergraff haten. A sou och wéi EschTechWeek.

Op d'Konzeptioun vum Event an, wéi gesot, op deenen zwou aner Manifestatiounen, déi eeben am Kader vun der EschTechWeek stattfannen.

Keen aneren Acteur däerf dës Elementer benotzen oder organiséieren. Et gëtt also keng Konkurrenzméiglechkeet.

An esou engem Fall seet den Artikel 64 – ech mengen, Dir hutt et och erwäänt – vum Gesetz vum 8. Abrëll 2018 ausdrécklech, datt d'Gemeng däerf eng Procédure négociée maachen; grad wéinst Rechter vun intellektueller Propriétéit an dësem exklusiven Knowhow. Wat jo och de Fall ass.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Déi hutt Der net.

**M. Bruno Cavaleiro** (CSV), Schäffen

Dach.

D'Stad huet also net nëmmen d'Gesetz respektéiert, mee si huet och genee déi Prozedur applizéiert, déi d'Gesetz an esou Fäll virgesäit.

An dann ass et esou, firwat ass The Dots kontaktéiert ginn, fir mat eis dat do ze maachen?

Well eeben The Dots dee Partner ass um lëtzebuergeschen Territoire, deen déi Kompetenzen an déi Erfarungen och hunn am Beräich vun den neien Technologien. Am Beräich vun de FinTechen, am Beräich vun den neien Technologië sinn si d'Experten. A mat deenen hu mer geschafft, fir dat hei tatsächlech en place ze setzen.

An et ass schued, wann Dir esou Saache kritiséiert, wou Der selwer mol ni op d'Plaz waart. Dir hutt keng Manifestatioun matgemaach, Dir hutt guer net gekuckt, wat alles do proposéiert gouf. Respektiv Dir hutt och an deem Beräich, mengen ech, d'Norichten, déi zwou, dräi Woche virun an no der EschTechWeek zirkuléiert sinn, och warscheinlech net matkritt.

Ech mengen, et huet sech ganz vill gedoe säit der éischter Editioun vun der EschTechWeek. Ganz vill Projete lafen den Ament dank deenen Initiativen, déi an där Woch do stattfonnt hunn.

An dat eeben dat, wat mer hei wëlle méiglech maachen. Datt dat net eng One-Shot-Situatioun war, eng eemoleg Situatioun, wou eng Manifestatioun wéi d'EschTechWeek eng Woch stattfont huet, mee mir wëllen dat an der Durée perenniséieren an eeben opbauen.

De Budget, deen d'lescht Joer investéiert gouf, war 140.000 Euro. An déi gesitt Der an de Konte vum Service Jeunesse fir d'Manifestatioun. Wou eeben ee Betrag un The Dots gaangen ass, respektiv aner Beträger, déi eeben en paiement direct vu Facturë fir Logistik, Material etcetera, fir dat kënnen ze organiséieren.

Wat awer dës Kéier gekuckt ginn ass, ass, okee, mir maachen eng Konventioun an et ass u sech den Organisator, deen déi Fraisen dann och dee Moment muss selwer droen. An eis eeben um Enn vum Projet e globalen, komplette Bilan muss presentéieren, en toute transparence. Sou wéi et och de Fall war fir dëst Joer.

An dat wäerte mer och wierklech sou kontrolléieren an eebe suivéieren, datt déi Budgeten, déi virgesi sinn, och en ligne si mat den Erwaardunge fir dee Projet.

An ech mengen, dat wäert Der sécherlech och mierke bei der nächster Editioun. Datt mer wierklech och do den Niveau wäerten nach weider erhéijen, fir eng besser Qualitéit, fir nach méi Leit unzezéien, fir nach méi Acteuren am Beräich vun den neien Technologië kënnen unzeschwätzen. A fir eng Iwwerleeung, déi wichteg ass fir eis Stad, kënnen unzedreiwen.

An dat ass eeben dat, firwat mer eeben déi Konventioun haut mat The Dots maachen. Well si d'Experte sinn an deem heie Beräich a si och bewisen hunn an där ganzer Organisatioun, datt dat ouni Feeler konnt realiséiert ginn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro fir dës Explikatiounen.

Au vote.

- ☒ **Enesa Agovic**
- ☒ **Aldin Avdic**
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☒ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 5.2. EschTechWeek ; convention de cession à titre gratuit d'une œuvre d'art ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da kënnt nach de Punkt 5.2, EschTechWeek. Dat ass och eng Konventioun, wou mer en Oeuvre d'art gratis cesséiert kréien.

Här Cavaleiro.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

D'Konventioun seet kloer, ëm wat et hei geet.

Et ass e Konschtwierk, wat am Kader vun der zweeter Journée, dat heescht, den 2. Abrëll, wärend deem Ecoday realiséiert gouf vum Kënschtler PSCHHHH!, alias David Soner. An dat Konschtwierk ass eebe cedéiert gi vum Organisator, vun The Dots, un d'Stad Esch, fir deen dann dee Moment an eiser Kollektioun kënnen ze integréieren.

An deen ass och valoriséiert mat engem Certificat, deen Dir och konnt gesinn. An d'Bild ass, wéi gesot, och hei op der Gemeng opgehaangen. An ech mengen, et ass keen onbekannten Artist, deen deen och realiséiert huet.

Ech géif lech bieden, fir dat matzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro.

Gëtt et dozou nach eppes ze soen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir si bei der Konventioun, wou mer e Bild kréien, Här Schmit.

## 6.1. Règlement relatif aux subsides « Cartes blanches » ; décision

## 6.2. Conseil de Gouvernance de la Culture d'Esch-sur-Alzette ; statuts ; décision

## 6.3. Conservatoire Municipal; règlement d'ordre intérieur ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei e Block, deen d'Kultur betrëfft. Den Här Knaff huet proposéiert, déi Punkten zesummen duerchzegoen. Ech ginn him d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn ëmmer frou, wa mer hei am Gemengerot och iwwer Kultur schwätzen, well d'Kultur soll idealerweis zu eisem Alldag gehéieren.

Mir hunn haut dräi Kulturpunkten op eisem Ordre du jour. Erlaabt mer, lech kuerz doduerch ze féieren.

Dat éischt ass de Reglement Subsid Carte blanche, wou mer vun lech eng Decisioun duerno wëllen. Nieft de sougenannte reguläre Subsiden, déi all eis Veräiner kréien, huet d'Gemeng Esch zënter dem Kulturjoer 2022 och e Mechanismus, dee mer Carte blanche nennen, punktuell Subsiden, déi op Kuturprojeten accordéiert ginn.

An der Nott, déi Der an Ärem Dossier leien hutt, gesitt Der, ëm wéi eng Projeten a wéi eng finanziell Envergure et sech déi lescht dräi Joer jeeweils gehandelt huet. Bis ronn eng Dose Projeten d'Joer fir am Ganzen tëschent 100.000 an 280.000 €. Déi Zomm vun dësem Joer gëtt iwwregens ganz opgebraucht, well et war e Méindeg nach eng Jurysëtzung.

Aktuell ass et esou, dass déi Procedure fir esou Hëllefen fir net ze soen zimmlech diskreet ass an ee quasi scho muss wëssen, dass et déi Méiglechkeet iwwerhaapt gëtt. Mir wëllen dat elo haut méi transparent a méi professionell gestalten. Dofir huele mer haut e Reglement un, wéi dat soll an Zukunft oflafen.

Et gëtt en Ongle Culture op Esch.lu bei d'Administratioun, wou déi ganz Procedure, mee och en Online-Formulaire publizéiert ginn, fir dass all Porteur de projet weess, wéi dat geet a wat seng Méiglechkeeten a Contraintë sinn.

Fir kënnen eng Hëllef vun der Escher Gemeng ze kréien, muss de Projet eppes mat Esch ze dinn hunn. Entweeder de Kënschtler oder d'Kënschtlerin ass vun hei, wunnt oder schafft hei oder de Porteur de projet ass hei verankert oder de Projet ass fir den Escher Public. Dës Beschreiwung fënnt Der op der Säit 9 vun der Nott.

Mir deelen eise Projet op a verschidde Gréissten. E bësse wéi dat och am neien ASBLs-Gesetz de Fall ass. Wou och tëschent klengen, mëttleren a grousse Veräiner ënnerscheet gëtt a wou jeeweils da méi administrativ Contraintë verlaangt sinn.

Mir wéilten och déi kleng Projeten net ze vill iwwerwaachen, well dat dacks hir finanziell a personell Moyenen iwwertrëfft, mee trotzdeem eng transparent Gestioun an de richtege Suivi vum Asetze vun de Steiergelder maachen.

Deeno wier e klenge Projet een, deem säi Gesamtbudget ënner 5.000 Euro ass. Dir gesitt déi Zuelen op der Säit 8 vun der Nott oder am Artikel 2 vum Reglement. E mëttlere Projet hätt e Budget vun tëschent 5.000 a 15.000 € an e grousse Projet alles ab 15.000 € Gesamtbudget.

Jee nodeem wéi grouss eeben de Projet ass, ëmsou méi grouss sinn och déi administrativ Ufuerderungen.

Bei de grousse Projete gëtt dann och eng punktuell Convention de financement opgesat, an där genee steet, wat béid Säiten ze maachen hunn, fir wéi e Projet déi Sue sinn a sou weider.

Déi grouss Projete mussen dann duerno och e Rapport d'utilisation ausfëllen, wouraus mir da kënne liesen, ob de Projet funktionéiert huet, ob e säi Public fonnt huet an ob mer en dann zum Beispill nach emol géingen ënnerstëtzen.

Eng weider Neierung ass, dass mer e Jury fir ee Joer en place setzen. Dee géing bestoen aus zwee Vertrieder a Vertriederinne vum Conseil de Gouvernance, wéi aktuell och schonn, zwee vun der fräier Escher Kulturzeen, zum Beispill Kënschtler a Kënschtlerinnen oder Organisateuren, déi hei liewen an/oder schaffen, an eng Persoun vum Service Culture.

Dir kritt an enger nächster Sitzung d'Nimm vun deene Jurysmembere pour accord ënnerbreet. An déi Nimm sollen dann och op Esch.lu publizéiert ginn; grad wéi déi dräi Datumer, zu deenen d'Projete mussen erakommen, fir kënne vum Jury aviséiert ze ginn.

De Jury huet déi nämmlecht Krittäre wéi bis elo, fir d'Projeten ze analyséieren. Dir fannt se op der Säit 12-13 vun der Nott.

Do gëtt gekuckt, ob de Projet realisesch ass, ob e sech an eis Strategie aschreift, ob een de Kënschtler hëlleft, an hirer Karriär virunzekommen, ob wierklech Efforte fir de Public gemaach ginn, ob en dem Developpement durable Rechnung dréit an ob d'Chancëgläichheet respektéiert ass an ob e Plan de communication besteet.

D'Sekretariat vum Jury, also de Service Culture, mécht e Rapport vun der Jurysitzung, an deem d'Avisen zu deene verschiddene Projeten opgelëscht ginn. Dëse Rapport geet un de Schäffe- an un de Gemengerot, dee se formal soll unhuelen am Respekt vun der Aarbecht vum Jury.

Niewent enger positiver an enger negativer Decisioun kann de Jury och froen, datt de Proteur de projet verschidden Informatiounen noliwwert oder de Projet nach emol méi kloer formuléiert. Duerno géing en dann nach emol vum Jury gekuckt ginn. Dëse Rattrapage geet eemol.

Eemol d'Joer ass dann en Appel à projet thématique. Dofir wäert de Conseil de Gouvernance een Theema virschloen, zum Beispill d'Mediatioun oder Emergence oder Eko-Responsabilitéit, zu deem dann en Appel lancéiert gëtt, fir deen d'Porteurs de projet da kënnen e spezifesche Projet erareechen.

Dëse Mechanismus erlaabt et, och emol punktuell Schrauwen ze dréien an d'Theemaen auszebauen. De Jury Carte Blanche géing och d'Dossiere vum Appel à projet analyséieren no dem selwechte Muster wéi déi aner Demanden.

Alles an allem sollen déi Reform vun dem Subsidesystem zu méi Kloerheet a méi Transparenz féieren, ouni datt et onbedéngt méi deier géing ginn. Mir hunn den nämmlechte Budget dofir agesat wéi dëst Joer. 280.000 €, déi op dräi Tranchë vu jeeweils 70.000 € plus en Appel à projet vun der nämmlechter Héicht opgedeelt géinge ginn.

Mir mussen natierlech domat rechnen, dass duerch méi Transparenz och méi Demanden erakommen. All dës Informatioune kommen duerno a ganz an de Rapport annuel vum Service Culture stoen.

Ech géif Iech bieden, duerno där do Reform zouzestëmmen.

Wat de Conseil de Gouvernance ugeet, do wollt ech Iech soen, datt mir als Gemeng Esch déi eenzeg am Land sinn, souwäit mir wëssen, déi e Conseil de Gouvernance de la Culture hunn. Dat ass e konsultatiivt Organ, deem seng Kreatioun mer 2017 hei decidéiert hunn am Kader vun eiser Stratégie culturelle.

Zwee Joer drop, 2019, hu mer seng Statutten ugeholl an dem Organ seng Roll a Missiounen definéiert, seng Kompositioun a säi Fonctionnement festgeluecht.

Dëst Organ ass remarkabel, well et ganz demokratesch eng Zort Assemblée vun de Kulturhaiser ass. E Gremium, an deem jidderee vun eise Kulturinstitutiounen, mee och all eis grouss Associatioune vum Escher Territoire vertruede sinn. Si kënne sou d'Kulturpolitik vun der Stad Esch matgestalten a ginn ëm Rot an Avis gefrot.

Des Weideren huet de Conseil de Gouvernance als Zil, d'Zesummenaarbecht am Kultursecteur

ze encouragéieren, wat och am Alldag geschitt. Elo, no aacht Joer Fonctionnement, huet sech erausgestallt, datt verschidden Adaptatioune vun deene Statutten néideg sinn.

Nom Kulturjoer 2022 gouf Bilan gezunn. Nei Haiser wéi d'Konschthal an d'Bridderhaus si geschaf ginn, Restrukturatioune vu besteeënde Strukture si gemaach ginn, notamment bei FrEsch, wou d'ASBLe Francofolies an Nuit de la Culture integréiert goufen.

Eise Service Culture huet dat Organ an de leschte Joren emol op Häerz an Niere gecheckt, eng Aarbechtsgrupp huet sech spezifesc deem Theema ugeholl, an doraus ergi sech liicht Adaptatioune vun dëse Statutten.

Dir hutt se all kritt an ech wëll se och elo net Wuert fir Wuert auserneenhuelen. Erlaabt mer, datt ech mech op dat, wat geännert huet, konzentréieren.

De Conseil de Gouvernance gouf gestrafft. Et hat sech erginn, datt de Conseil ëmmer méi grouss ginn ass, well an deene viregte Statutte stoung, dass all Veräin, deen zu Esch implantéiert wär, kéint froen, fir Member ze ginn. De Conseil selwer huet awer festgestallt, datt de Gremium sech esou verwässert huet, well en ze grouss ginn ass an net méi op enger gemeinsamer Basis diskutéiert ginn ass.

An dëse Statutten ass gekläert, wien do dran ass. Zwee Vertrieder.inn.e vun eisen Institutiounen, zwee vun eise gréissten ASBLen – ech denken do zum Beispill un d'Kulturfabrik oder Fondatiounen, de Musée –, deenen zwee Leit aus dem Service Culture, d'Presidentin vun der Kulturkommissioun, de Kulturschäffen. Woubäi déi zwee politesch Vertrieder éischter do sinn, fir aus éischter Hand ze héieren, wat d'Uleiesse sinn.

Aktuell sinn dat 21 Memberen, wat eng giedeleg Gréisst ass.

Dann hun d'Membere vum Conseil de Gouvernance och fonnt, datt d'Aaarbecht do ze vill Zäit an Usproch geholl huet. An de Statutte vun 2019 stoung, datt si sech zéng Mol d'Joer, also eemol de Mount, géingen treffen. Deemools hate mer eppes, dat sech Petit-déjeuner de la culture genannt huet an dat nieft der Aarbecht och e konviviale Charakter hat.

Elo hunn d'Membere vum Conseil de Gouvernance decidéiert, datt manner Reunioune mussen duergoen. Am Artikel 5 steet, datt der maximal sechs vu jeeweils zwou Stonnen d'Joer sinn, plus e méi konviviaalt Zesummekommen am Joer.

Déi Versammlunge sinn an der Reegel an der Maison Mousset a se gi vum Kulturservice organiséiert.

D'Missioune bleiwen awer déi nämmlecht: D'Kulturpolitk matgestalten an ëmsetzen, wat demokratesch decidéiert gouf. Bei de Jurye vun de Carte Blanche dobäi sinn an d'Sujete vun den Appeller decidéieren. De Lien mat der Politik maachen, iwwer Projeten a Programmer austauschen, gemeinsam Doleancen artikuléieren. Dat steet alles am Artikel 4.

Dann d'Règles générales. Den Artikel 6 ass nach ëmmer den nämmlechte wéi 2017. Sou konnt och den Artikel 7 iwwer d'Ethik gekierzt ginn, well de Conseil de Gouvernance kann do op d'Charte de déontologie vum Kulturministère verweisen, där mir als Gemeng Esch am Dezember 2022 bäigetruede sinn an déi dat ganzt Theemefeld ofdeckt.

Ech géing mengen, mat dëse reforméierte Statutte wär de Conseil de Gouvernance de la Culture gutt opgestallt, fir déi nächst Etappen unzegoen. Esou kann een och zum Beispill thematesch Ënnergruppen an d'Liewe ruffen.

Aktuell schafft zum Beispill een Ënnergrupp un engem Plan Culture Jeunes. Deen

Aarbechtsgrupp huet sech d'lescht Woch fir d'éischt getraff. An ab dem nächste Joer wëlle si ufänken, ze kucken, wou mer mat der Ëmsetzung vu „Connexions" dru sinn an déi nächst Strategie no 2027 ausschaffen.

Ech géif lech, wéi gesot, bieden, och duerno déi Modifikatioune guttzeheeschen.

An da finalement – an dat ass awer net dat klengst Dokument, wat lech virgeluecht gouf – de Règlement d'ordre intérieur vum Conservatoire.

Sou en ROI sollt eigentlech all grouss Struktur hunn, well dat festleet, wéi d'Leit an deem Haus zesumme funktionéieren. Dëst ass besonnesch de Fall an enger Musekschoul, wou vill Kanner a Jonker sech all Dag begéinen.

Eise Conservatoire hat ni en offiziell approuvéierten ROI, mee en zesumme-geschriwwent Dokument, wat minimalistesch war – ech mengen, et ware véier Säiten. Fir d'Schüler an d'Schülerinnen a fir d'Enseignanten zesummen.

Mir ass och zu Ouere komm, dass deen net bekannt war, well d'Elteren deen net systeematesch kruten an nëmme vun de Fonctionnairë fir hir Astellungsexamen huet misse geléiert ginn.

Dofir huet den Directeur adjoint Claude Schlimm mat senger Ekipp a ganz vill Klengstaarbecht e ganz detailléierten ROI ausgeschafft. Op ronn 15 Säite riicht sech dëse spezifesch un d'Schüler an d'Schülerinnen a probéiert, all Beräicher vum Fonctionnement vum Conservatoire ze beschreiwen.

Dat geet vun der Aschreiwung iwwer d'Fonc-tionnement vun de Coursen, den Examen, d'Benotze vun den Instrumenter, dem Handyverbuet bis bei d'Disziplinn am Gebai.

Ech wëll der Ekipp hei nach emol Merci soe fir déi Sisyphus-Aarbecht, déi an dëst Dokument gestach ginn ass. Am Sënn vu méi Transparenz sollen d'Schüler an d'Elteren dat Dokument ausgedeelt kréien, wa si sech aschreiwen.

De Conservatoire ass eng Schoul. Eng Musek-schoul zwar, mee eeben eng Schoul. Dir wësst, datt den Enseignement musical ewell dem Educatiounsministère ënnerstallt ass. Deemno gëllen och do änlech Reegele wéi an de Schoulen, wat zum Beispill den Handyverbuet ugeet.

Zënter Mee 2022 ass den Enseignement musical dans le secteur communal vun engem neie Gesetz gereegelt, dat d'Organisatioun vun deene verschiddenen Niveaue vum Enseignement festleet, an zesumme mat deene verschiddene Reglements grand-ducaux d'exécution an e Programm d'études beschreift, wéi ee sech a wéi en Niveau aschreiwe kann, mee och ënner wéi enge Konditiounen een d'Gratuitéit vun deem Cours kritt.

All déi Saachen, déi an dësem legalen Text op iwwer 1.500 Säite stinn, huet d'Ekipp vun eisem Conservatoire hei op eist Escher Haus adaptéiert. Dat gesäit vläicht fir deen een oder deen anere streng aus, mee dat sinn numol d'Reegelen, déi sech am ganze Land an de Conservatoiren a Musekschoulen applizéieren.

Den ROI ass deemno e wichtegen Outil fir de Conservatoire a seng Enseignanten, well se am Fall vu Problemer ëmmer erëm kënnen dorop verweisen an d'Schüler an d'Schülerinnen, mee och haaptsächlech d'Eltere vun deene méi jonke Kanner kënnen drun erënneren, datt de Conservatoire eng Schoul ass, wou et drëm geet, am Respekt virunenaner Musek an en Instrument ze léieren.
Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet a bieden lech, och deem Text no der Diskussioun zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Knaff.

Wie kann ech aschreiwen? Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech mengen, ech ka mech kuerz faassen.

Effektiv, wéi de Kulturschäffe gesot huet, besonnesch wat d'Carte Blanche an de CG ugeet, ass et virun allem d'Stéchwierder Transparenz a professionell Gestaltung, déi hei, mengen ech, am Vierdergrond stinn. Déi et esou maachen, datt mer hei wierklech Reegelen hunn, déi kloer sinn, déi awer och, mengen ech, effikass sinn, déi kënnen zilfürend sinn.

An déi et och méiglech maachen, mengen ech, wann een dat och ëffentlech mécht, datt jiddwereen ënner de selwechte Bedéngunge ka postuléieren, fir e Projet eranzereechen, fir eventuell opgrond vun deem Reglement iwwer d'Carte Blanche da kënne Suen ze kréien.

Och déi dräi Ënnerdeelunge vu kleng, mëttelen a grousse Projeten an déi jeeweileg domat verbonne Prozentsätz fannen ech, datt dat eppes ass, wat absolutt Sënn mécht. Och déi Ënnerdeelung an den ordinären, wann een dat esou kann nennen, Subsid an den éischter theemateschen, deen da vu Joer zu Joer anescht ass, mécht alles Sënn.

Awer och richteg a gutt fannen ech, datt de Jury vu dem Gemengerot decidéiert gëtt an net méi exklusiv eng Prerogativ vum Schäfferot ass. Ech mengen, dat hëlleft och dozou bäi, datt d'Akzeptanz vun deem Gremium wierklech ganz grouss ass.

Also ech kann lech do nëmme felicitéieren.

Och wichteg fannen ech, do ass éischter d'Stéchwuert Effikassitéit, wat de Conseil de Gouvernance ugeet, wou, Dir hutt et gesot, Petit-déjeuners et an der Vergaangenheet gi sinn a wou eng Multitüd vu Reuniounen éischter zu manner Kloerheet gefouert huet, well dann awer net wierklech konzis op eppes konnt higeschafft ginn. Dat soll elo geännert ginn. Dat mécht absolutt Sënn.

Frou sinn ech och, datt de ganzen Ethik-passage reduzéiert ginn ass op d'Referenz vun der Charte de la déontologie. Dir kënnt lech erënnerne, ech hat virun zwee Joer hei eng Motioun erabruecht, datt Escher Kulturinstitutiounen och déi sollten unhuelen. Dat ass och geschitt an dat ass och, mengen ech, absolutt luewenswäert.

Déi zwee Projeten zesummen ass fir mech méi Kloerheet, manner Esoterik, an ech begréissen et.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

D'Madamm Scholl.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Dir Léif alleguer, ech géif dem Här Knaff villmools Merci soe fir d'Explikatioun zum Punkt 6.1, 6.2 a 6.3. Ech géif och deenen zoustännege Servicer villmools Merci soen. Der Madamm Josée Hansen an och dem Här Claude Schlimm.

An ech wëll awer déi Punkten einfach regruppéieren ënnert engem Synonymm. An zwar vun Dialog.

Bei deenen dräi Punkte setze sech Leit zesummen. An dat ass am Fong dat, wat ganz wichteg ass. An och bei der Carte Blanche ass et am Fong esou, dass historesch et hei zu Esch gewuess ass, dass d'Stad Esch d'Kultur am Fong mat Hänn a Féiss ënnerstëtzt.

Dat sinn dann effektiv och kulturell Projeten, déi zu Esch a vun Escher sollen an d'Liewe geruff ginn, déi do sollen ënnerstëtzt ginn.

Wéi elo de Conseil de Gouvernance, deen am Fong mat der Gebuertstonn vun de Petit-déjeuners culturels ugaange ass. Den Här Baum huet et gesot, et ass Effikassitéit. Mee nach emol, ech géif do nach méi op den Dialog ënnersträichen.

Ech sinn e puer Jore mat dobäi gewiescht, an ech kann nëmmen déi Method einfach begréissen, déi do un den Dag geluecht gëtt, dass effektiv d'Representantë vu verschiddenen Institutiounen Zäit kréien a Rou kréien, fir mateneen ze schwätzen. Fir dann an déi richteg Richtung, wéi mir alleguer och wëllen, higoen, fir déi am Fong unzepeilen.

Dann hu mer och den ROI vum Escher Conservatoire. Do géif ech dann och all deene Leit e grousse Merci soen, dass si sech zesummegedoen hunn a sech dat wichtegt Dokument do mol ënner den Nol geholl hunn a fir deem emol e richtege Kader ze ginn. Villmools merci lech alleguer.

A wa mer all zesumme fir d'Konscht an d'Kultur eis groussmaachen, da si mer och weider Virreider. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madam Scholl.

Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci fir d'Wuert. Merci menge Virriedner. Ech schléisse mech dem Här Baum an der Madamm Scholl natierlech un.

An ech wëll genau dat, wat d'Madamm Scholl elo just gesot huet, opgräifen. Zesummen. Ech wéilt froen, ob et méiglech wär, dass mer eeben am Conseil de Gouvernance och eng Plaz fanne fir d'Oppositioun.

Dir wësst, bei de Kulturfroen ass dat ëmmer animéiert. An ech mengen, do wär et awer net schlecht, wann esou Animatiounen awer heiansdo géifen hannert den Diere géife geschéien, éier se dann hei geschéien.

Dofir eng Ufro, vläicht déi eng oder aner Plaz fir d'Oppositioun.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz.

Den Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, am Prinzipp kann ee soen, datt zum Beispill mat der Carte Blanche an déi richteg Richtung geet.

Mer wësse jo alleguer déi Problemer, wou an der Vergaangenheet, déi wou do scho waren. Ech kann un déi Affäre mat FrEsch erënneren, d'Francofoliesen, etcetera. Problemer méi wéi ee sech der normalerweis virstelle kann.

Dat hei schéngt also dann, solle mer soen, um Blat e richtege Schrëtt an déi richteg Richtung ze sinn. Ganz vertrauen ech der Saach awer éierlech gesot net. An dofir wäert ech mech an deem heite Fall enthalen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

Den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci fir déi dach relativ positiv Bemierkunge vun de Conseilleren.

Effektiv, et war der neier Directrice och wichteg, datt mer géifen dee Punkt, méi Transparenz an deem Dossier vun der Carte Blanche kréien. Ech mengen, dat ass geschitt.

De Conseil de Gouvernancen ass am Fong en Organe culturel awer. Bon, do ass elo déi Ufro komm vum Här Faltz, ob mer do och d'Oppositioun sollen eranhuelen.

Ech géif dat elo net wëllen haut beschwätzen, mee vläicht do den aviséierten Avis vum Conseil de Gouvernance froen, wat si dovun halen. An da kéinte mer dorop nach eng Kéier zeréckkommen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Knaff.

Da géinge mer esou ofstëmmen iwwer d'Dokument, wéi et eis virläit. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☰ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Schmit, wëllt Der Är Abstentioun begrënnen?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Nee, ech hat mech jo dozou geäussert.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci.

Ech felicitéieren dann och der Madamm Hansen an dem Här Schlimm, déi hei sëtzen. Dir hutt ganz konzentréiert gekuckt, elo kënnt Der laachen an zefridde sinn, dass alles gutt duerchgaangen ass.

## 7.1. Convention de ventilation de la base d'assiette concernant l'ICC de la société JOSKIN ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir kommen da bei déi nächst Punkten. Dat ass eng Konventioun tëschent der Stad Esch, der Gemeng Suessem an enger Societéit. Et kënnt duerchaus vir, dass mer Konventioune mat Societéiten ënnerschreiwen. An dësem Fall d'Societéit JOSKIN.

E puer Wierder zu JOSKIN. Dat ass e belsche Grupp, deen ass originaire zu Soumagne. Dat ass an der Géigend vu Léck. Si produzéiere verschidde Maschinnen aus dem Agrarsecteur. Dat sinn Transportmaschinnen, wou dann op d'Felder ausliwweren.

A wien e bëssen d'Agrarmaschinne kennt, et gouf ëmmer een, deen huet dovu geschwat, dass dat besser Remorquen, besser Pifffässer wieren. Mëttlerweil schwätze mer hei awer vu richtegen Hightechmaschinne wéi déi, déi deemools do hiergestallt goufen.

Dat geschitt op fënnef Standuerter. An der Belsch, a Frankräich an a Polen. An et ass esou, dass mir dann och elo e Standuert kréien hei bei eis op de Sommet. Dat wäert eng Fabrick ginn, wou produzéiert gëtt, vu 15.000 m$^2$. Et ass en Invest vu ronn 22 Milliounen Euro an dëse Standuert. An et geet hei an éischter Linn ëm den Assamblage vun de Remorquen.

D'Iddi ass, fir ze soen, am Joer 2027 ëm déi 2.500 Agrarremorquen duerch Europa rullen, déi hei zu Esch produzéiert goufen.

JOSKIN huet 880 Mataarbechter am Moment. Si wäerten op 1.200 eropgoen no an no. A mir hunn d'Confirmatioun kritt, dass si mat 85 zousätzlechen Aarbechtsplazen hei op dem Escher Site rechnen. Dat duerch déi verschidde Beruffsgruppen duerch.

D'Installatioun, wou produzéiert gëtt, läit zu 100 % um Escher Terrain, verschidden Elementer, zum Beispill d'Entrée vum Site, leien um Suessemer Terrain.

Mir hunn eis dunn d'Fro gestallt, wéi eigentlech hei de Virgang ass, wann esou e Site net an enger Zone d'activité läit, mee wann en awer op engem Site läit, wou zwou Gemenge betraff sinn. Mir hunn do bei verschiddene Ministèren nogefrot an d'Äntwert war, wann der komplett Kloerheet wëllt, dann ass de beschte Wee, fir einfach eng Konventioun ofzeschléissen tëschent deenen zwou Gemengen an dann der Societéit.

An d'Opdeelung, wou mer hei proposéieren, sinn eng Opdeelung fir den ICC vun 11 % fir d'Gemeng Suessem an 89 % fir d'Stad Esch. Dat ass eng ganz pragmatesch Berechnung, déi einfach dann opgrond vun der Surface vun den Terraine vun deenen zwou Gemenge baséiert.

Et hätt een och kënnen aner Krittären nach mat integréieren an d'Berechnungen, zum Beispill d'Reseauen, mee mir wollten et relativ einfach halen, an och aus Kollegialitéit tëschent den zwou Gemengen dann op deen do Wee goen.

Ech hat selwer Kontakt mat der Famill Joskin, déi dann och zougestanen huet, fir dës Konventioun esou ze ënnerschreiwen.

Ech weess, dass beim Site och nach deelweis un aner Aktivitéite geduecht ginn ass ee Moment. Et ass e Site, deen dem Staat gehéiert. Et ass e Site, wou dann eebe JOSKIN zougesprach ginn ass. Aner Projete wären och flott gewiescht, mee ech wëll awer soen, dass ech awer e bëssen houfreg drop sinn, dass mer dann awer eng Societéit, wou am Agrarsecteur wierklech e groussen Numm ass, e Weltnumm ass, dass mer deen dann op d'mannst zu engem klengen Deel hei op Esch kréien.

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Den Här Funck.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Dir hutt eng Saach gesot, dass Der wësst, dass och aner Projeten ugeduecht waren. Déi Projeten, déi do am Kapp sinn, ginn et

do vläicht schonn aner Iddien, wou mer déi kéinten implementéieren?

Mee ech hunn nach eng Fro zum ICC. Mir haten de leschte Gemengerot, mengen ech, de Vott. Huet JOSKIN verhandelt mat der Suessemer Gemeng, fir hiren Hiewelsaz erofzesetzen oder ware si domat averstanen, dass et zwee verschiddener ginn? An hu si den héijen dann awer akzeptéiert zu Suessem, ouni ze diskutéieren?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Et gëtt Diskussioune fir déi aner Aktivitéiten, wou mer aner Sitten en vue hunn a wou mer och schonn un den Ekonomiesministère, awer och un aner Gruppéierunge gaange sinn, fir ze froen, ob een do ka weiderdenken.

Ech soen och ganz konkreet. Dat ass den Handwierkerhaff, wou mer gär géingen zu Esch realiséieren. Wou mer verschidde Pisten hunn a wou mer eeben elo kucken, wat méiglech ass.

D'Verhandlunge mat JOSKIN, déi hunn ech gefouert. Do gouf et kee Kontakt mat Suessem. An et war zu kengem Moment eng Diskussioun driwwer, ob et iergendwellech Upassungen op Suessemer Säit beim ICC géinge ginn.

Den Här Baum huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech fannen et eng ganz pertinent Remark vum Här Funck.

Ech wollt just preziséieren, dat hei ass elo eng Zort Konventioun, wéi Der zu Recht sot, déi mer och mat Entreprisen hunn. Hei geet et drëm, wéi organiséiere mir, datt mir vun den Entreprisë Sue kréien. Dorëms geet et an där heiter Konventioun. An et geet net drëm, wéi mer lukrative Gesellschafte Sue ginn. An dat begréissen ech also a stëmmen dat mat.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dat ass super.

Mir kënnen och nach eng Kéier zesummen den Historique vun de Konventioune maachen, Här Baum. Do sinn der, déi an déi zwou Richtunge ginn.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 7.2. Convention avec l'association « Wunnengshëllef » ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann komme mer bei weider Konventiounen. Als éischt d'Konventioun mat der Wunnengshëllef. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

De Punkt 7.2 betrëfft eng Konventioun, déi fir eis Sozial- a Jugendpolitik eng ganz zentral Bedeitung huet. Mat der „Étape 21" bitt d'Wunnengshëllef ASBL eng strukturéiert Form vu Begleedung fir jonk Erwuessener un, déi um Wee an hir Selbstännegkeet stinn, mee déi heiansdo e realistescht a professionellt Ënnerstëtzungsëmfeld brauchen.

Mir schwätze vu Jonker, déi net an enger klassescher Situatioun sinn. Déi wëllen autonom ginn, si wëllen eegen Decisiounen treffen, mee si hunn nach e puer Schrëtt viru sech.

„Étape 21" bitt hinne genau dat: Wunnraum, sozialpedagogesch Begleedung, an e Kader, an deem si kënne léieren, Verantwortung ze iwwerhuelen, hiren Alldag ze organiséieren an déi nächst Schrëtt an d'Liewen ze maachen.

D'Konventioun, déi mir haut zur Stëmmung présentéieren, gesäit vir, datt d'Stad d'Salaireskäschte vun engem 0,25-Posten Educateur gradué iwwerhëlt.

Firwat eebe grad deen doe Schlëssel? Et ass eng Persoun, déi natierlech am Kader vun der ASBL och nach aner Sitten huet, wou et eeben och do Tâchen ze féieren huet. An hei geet ëm ee Véierel vu sengen Aktivitéiten, déi sech eebe konzentréieren op „Étape 21". An och un de Fonctionnementskäschten deelhëlt – esou wéi et am Dokument detailléiert ass.

D'Missioune vun der Coordinatrice, déi an der Annex prezis beschriwwe sinn, weisen och, wéi wichteg déi individuell Begleedung ass: sozialpedagogesch Begleeden, Hëllef beim Opstelle vu Pläng, Orientatioun am administrativen an am professionellen Alldag, an eng enk Zesummenaarbecht mat de Servicer vun der Stad.

Fir mech ass et wichteg, ze ënnersträichen, datt dëst net nëmme finanztechnesch eng gutt Investitioun ass, mee virun allem eng Investitioun an d'Zukunft vun Escher Jonker. Wéi gesot, och grad an enger Penurie vu Wunnengen ass dat hei eng flott a gutt Léisung eebe fir Jonker, déi hir éischt Wunnengsform sichen. An dofir géif ech lech bieden, déi dann och matzestëmmen.

Ech soen lech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen heizou?

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 7.3. Convention tripartite « services pour jeunes » relative au Centre de rencontre et d'information pour jeunes (CRIJE) pour l'exercice 2025 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann d'Konventioun mat dem Escher Jugendhaus. Den Här Cavaleiro behält d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci.

D'Konventioun, déi mir hei virleien hunn, ass d'Resultat vun enger méi laanger Austausch- a Verhandlungsphas mat de Responsabele vum MENJE. An ech muss och soen, datt et net nëmmen dës Konventioun impaktéiert huet, mee awer déi, wou virdru geschwat ginn ass.

Well de Ministère hat sech d'Zil gesat, seng Konventioune mat de Maisons de Jeunes am ganze Land ze harmoniséieren an ze moderniséieren. An dës nei Form ass genau d'Konsequenz vun där Approche. Et ass also eng Konventioun, déi net nëmmen e lokale Kader festleet, mee och déi nei Linn vum Staat an der Jugendaarbecht reflektéiert.

Fir eis als Stad Esch ass dëst wichteg, well et d'Fruucht ass vun enger Serie vu Reunioune mat de staatleche Responsabelen, wou mir ëmmer nees drop higewisen hunn, datt d'Modell, dat mir an de leschte Joren applizéiert haten, eng Rei Käschten enthale huet, déi bis elo exklusiv op Käschte vun der Stad Esch gaange sinn – an dat heiansdo ouni real Méiglechkeet, dës Käschten ze deelen.

Déi grouss Neierung vun dëser Konventioun ass dofir ganz kloer. Vum Januar 2026 u mécht de MENJE d'Dier op, fir och déi Käschten ze kofinanzéieren, déi bis elo zu 100 % vun der Stad Esch gedroe goufen.

Dat ass eng bedeitend Evolutioun, an et ass och eng Unerkennung vun der wichteger Roll, déi mir als Stad Esch an der Jugendpolitik spillen.

Am Austausch mam Ministère ass ënner anerem festgehale ginn, datt den hallwen ETP vum JIP, vum Jugend Info Point an der rue du Commerce, deen d'Stad bis elo eleng finanzéiert huet, an d'Konventioun vum CRIJE integréiert gëtt. Also 50 % MENJE, 50 % Stad Esch. Ouni datt d'Finanzéierung vum Ministère anescht reduzéiert géif ginn.

Donieft wäert de Ministère och bei enger Rei aner Käschten, déi d'Stad bis elo eleng gedroen huet, och sech dann och mat 50% bedeelegen.

Eenzel Elementer bleiwen awer logescherweis an der Verantwortung vun der Stad Esch, wéi zum Beispill de Loyer, well d'Konditioune vum Ministère de la Jeunesse d'Mise à disposition vum Gebai duerch d'Gemeng viraussetzen.

Dës nei Konventioun schaaft also eng modern, ekilibréiert a fair Partnerschaft tëscht dem Staat an d'Stad Esch. Fir d'Escher Jugendhaus bedeit et Planungssécherheet, eng kloer Rollendeelung an eng Stäerkung vum Encadrement. Fir eis Jugend bedeit et eng Struktur, déi professionell, stabill an am Aklang mat de Besoine vun enger jonk an diverser Stad funktionéiert.

Ech wëll och ënnersträichen, datt dës Zesummenaarbecht entstanen ass duerch eng konstruktiv a respektvoll Koordinatioun tëscht eisem Service Jeunesse an de Responsabele vum Ministère.

An ech proposéieren, wéi gesot, fir dës Konventioun ze approuvéieren. Ech soen lech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro.

Wuertmeldungen? Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci villmools fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Jo, d'Jugendaarbecht ass enorm wichteg, wéi mer alleguer wëssen. Wat ech hei gutt fannen, ass och, datt mer onbedéngt méi Kloerheet awer, géif ech soen, gebraucht hunn, fir d'Kompetenze genau ofzeklären.

An och déi Saach mam Finanzement ass jo ëmmer eng Saach, déi mir wichteg ass. An dat, fannen ech, geet hei an déi richteg Richtung, vu que datt mer do dann am Fong geholl manner mir selwer mussen droen an zu 50 % bei verschiddene Punkten och de Ministère dann an Zukunft ënnerstëtzt ginn. Dat ass nëmmen eppes, wat ech natierlech als Escher ka begréissen.

Dofir si mir dann och heimat voll averstanen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci.

Et gëtt soss keng Wuertmeldung, dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 7.4.1. Contrat de bail avec la Fondation LGS relatif au Pavillon 5; décision

### 7.4.2. Convention de subside avec la Fondation LGS relative à la mise à disposition du Pavillon 5; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir bleiwe bei der Jugend. Bei de Scouten a bei de Guiden. Den Här Cavaleiro behält d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Majo, ech proposéieren, fir d'Punkte 7.4.1 a 7.4.2 zesummen ze presentéieren, well béid Decisiounen ontrennbar matenee verbonne sinn.

Als éischt hu mir de Contrat de bail fir d'Mise à disposition vum Pavillon 5, an direkt duerno d'Konventioun, déi de finanzielle Subsid festleet, fir d'Frais vun dësem Bail ze decken. Et ass also logesch, dës Punkten och zesummen ze behandelen an, wann de Conseil natierlech averstanen ass, zesummen ofzestëmmen.

Wéi gesot, d'Pavillonen an den Nonnewisen, dorënner och dëse Pavillon 5, sinn Deel vun eiser lokaler Geschicht. Si waren deemools fir

d'Festivitéiten zum 100. Anniversaire vun der Stad Esch opgeriicht ginn.

De Pavillon 5, deemols genannt „Pavillon Rencontres et Migrations" hat scho fréier eng kloer Intentioun: Plaz fir Integratioun, Diversitéit a fir d'Liewe vun de Quartieren ze schafen.

Haut, wou d'Renaturatioun vun der Dipbech quasi ofgeschloss ass an de Quartier Nonnewisen sech konkretisiert a vun neie Familljen a Liewensrhythmen ausgefëllt gëtt, ass et eis Absicht, dëser Plaz eng nei, kohärent a sozial Ambitioun ze ginn: e Raum fir d'Jugend, fir d'Zesummeliewen a fir d'Associatiounen, déi am Quartier aktiv sinn oder wëlle ginn.

An deem Kontext ass et fir eis eng ganz natierlech Entscheedung, datt d'Fondatioun Lëtzebuerger Guiden a Scouten d'Responsabilitéit vum Pavillon 5 iwwerhëlt. D'Scouten hunn zu Esch eng laang Traditioun a sinn ee vun de bedeitendsten a stabillste Partner an der Fräizäit- a Jugendbildung.

D'Grenzer Scouten an d'Juppe-Scouten droen zënter Joerzéngten zum Zesummenhalt, Éierlechkeet, Verantwortung an Teamgeescht bäi. Si sinn en Deel vun eiser sozialer Identitéit och als Stad.

Duerch de Bail, deen am Punkt 7.4.1 virgesinn ass, stelle mir dëse Pavillon fir hir Aktivitéiten zur Verfügung – mat kloer definéierte Konditiounen, engem räsonabele Loyer an enger Joresprolongatioun. Mee gläichzäiteg – an dat ass wichteg – soll dëse Pavillon keng exklusiv Plaz sinn, mee eng Plaz, déi lieft.

D'Konventioun am Punkt 7.4.2 definéiert kloer, datt d'Fondatioun vun de Guiden a Scouten d'Koordinatioun iwwerhëlt an och aner Associa-tiounen, wéi zum Beispill d'Escher Jugendhaus, kënnen Zougang kréien, punktuell oder reegelméisseg, no engem Ofkommes an engem Notzungsplang, deen d'Fondatioun organiséiert.

Dëst garantéiert, dass de Pavillon wierklech eng multifunktionell Plaz fir d'Jugend an de Quartier gëtt.

Duerch de Subsid, deen am 7.4.2 virgesinn ass, iwwerhëlt d'Stad e wesentlechen Deel vun de Fraisen, déi liéiert sinn un dem Lokal. Dat ass konsequent, well mir mat dësem Modell eng Relatioun schafen, wéi si fir eis Politik charakteristesch ass. Als Stad investéiere mir an d'Infrastruktur an an d'Konditiounen, an d'Associatiounen investéieren an d'Liewen, d'Aarbecht mam Public an Zesummenhalt.

Dofir géif ech lech elo bieden, wéi gesot, déi zwee Punkte matenee matzestëmmen, well dat och am Sënn ass an am Zweck vun der Jugendaarbecht, déi mer um Terrain maachen.

Ech soen lech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen? Den Här Baum an duerno den Här Faltz.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Den Här Cavaleiro huet ganz Recht, wann hie seet, datt dat hei, mengen ech, e ganz gudde Projet ass. D'Lëtzebuerger Guiden a Scouten, fir deenen de Pavillon 5 zur Verfügung ze stellen, datt Liewen dohi kënnt, datt dee Pavillon benotzt gëtt.

A virun allem sinn ech och frou driwwer, datt och de Passus dran ass, datt souwuel

de Pavillon awer och weiderhi fir Aktivitéite vun der Escher Gemeng ka genotzt ginn, wéi awer och fir aner Associatiounen, déi am Jugendberäich aktiv sinn, respektiv fir d'Quartiersliewen ze erhalen. Dat fannen ech ganz positiv.

Ech hu just eng Fro. Ech hat et à la base esou verstanen, wéi wann op der enger Säit mer e Loyer froen an op der aner Säit duerch d'Subventioun awer och dozou bäidroen, fir datt in fine en Null-Summen-Spiel +/- gëtt. Dat heescht, datt d'Fondatioun net do net misst en décke Loyer bezuelen.

Ech hu mer just d'Fro gestallt, an deem engen Dokument steet e Loyer mensuel vun 2.196 €, an an deem aneren Dokument eng Subvention unique vun 2.200 €, déi och an dräi Tranchen ausbezuelt gëtt.

An ech mengen, datt een entweeder an deem engen Dokument misst soe Loyer annuel. An dat misst een awer da preziséieren. Oder vläicht kënnt Der herno Erklärunge ginn. Datt et wierklech zu deem Null-Summen-Spiel kënnt, wat eigentlech gewënscht ass.

An dann eng allerlescht Remark, wat mam Pavillon, net dem 5, ze dinn huet. Mir hunn e wonnerschéine PARLE op den Nonnewisen. Do ass och nach e Pavillon, wou elo grenzwäerteg ausgesäit. Wou d'Fënstere komplett ageschloe sinn. Wann een e Bistro géif dramaachen, géif een et e Schandfleck nennen.

Ech hoffen, datt Der do Iddien entwéckelt, wéi een dee Pavillon och kéint am Interêt vum Quartier weiderentwéckelen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Den Här Faltz an dann den Här Schmit.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci fir d'Wuert.

Ech schléisse mech dem Här Baum un, et ass effektiv wichteg, dass mer dee Pavillon do an deem Quartier, deen awer eng zentral Plaz do anhëlt an deen och, mengen ech, iwwer all déi Joren net weider gelidden huet a sengem Esprit, dass deen erëm belieft gëtt.

Ech schléisse mech och där Remark u vun de Loyeren. Ech fannen et e bësse komesch, dass mer déi eng Säit am Fong et ginn an op der anerer Säit et am Fong erëm huelen.

Voilà, mee dat ass eng Decisioun – also ech hätt hinnen et da vläicht mol fir näischt ginn oder sou. Mee dat bréngt mech awer trotzdeem op eng aner Fro, déi scho virdru mol eng Kéier hei gestallt ginn ass, wéi eis Loyeren iwwerhaapt esou ausgesinn.

Well verschiddener kréien eppes fir näischt, déi aner kréien et fir e symboleschen Euro, en anere kritt et fir e richtege Loyer. Hei ass, mengen ech, zum Beispill de Loyer einegermoosse bëlleg, wat awer elo net Deel vun der Diskussioun ass.

Dass mer do vläicht einfach mol eng Lëscht kréien, wéi déi verschidde Prestatairë mat eis am Loyer stinn.

Dir schreift och an der Konventioun, dass d'Chargë sollen iwwerholl ginn. Do sinn ech net ëmmer sou e grousse Fan, well wann eppes fir näischt ass, huet een ëmmer d'Tendenz, fir net onbedéngt de Su mol eng Kéier ze dréien. Dat heescht, wann et fir näischt ass, dann deet et net sou wéi um Enn vum Mount.

Also wann ee seng Chargë muss bezuelen, da passt een e bësse méi op, wéi ee seng Energie notzt. An ech mengen, an deem Zäitraum, wou mer am Moment sinn, wär dat vläicht awer e wichtegt Zeechen.

Eppes Aneres, wat ech awer wollt soen, ech fannen, Dir sidd schonn e bësse streng mat Äre Scoutskolleegen. Also déi Méiglechkéite fir lech, fir deenen de Bail ewechzehuelen. Also ech hoffen, dass do net iergendwou een eng Béierfläsch fale léisst, well dat ka scho bal e Grond sinn, fir de Bail ze kënnegen. Also ech hoffen, dass Der net sou streng zu Wee gitt, wéi en do beschriwwen ass. Also en ass net schlecht.

Fir sou Scouten, wou ech mer awer ka virstellen, dass dat eng lëschteg Gesellschaft ass – voilà, sidd net esou streng mat de Jongen a Meedercher.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Cavaleiro seet eppes zu der Konventioun, den Här Sehovic eventuell nach zum anere Pavillon, deen an den Nonnewisen steet.

Pardon, den Här Schmit wollt nach eppes soen. Dir hutt d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Jo, wéi gesot, datt ee sech erëm ëm de Pavillon 5 këmmert, dat ass jo wierklech gutt. Et wär schued, wann dat einfach sou brach leie géif.

Hei d'Lëtzebuerger Guiden a Scouten an deem Sënn ze ënnerstëtzen, ass eng ganz gutt Saach. Ech mengen, si hunn dat och verdéngt. An ech hoffen och, wéi gesot, datt een net ze streng mat de Jongen ëmgeet par rapport zu deem, wat hei drasteet, wou kéint am Fong geholl da Problemer ginn, wann eppes géif net esou, solle mer soen, gutt ënnerhale gëtt oder wéi dat vläicht bei deene Jonken de Fall kéint sinn, dat mol eppes kéint ëmfalen oder eebe futtigoen.

Dat ass jo an enger gewësser Hisiicht normal. An ech mengen och, datt mer dat sou handhabe wäerten an net ze streng wäerten do sinn.

Op jiddefalls sinn ech frou, datt do eppes an där Hisiicht leeft. A mir géifen dat hei dann natierlech och mat ënnerstëtzen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

Den Här Cavaleiro.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Jo, ech wollt just nach e puer Äntwerten hei gi par rapport zu deene Froen.

Kloer ass dat hei eng Null-Operatioun. Dat ass e Loyer vun 2.200 € monatlech, deen herno natierlech mam annuelle Subsid och kompenséiert gëtt. An et ass och elo net, wéi wann d'Scouten déi Sue missten monatlech strecken. Déi ginn, wéi gesot, iwwer dës Konventioun, de Subsid, och gedeckt.

Firwat eeben zwee Dokumenter? Eng Konventioun fir de Subsid an déi aner Säit e Kontrakt? Ech mengen, et ass och eng Saach vun Assurancen.

Ech mengen, de Veräin, deen awer Lokalitéite vun enger Gemeng respektiv vun engem anere Proprietär notzt, muss natierlech och e Kontrakt hunn, deen och kloer definéiert, datt en déi Plaz dierf benotzen. Wann en natierlech hannendru sollt eng Assurance maachen, muss dat och kloer dokumentéiert sinn. An dann ass dat och fir eis transparent.

Bon, déi Konventioun ass net méi streng wéi anerer. Et muss ee soen, dass et e Modell

ass, dee mer als Gemeng applizéiere fir all eis Konventiounen. A mir wäerte sécherlech net d'Scoute méi schlecht behandele wéi aner Partneren, wou mer aner Raimlechkeeten zur Verfügung stellen.

*(Interventioun)*

Déi ass scho geännert. Et ass eng kleng Erreur matérielle an den Dokumenter. Mee op jidde Fall ass dat natierlech am Subsid verbessert, dass deen de Loyer och soll komplett decken.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Sehovic huet elo d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Par rapport zu de Pavillonen an deenen anere Pavillonen ass et esou, dass mer effektiv elo an dëser Legislaturperiod eis zur Prioritéit gemaach hunn, déi elo nach eng Kéier op de leschte Stand ze setzen.

Wann Der do an der Géigend spadséiere waart an der Lescht, dann hutt Der de Constat gemaach, dass mer, éischtens, hei am Pavillon 5, ëm deen et haut geet, eng Rei vu Verschéinerungsaarbechte gemaach hunn, notamment fir den Aspect extérieur eigentlech vum Pavillon erëm flott ze maachen. Déi Aarbechte sinn esou wäit ofgeschloss.

Mee Dir hutt awer och festgestallt, dass mer Aarbechte gemaach hunn um méi grousse Pavillon, wou d'Galerie Schlassgoart dran ass. Wou mer och d'Fassad frëschgemaach hunn. Wou mer elo och de Constat gemaach hunn, dass mer och nach wäerten um Daach eng Rei vun Aarbechte maachen.

An den drëtte Pavillon a Fro, do ass jo direkt niewendrun amgaangen, e flotte Park ze entstoen. A mir sinn amgaangen, mir sinn do eigentlech op der Sich no engem Projet, deen op der enger Säit complementaire ass zu deem Park, deen do amgaangen ass, ze entstoen, oder quasi fäerdeg ass, an op der anerer Säit awer och de Besoinen an de Bedürfnisser vun de Residenten, déi net wäit ewech sinn, respektéiert. A wa mer do Neiegkeeten hunn, da wäerte ganz sécher heihin nach eng Kéier zeréckkommen.

Et bleift mer nach ze soen, well dat ass eng Fro, déi ech elo kritt hunn, gëschter, virgëschter, par rapport zum Pavillon 5. Ob dann de Chrëschtmaart vun Transition Minett do weiderhi ka stattfannen.

Dat ass gedeckt iwwer d'Dispositioun vun den aneren Associatiounen, sou dass ech lech engersäits aluede fir d'Wanterfest dëse Weekend um Gaalgebierg an dann de Weekend drop de Chrëschtmaart autrement am Pavillon 5, deen dann och weiderhi kann organiséiert ginn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic.

Also ech kommen dann elo drop, ganz formell, fir dass jidderee weess, wat en do stëmmt.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Mir haten et jo hei leien.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

A, et loung elo um Dësch? Maja, d'Erreur matérielle, déi ass an deem Fall verbessert ginn. Et ass esou, de Loyer ass mensuel an

och de Subsid ass mensuel. Dass sech dat natierlech eent zu eent deckt.

Dat ass eppes, dat hu mer agefouert an deene leschte Joren, well mir als Schäfferot reegelméisseg op Generalversammlunge gaange sinn, an dann hu Veräiner sou Sätz gesot wéi: „A jo, mir kréien awer guer näischt vun der Gemeng". An dann herno hu mer gesot, jo, mee Dir hutt zum Beispill d'Lokal an Dir hutt d'Chargen an eventuell och nach Personal vun der Gemeng, wou nach eng Kéier hei mat botzt an esou.

A mir empfannen net, dass dat näischt ass. An dowéinst nenne mer da Montanten. Dat ass virun allem eeben am soziale Secteur, d'Zesummenaarbecht mat soziale Servicer. Ech denken u Médecins du Monde, ech denken un d'Stëmm a sou weider, wou dat dann ageschriwwe gouf.

An dat eng Linn war, wou mer do agefouert hunn, fir einfach dat och kënnen ze benennen. An dat dann och kënnen ze benennen zum Beispill par rapport zu den nationalen Acteuren.

Well wann een dann iergendwou higeet op e Ministère a seet, mir stellen e Lokal zur Verfügung, dann ass dat ëmmer sou selbstverständlech duergestallt. Mee wann een awer seet, mir stellen e Lokal zur Verfügung – an dat ass awer e Coût, wou mer chiffréieren zum Beispill op 60.000 € d'Joer, wou mer domat e Subsid ginn. Ma dann ass dat eng aner Base de données, wou ee kann diskutéieren.

Voilà, ech mengen, dass dozou alles gesot ginn ass. An ech hu vollst Vertrauen an d'Guiden a Scouten. Ech gesinn der hei e puer am Sall. Dat sinn alles ganz responsabel Leit. Dass dat alles wäert gutt oflafen.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 7.5. Convention de mise à disposition de salles dans le cadre du projet « PARLE » ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann déi nächst Konventioun. Dat ass och den Här Cavaleiro.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Jo, den nächste Punkt betrëfft eng Konventioun, déi gutt an eis sozial a gesellschaftlech Orientéierung als Stad passt.

Et geet ëm d'Bereetstellung vu Raim an der Maison des Citoyens fir d'ASBL EFID, déi de Projet PARLE zu Esch duerchféiert. An hei ass et eeben eng Konventioun, déi de Veräin näischt kascht. Wou mer eebe just Säll zur Verfügung stellen.

Dëse Projet ass eng Formatioun, déi sech ganz konkreet un Erwuessener aus Drëttstaate riicht, déi REVIS kréien an déi d'Chance wëllen notzen, Franséisch opzebauen an domat den Accès zum Aarbechtsmaart ze verbesseren.

Et ass eng Kombinatioun aus Sproochcours, berufflecher Orientatioun an individueller Begleedung, déi drop ausgeriicht ass, Leit méi autonom ze maachen an hinnen eng realistesch Méiglechkeet fir eng Integratioun duerch Aarbecht ze bidden.

D'Stad Esch stellt, wéi gesot, an deem Kader gratis Säll zur Verfügung, mat fixen Zäiten an engem kloer definéierte Benotzungsramen, sou wéi et an der Konventioun festgehale gëtt. An hei d'ASBL verpflicht sech am Géigenzuch, d'Raim professionell ze notzen, an engem gudden a propperen Zoustand ze halen an déi néideg Responsabilitéiten a Versécherunge fir d'Aktivitéiten ze iwwerhuelen.

A wéi gesot, hätte mer eeben déi Konventioun, kéint een, wéi gesot, nach och hei déi Assurance eeben net huelen.

Fir eis als Stad ass dat méi wéi eng technesch Dispositioun. Et ass e klore Message, datt mir och an der Integratioun hei eeben esou eng Associatioun ënnerstëtzen, fir eeben där Populatioun och déi néideg Formatioun kënnen unzebidden. An dat am Sënn vun eiser Stad.

Dofir géif ech Iech bieden, dat och matzestëmmen. Villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro.

Wuertmeldungen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 8. Transactions immobilières

### 8.1. Compromis de vente relatif à la maison sise 21, Rue Michel Gloesener (Lot 7N Nonnewisen); décision

### 8.2. Compromis de vente relatif à un appartement sis 56, Rue Guillaume Capus (Lot 6N Nonnewisen); décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei zwee Compromisen, déi mer ze stëmmen hunn.

Dat ass fir d'Transactions immobilières, wou mer an den Nonnewisen dann op der enger Säit en Haus am 7N verkafe fir 746.000 €. No Ofzuch vun allen Aidë bezilt do den Acquereur nach 599.000 €.

An dann en Appartement am Lot 6N fir 509.000 €. No Ofzuch vun allen Aidë bezilt do den Acquereur nach 437.000 €. Dat natierlech

an de Konditioune vum Bail emphytéotique an herno mam Akt, sou wéi mer en hei gestëmmt haten.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 8.3. Deuxième avenant à l'acte de donation du 30 avril 1963 entre la Ville et Arcelor-Mittal; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer en Avenant ze stëmme par rapport zu engem Acte de donation vum 30. Abrëll 1963. Dat do ass elo eng Suite par rapport zu der unanimmer Decisioun, déi mer hei geholl hunn de 26. September, wou mer d'Konventioun mat dem Kierchefong gestëmmt hunn.

Well dat hei dann eeben eng Upassung gëtt, déi mer an där Konventioun decidéiert hunn. An dann eeben och elo ëmgesat gëtt mat dësem Avenant.

Pour rappel: Am initialen Akt vun 1963 schenkt d'ARBED der Stad Esch eeben d'Paterskierch, plus dem Paschtoueschhaus an der Maison Porte Ouverte, mat dann allem, wat dran ass. Zwee Festsäll, zwee Versammlungsraim a sou weider.

Eng Prezisioun bei der Porte Ouverte ass awer am Akt, dass d'Notzung vu kathoulesche Veräiner an Aktivitéite muss genotzt ginn. Dat heescht, dass ab deem Moment d'Oeuvres paroissiales vu St. Henri dann dee Moment d'Maison Porte Ouverte geréiert hunn. Si se verlount hunn, si doduerch och Recetten haten. An dat eebe wierklech eng exklusiv Notzung war vun hinnen.

A mir selwer als Stad Esch et net genotzt hunn oder eebe selwer dann e Contrat de bail mat hinnen ofgeschloss hunn, wa mir eist Gebai wollten notzen.

D'Paschtoueschhaus ass scho länger – dat war mam Accord vun der ARBED – do erausgeholl ginn aus dem Akt an ass a Studentewunnengen transforméiert ginn, déi mer dann als Stad Esch geréieren.

An da mam Vott vum Dezember 2016 ass och d'Kierch zeréck an de Kierchefong gaangen. An haut stëmme mer dann elo definitiv, dass dann eeben och d'Maison Porte Ouverte, déi eis zwar souwisou gehéiert, mee dann och elo komplett un eis zeréckfält an dass mir se elo kënne benotzen. Dass mir se kënne fir kulturell Zwecker, awer och soss fir Associatiounen zur Verfügung stellen. Dat ënner Konditiounen, déi mir da fixéieren.

Dat ass elo no an no alles ze klären. Dat heescht, do waarde mer d'Approbatioun of vum Interieur. Dann ass den Akt ënnerschriwwen. An da wäerte mer eis och bei deenen Associatioune mellen, déi am Moment nach an der Maison Porte Ouverte sinn, fir ze klären, wéi deen Iwwergang da wäert lafen. A fir eeben och am Budget eppes virzegesinn, well mer awer mussen Upassungen hei virhuelen.

Et ass also e klengen, awer net onwichtegen Akt, well mer domat e flott an interessant Gebai erëm wierklech an d'Notzung vun der Stad Esch kënne kréien.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 9. Questions de personnel traitées en séance publique

### 9.A.1. Création d'un poste de chargé de communication dans le statut du fonctionnaire dans le groupe de traitement A2, sous-groupe administratif, auprès du service Communication; décision

### 9.A.2. Création d'un poste de chargé en matière de cybersécurité dans le statut du salarié assimilé au groupe d'indemnité A2, sous-groupe scientifique et technique, auprès du service informatique; décision

### 9.A.3. Création d'un poste d'agent administratif dans le statut de l'employé communal dans le groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif, auprès du service Biens communaux; décision

### 9.B. Décision de classement de Madame C.H., agent engagé dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du service; décision

### 9.C. Allocation de primes de responsabilité à des agents occupés auprès des structures socio-éducatives de la Ville; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Personalfroen. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Bei dem Personal hu mer Suppression- a Creation-de-posten. Um Niveau vun der Kommunikatioun proposéiere mer, fir eng Creation de poste ze maachen als Chargé de communication am Statutt vum Fonctionnaire. A gläichzäiteg maache mer eng Suppressioun vun engem, deen am Statutt vum Employé communal ass. En A2.

Da si mer am Service informatique sou wäit, dass mer e CISO fonnt hunn. Dat ass een, dee sech ëm d'Sécherheet an der Informatique këmmert. An do proposéiere mer dann am Statutt vum Salarié à tâche intellectuelle am Grupp A2 eng Creation de poste ze maachen.

A bei den Travaux municipaux bei de Biens communaux gëtt eng Creation de poste gemaach vun engem administrativen Employé am Kader vun engem Redakter.

An dann hätte mer nach Decisiounen ze huelen. Decision-de-classementen, wou Der am Dossier hutt. Dat am Departement des Affaires économiques. Do musse mer e Klassement stëmmen.

Dann hu mer och nach zum Schluss déi Prime de responsabilité, déi Der och an Ärem Dossier hutt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen zu dësen Dossieren? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 10.1. Compte de gestion pour l'exercice 2023; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci fir dee Vott. Da komme mer, léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, bei d'Konte vum Exercice 2023.

Ech wëll nach eng Kéier kuerz op de Kontext vum Ausschaffe vun deem Budget agoen. Da war am Wanter 2022, wou dat geschitt ass. Zu engem Moment vun enger grousser Präisdeierecht. Dir kënnt Iech erënneren un d'Energiekris, déi mer grad dee Moment haten, wou mer och aus Käschten, awer och aus Responsabilitéit iwwerall mat nëmmen nach 20 Grad gehëtzt hunn ënner anerem. Un deen Episod, wou ee sech erënnert.

Wou mer awer och eng gréisser Ongewëssheet haten dee Moment par rapport zu de Finanzen, ob all Invest sou méiglech wär, wéi mer eis e virstellen. Gläichzäiteg war awer och de Budget 2023 natierlech een, dee virun engem Waljoer war.

Dat ass kee Geheimnis, dass ëmmer viru Waljoren natierlech d'Majoritéiten nach eng Kéier wëllen déi lescht Chance notzen, fir verschidde Projeten ze lancéieren, verschidde Projeten an de Flux, an d'Pipeline eranzekréien.

An dat war eebe grad déi schwiereg Gradwanderung deemools. Fir op der enger Säit tëschent ordinären Ausgaben, déi ugezunn hunn. Eleng d'Personalkäschte sinn deemools eropgaangen ëm 20 Milliounen. Eleng d'Energiekäschten, d'Bâtimentausgabe sinn ëm 2 Millioune geklommen.

An dann op der anerer Säit awer en ausseruerdentleche Budget virzeleeën, wou een Ambitioune fir d'Stad Esch weider ënnersträicht.

Et ass vläicht grad sou gutt réckbléckend, dass net all Projet sou ëmgesat ginn ass, wéi dat am Idealfall géing funktionéieren. Well trotz allem ass dat awer och de Budget, wou ech wëll drun erënneren, dass mer hu missen en Emprunt huelen, fir dass en herno konnt ofgeschloss ginn.

D'Eckdate vun de Konten 2023 si follgend. Am uerdentlechen Deel ziele mer Recettë vun 252.978.478 € a mer zielen Depensë vun 205.329.941 €. Heiraus ergëtt sech dann en

Iwwerschoss vu 47.648.537 €. Rechent een de Boni vun de Konten 2022 bäi, da kënnt een op e Gesamtiwwerschoss vu 77.970.606 €.

Bei den ausseruerdentleche Recettë sti mer bei 68.526.772 € a bei den ausser-uerdentlechen Depensë bei 93.076.645 €. De Mali, deen doraus entsteet, kompenséiert duerch den ordinäre Boni, soudass d'Konten 2023 um Enn e Boni général vun 53.420.733 € opweisen. Ech hunn lech elo d'Kommazuelen erspuert.

D'Politik interesséiert natierlech domat déi administrativ Konten. Dat heescht, wou een nach eng Kéier nokucke kann an de Vergläich maache kann tëschent dem Budget an dann de Konten.

Den extraordinäre Budget initial stoung 2023 bei 205 Milliounen Euro, an de Konte stoung e bei 93 Milliounen Euro. Ech weess, dass déi Schnell d'Rechnung elo scho gemaach hunn an de leschten Deeg an dass mer da bei engem Rectifié erauskomme par rapport vum Budget initial, dee bei 41 % läit. Dat ass vergläichbar zu de Konten 2014 bis 2019.

De Réalisé par rapport zum Budget rectifié – dat ass den Taux de réalisation – läit bei 68 %. Dat ass iwwer dem Duerchschnëtt aus de leschten zéng Joren. Dat alles, sachant dass den Invest natierlech an de leschte Jore bedeitend méi héich war, wéi wann een elo d'Jore virun 2017 kucke geet. Oder souguer d'Jore virun 2020 kucke geet, wou mer nach net an deenen Dimensioune waren, wou mer elo hei tatsächlech sinn.

Ech weess, dass den Exercice dora besteet, dass elo d'Oppositioun seet, dass de Réalisé natierlech net héich genuch ass, an dass d'Majoritéit erkläert, firwat de Réalisé net méi héich ass.

An ech wëll hei ganz kloer soen, dass mer als Majoritéit den Usproch hunn, e gudde Réalisé ze hunn. Dass dat eist Zil ass an dat e grousse Sujet ass, dee mer notamment beim Opstelle vun de Budget 2024, 2025 an 2026 mat eise Servicer thematiséiert hunn.

Mir hunn e méi realistesche Budget, an dat wäert Der och an de Konten, déi dann an den nächste Jore kommen, duerchaus gesinn, dass déi Tendenz ageschloen huet.

Ech wëll dat Geleescht awer schlussendlech net op engem Pourcentage ausmaachen. Well sou e Pourcentage och ganz schnell fluktuéiere kann.

Ech ginn lech e ganz einfacht Beispill: 2023 hate mer am Budget Acquisitiounen op der Rouder Lëns virgesinn. Do geet et ganz konkreet ëm déi éischt Loten, déi mer kafen. Eng Acquisitioun, déi sech dann op 9,5 Milliounen Euro chiffréiert.

Do war et awer sou, dass mer nach eng ganz Rëtsch Detailer mat IKO ze klären haten, éier mer da géingen ënnerschreiwen an éier mer géinge festleeën, wat mer dann tatsächlech bezuelen. Sou dass d'Acquisitioun eréischt 2024 geschitt ass.

Wann een zum Beispill déi Suen ewechrechent – a fir déi Leit, déi sech da wierklech op de Pourcentage fixéieren –, dann huet dat zum Beispill direkt en Impakt vu 4,6 % am Réalisé. Woumat mer dann däitlech iwwer der Moyenne vun de Jore virdru wieren.

En anert Beispill am ordinäre Budget. Et war en Emprunt ageschriwwen am Budget 2023. Wa mer e Budget aschreiwen, da musse mer och automatesch Zënsen aschreiwen. Ëmmer iwwer sechs Méint ass dat dann de Fall.

Deen Emprunt hu mer awer am allerleschte Moment gezunn, wou en ze zéie war. Dat ass dann awer esou, dass mer 5 Milliounen Zënsen do gespuert hu schlussendlech. Déi mer net

geholl hunn zu deem Moment 2023, an net hu misse bezuelen. An dat huet dann erëm eng Kéier Repercussiounen.

De Réalisé beim ordinäre Budget läit ëmmer gutt däitlech iwwer 90 %. Dat ass och hei de Fall.

Ech wëll dofir e méi geneeë Bléck elo maachen op den ausseruerdentleche Réalisé. An ech wëll do ervirhiewen, wou den Invest higaangen ass. Deelweis och wou e méi higaangen, wéi eigentlech geplangt war.

Wann een et elo a Kéise vergläicht, den Haaptinvest, nämlech ronn 45 % vun allen aussergewéinlechen Ausgaben, ass an den Enseignement an an d'Maison-relaise gaangen. Dat waren en chiffres absolus 41,7 %.

Verschidde gréisser Projete waren eeben hei an de leschte Phasen an dee Moment koumen dunn och däitlech méi déck Rechnungen eran. Dat ass zum Beispill de Fall fir de Generatiounscampus Wobrécken gewiescht, fir d'Phas 1 Bruch-Schoul, fir d'Maison-relaise vun de Pompjeeën oder an der Groussgaass.

Dat weist ganz kloer, dass den Invest an déi formal an an déi non-formal Bildung eng absolutt Prioritéit war. Eleng wann ech déi do Sitte kucken, mengen ech, dass mer domat labber iwwer 600 Chaisë kreéiert hu fir Maison-relais-Kanner, wat einfach weist, wat d'Richtung a wat d'Prioritéit ass.

Den zweethéchste Posten ass dann de Logement. Do si mer bei 16,6 Milliounen Euro, déi investéiert goufen. Dat ass virun allem gaangen an de 6N, an de 7N an an de 4N an den Nonnewisen. Déi allerlescht Rechnung war déi vum 7N. An dann déi déck Rechnungen, déi koumen, fir eeben déi Ofschlëss, notamment och am 6N.

Hei ass, wéi ech virdru scho gesot hunn, d'Rout Lëns, déi eng déck Part ausmécht par rapport zu deem, wat feelt tëschent deem, wat an de Konte steet, an dat, wat am Budget initial ageschriwwe war.

E Punkt, wou mer bedeitend manner ausginn hunn, wéi urspréinglech fixéiert war, war bei de Sportinfrastrukturen. Wat awer virun allem drop zeréckgeet op de Retard beim COHS3. Wou de Chantier sech méi laang gezunn huet an deen net konnt am Waljoer fäerdeggestallt ginn, mee eréischt dëst Joer d'Inauguratioun konnt sinn.

Et ass awer nach en Invest a Sportinfrastrukturen iwwer 10 Milliounen Euro gemaach ginn. Zum Beispill huet den Terrain op Lankelz e syntheeteschen Terrain kritt. En aneren Invest, wou zwar net Sport ass, wou awer och net onsignifikant war dat Joer, dat war zum Beispill den Invest an de Park Wobrécken. Wou jo awer och eng wichteg Plaz ass herno, wou mer wëllen d'Liewensqualitéit an d'Luucht setzen an d'Liewe méi agreabel maachen, fir do e flotte Moment ze verbréngen.

An dann ass et beim kulturelle Beräich, wou een eigentlech dovun ausgaangen ass, dass nach eng ganz Rëtsch Rechnunge géinge kommen nom Kulturjoer 2022. Wou awer och eng Rëtsch Chantiere wärend dem Kulturjoer ofgeschloss goufen a wou dann nach Rechnunge sou nokommen no an no.

Den héchsten Invest war awer schlussendlech deen, dee mer an d'Konschthal an deem Joer investéiert hunn.

Fir de Fazit ofzeschléissen, wëll ech wierlech soen, dass 2023 mat 93 Milliounen Euro e wierklech aussergewéinlech héijen Invest war. Et ass den, wann ech elo 2024 matkucken – déi Konten hunn ech scho gesinn –, ass et eigentlech den drëtthéchsten Invest, dee mer an d'Stad Esch gemaach hunn.

A wann een dann iwwer dräi Joer zeréckkuckt, vun 2022 bis 2024, wann ee seet, okee, mir hunn do iwwer 300 Milliounen an d'Infrastrukturen a Gebailechkeete just am extraordinäre Budget an d'Stad Esch an an d'Liewe vun den Escherinnen an Escher investéiert, da sinn dat beandrockend Zuelen, wou vill aner Gemengen drop kucken an de Constat maachen, dass do awer nach e Wee ze maachen ass, fir bei eis unzekommen.

Zu de Comptes de gestion, do soen ech net ganz vill. Dat ass en technescht Dokument. Dat gëtt opgestallt vum Receveur Thierry Tormena. Deen huet mäin absolutt vollst Vertrauen.

Ech kann dem Gemengerot nëmme suggeréieren, och dat Vertrauen ze deelen an den Här Tormena an natierlech an déi Leit, déi hannert him stinn. An all déi Leit, déi hannert all eise Servicer stinn, déi eppes mat Finanze bei eis ze dinn hunn. An ech wëll hinne wierklech Merci soe fir awer déi genee Aarbecht, déi si ëmmer erëm leeschten Dag fir Dag.

Gëtt et Wuertmeldungen? Den Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech gesinn, Dir lauschtert meng Riede vun de Jore virdrun no. Dir hutt jo bal alles erëmgeholl, wat ech d'lescht Joer scho gezielt hat. An dat éiert lech och, dass Der dat zu Häerz hëlt.

Ech wëll awer trotzdeem op verschidden – well déi Zuele liesen d'Oppositioun an d'Majoritéit natierlech ëmmer e bëssen anescht. Dir sot, dass de gréisste Budgetsartikel am Réalisé de Budgetsposten d'Educatioun ass mat 44 %.

Dat gesinn ech e bëssen anescht. De gréisste Budgetsposten ass den Non-réalisé mat 55 %. An da kritt d'Educatioun och just nach 21 %. An da gesäit dat Ganzt awer schonn e bëssen anescht aus.

Dir sot wuel, dass 2023 e Budget ass, wou een da virun de Wale wëll nach alles sou dra kréien. Also et ass jo flott, wann een am Budget am Dezember virun engem Waljoer ka soen, mir wëllen dat an dat an dat nach alles maachen.

Ech mengen, do stoung sou zimmlech all Strooss dran, déi iergendwéi an Esch nach iergendwéi ze reparéiere sinn. 2022 mat sou 12 oder 13 Milliounen. Dat gi mer 1,5 Milliounen eraus. An ech mengen, dat ware souguer d'Gradine vun der Jeunesse. Dat war mol guer keng Strooss.

Ech menge schonn, dass ee sech doru muss moossen. Wann een dat do wëll maachen – an ech fannen et éierbar, dass ee seet, virun engem Waljoer wëlle mer weisen, wat mer alles kënnen. Dass een dann awer och weist, dass een et mécht.

Einfach nëmme schwätzen, dat gëtt et dat, firwat ganz vill Leit déi Politik entre-temps e bësse skeptesch gesinn. Dat ass, dass mer net dat maache wat mer soen, dass mer et géife maachen.

An dofir, och do géif ech lech da bieden, wa mer dann eng Kéier an dat Waljoer kommen, Saache maachen, déi och realistesch ëmsetzbar sinn. An ech mengen, wéini ass et, an zwou Woche gesi mer eis jo. An do si mer ganz gespaant, wéi dann dee Budget soll ausgesinn.

Dofir, wéi Der scho gesot hutt, d'administrativ Konte stëmme mer natierlech net mat, well, wéi gesot, Är Interpretatiounen net eis Interpretatioune sinn. Mee natierlech de Compte de gestion stëmme mer mat. A mir gratuléieren och do schonn de Beamte fir hir gutt geleescht Aarbecht.

Villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz.

Den Här Ramdedovic an duerno den Här Baum.

**M. Dejvid Ramdedovic (CSV)**

Merci fir de Wuert. A villmools merci, Här Buergermeeschter, fir dës kloer, gutt strukturéiert a prezis Presentatioun.

D'Resultater, déi mir héieren hunn, schwätze fir sech selwer. Esch ass duerch eng besonnesche schwéier Zäit gaange mat Stabilitéit, Rigueur a Verantwortungsgesfill.

Trotz der Inflatioun, trotz der Energiekris, trotz der wirtschaftlecher an och geopoliteschen Onsécherheet op der Welt huet eis Gemeng ni hir Ambitiounen opginn. Do wou aner gebremset hutt, huet Esch weiderhin no vir geschafft, investéiert an d'Zukunft virbereet.

D'Zuele sinn onbestridden an dës Resultater sinn d'Konsquenz vun enger Politik, déi opbaut, stabiliséiert an der Zukunft an d'Seriösitéit a Methode plangt. Eis Prioritéit si kloer definéiert: Educatioun mat iwwer 40 Milliounen Investitiounen, well keng Stad ka progresséieren, ouni an hir Jugend ze investéieren.

De Logement, wou Projete konkreet virukommen an de Besoin vun der Famill gerecht ginn, de Sport an d'Fräizäit trotz verschiddene strukturelle Retarden, déi net an der Hand vun der Gemeng louchen. D'Kultur mat soliden a wichtege Projeten, virun allem de Konschthal.

An déi, déi d'Politik op Prozent reduzéiere wëllen, soen ech wierklech, d'Qualitéit vun enger Gestioun léisst sech net op eng einzeg Zuel reduzéieren. Si muss sech an der Visioun, der Kohärenz an der Fäegkeet nohalten, ze handelen.

Mir hu mat Virsiicht gehandelt, wann dat néideg war. An der Entschlossenheet, wa Situatiounen et verlaangt hunn. Dat ass eng verantwortungsvoll Gestioun. Dat ass eng stabill Gestioun.

Ech wëll och dem Här Thierry Tormena a sengem Service villmools Merci soe fir déi gutt Aarbecht.

Léif Dammen an Hären, Esch geet no vir, Esch investéiert, Esch bleift stabill. A soll laang dës Kurs behalen. Ech soen lech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Ramdedovic.

Den Här Baum an duerno d'Madamm Ragni.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech fänken och domat un, dem Här Tormena Merci ze soen. An evidenterweis wäerte mer de Compte de gestion, dee vum Receveur, votéieren.

Ganz anescht gesäit et awer aus beim Compte administratif. An ech mengen, datt dat hei awer elo eppes Aneres ass wéi en alldeeglechen Exercice.

De Buergermeeschter an entre-temps responsabele Finanzschäffe versicht, de Stachel vun der Oppositioun erauszehuelen, andeem hie schonn eege Feeler zougëtt. Andeem gesot gëtt, dat war e Budget, deen opgestallt ginn ass an engem Waljoer. Do ass

an engem Waljoer vun enger kommunaler Exekutiv, vun engem Schäfferot vill versprach ginn, vill an Aussiicht gestallt ginn. A realiséiert dovun ass mol net d'Hallschent.

An dat ass problematesch. Dat ass problematesch fir d'Finanzgestioun vun der Stad Esch, et ass problematesch fir d'Previsibilitéit vun de Finanze fir déi nächst Joren. An et ass awer och problematesch, well déi Suen, déi net investéiert ginn, déi feelen. An en Netinvest gëtt ëmmer méi deier wéi eppes, wat ee sech virgeholl huet a realiséiert huet.

Ech mengen, déi plakeg Zuele si kloer. Am initiale Budget waren 207 Milliounen Investissementer virgesinn. Realiséiert sinn der 93.

De Buergermeeschter seet dann, Prioritéit fir eis war awer den Enseigement an d'Maisonrelaisen. Jo, prozentual stëmmt dat. Et ass dee Beräich, wou de Réalisé am mannsten erofgaangen ass. Mee nawell, virgesinn am Enseigement waren 51 Milliounen, realiséiert sinn der 41. Dat ass de beschte Beräich.

Am Logement, den zweetgréisste Beräich an absolutten Zuelen, dee realiséiert ginn ass, war geplangt, 40 Milliounen ze investéieren. Real investéiert gi sinn 11 Milliounen. Also e bësse méi wéi ee Véierel vun deene Suen, déi geplangt waren.

Also insgesamt vun deenen 207 geplangten 114, déi net realiséiert gi sinn.

An natierlech kann et enger Gemeng geschéien, datt ee groussen Invest – an de Buergermeeschter huet d'Beispill genannt, d'Rout Lëns – kann ewechfalen. An hien huet och de Montant genannt. 9,5 Milliounen, mengen ech, war et.

Gutt, dann zitt een dat och nach eraus. An dann ass een net méi op 114, mee op 104. Soe mer, et wären 10 Millioune gewiescht, déi net realisiert gi wieren. Dat geet awer eleng als Excuse net duer.

Ech weess, datt de Buergermeeschter an deem Moment, wéi de Budget opgestallt ginn ass, net Finanzschäffe war. An ech weess och, datt de Buergermeeschter eis versprach huet, ab deem Moment, wou hien déi nei Responsabilitéit iwwerholl huet, datt sech dat ännere wäert.

Mer wäerte effektiv en éischten Aperçu dovun hoffentlech an zwou Woche kënne gesinn. Zumindest wat de Rectifié vum leschte Joer ugeet, fir kënnen dat ze jugéieren.

Ech hunn awer och interessant fonnt déi Ausso, déi hie gemaach huet par rapport zu deem ganz grousse Budget. Datt et och eng Chance war, datt net all Projet ëmgesat ginn ass.

An do géif ech dann awer gär vum Buergermeeschter wëssen, wat hien domat gemengt huet. Wéi eng Chance war et, datt wéi ee Projet, deen de Schäfferot, deen d'Majoritéit bestoend aus CSV, DP an déi Gréng, initial virgesat haten. Wéi eng Chance war et, datt deen net ëmgesat ginn ass?

Den Här Ramdedovic huet Recht, datt d'Qualitéit vun der Gestioun vun enger Gemeng sech net op Prozentpunkte reduzéiere léisst. Prozentpunkte sinn awer en Indicateur vum Seriö a vun der Effikassitéit vun enger Gemengenadministratioun.

An ech ka just ganz staark hoffen, datt déi hei Konten déi lescht waren, wou mer sou e massiven Ecart gesinn tëschent deem, wat projetéiert ginn ass, an deem, wat herno finalement realiséiert ginn ass.

Natierlech, wann eng Gemeng méi kleng ass an et ass ee grousse Projet, dee Retard kritt,

ass de Réalisé heiansdo och ganz niddreg. Bei enger grousser Gemeng mat ganz ville Projeten ass et, mengen ech, awer d'Devise, ze kucken, sou no wéi méiglech a sou genau wéi méiglech déi initial Visioun ze treffen.

100 Prozent wäert een ni erreechen, dat ass kloer, mee datt ee sech zolitterweis op 70, 80 % zoubeweegt, misst awer d'Ambitioun vun enger effikasser Gemengeféierung sinn.

Déi hei Konte sinn dat net, an dofir kann ech se net matstëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Dann huet d'Madamm Ragni d'Wuert an duerno den Här Schmit.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Merci och nach eng Kéier fir dee Réckbléck, deen trotzdeem awer weist, dass mer eiser Linn ëmmer trei bliwwe sinn an doran investéiert hunn. A Sujeten, déi quasi all Partei an hirem Walprogramm stoen haten. An zwar sinn et d'Schoulen an eis Kanner, eis Escher Kanner, an awer och de Logement.

Mir waren net ageschüchtert vun deene multipele Krisen, déi mer haten, fir trotzdeem an dës wichteg Sujeten ze investéieren. A mir hunn och eis Kontinuitéit bäibehalen.

Ech freeë mech op den nächste Budget. An och an eisem Numm géif ech ganz gär dem Här Tormena a senger ganzer Ekipp Merci soe fir hir Aarbecht, déi si geleescht hunn an och nach wäerte fir déi nächst Budgete leeschten.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni.

Den Här Schmit an duerno den Här Bermes.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeescher, fir d'Wuert.

Jo, de Budget. Dës Kéier dann d'Gestioun vum Exercice 2023.

Et ass wouer, datt an enger idealer Welt am Fong geholl de Réalisé natierlech misst vill méi héich sinn, wéi deen elo ass. E läit dann ongeféier bei 45 %.

Dir hutt Erklärunge ginn, Här Buergermeeschter, dozou. An e bëssen, solle mer soen, virgegraff op d'Kritik. An ech muss soen, dat verstinn ech. Also do hutt Der vum Waljoer geschwat. Do si verschidde Saachen, wou ee kann, wann een e bëssen an der Politik scho Saachen erlieft huet an nogelauschtert huet, do kann een novollzéien.

An dofir wëll ech och doran net ze streng sinn. Et ass zwar och wouer, wéi den Här Baum gesot huet, 45 % ass awer wierklech elo kritikwürdeg. Dat heescht, do beweegen ech mech am Fong geholl zwëschent zwou Positiounen. Ech kann Är deelweis verstoen. A wat den Här Baum seet, ass sécher och wouer.

Solle mer soen, wann et bei 60 % geleeën hätt, oder dorëmer géif schweben, da wär ech voll op Ärer Linn. Hei misst Der vläicht kucken an Zukunft, datt Der lech bei e bëssen eppes méi Realistesches hibeweegt. Dat géif ech lech op jiddefalls roden.

Eppes, wat ech muss soen – a jo, ech hätt sollen domat ufänken. Mäi Merci natierlech un den Här Tormena fir déi Aarbecht, wou geleescht ginn ass hei. Dat ass jo doutsécher keen einfachen Exercice.

Wéi meng Virriedner et elo hei och gesot haten, de Gestioundeel, do si mer mat averstanen. Awer déi, wéi gesot, den Admin-Deel natierlech als Oppositioun net.

Wat ech do nach wëll relevéieren, ass, datt et trotzdeem awer nach e positiven Aspekt gëtt aus menger Siicht. Wann de Réalisé normalerweis net ze héich ass, dat heescht, datt normalerweis manner Scholden do sinn an datt ee sech dann am Fong geholl d'Zukunft net total zoubëtonéiert oder, solle mer soen, ze vill hypothekéiert.

An dësem Sënn kann een dat Wuert jo roueg gebrauchen: hypothekéiert.

Jo, dat ass vläicht dat, wat ech ëmmer gesinn a woufir ech lech och kann deelweis verstoen. Wann dat och vläicht d'Iddi hannendru war, datt een im Endeffekt vläicht och net mat der Briechstaang do wëll de Réalisé, solle mer soen, eropdreiwen. Well dat och en Aspekt vun der Verscholdung géif mat sech bréngen. Wann dat ee vun de Motivgrënn war, da kann ech lech vläicht nach besser verstoen, wéi Der mengt.

Jo, dat wollt ech am Fong geholl dozou hei soen. Ech wëll mech och elo net ze vill nach doriwwer schwadronéieren. Dat hätt jo kee Sënn.

Op jiddefalls déi zwou, dräi Remarken, dat wär flott, wann dat géif an Zukunft e bësse besser, solle mer soen, duerno gekuckt ginn. An dat war vu menger Säit aus meng kleng Kritik dozou.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

Den Här Bermes huet d'Wuert.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Och vu mir aus e grousse Merci un d'Servicer an un de Responsabele fir dat hei. Awer och Felicitatiounen un déi viregt Majoritéit. Well déi hutt alles hei gutt ëmgesat.

Ech wëll just drop agoen. Mir gesinn eis jo d'nächst Woch – et ass e puermol ugeschwat ginn – beim Budget. Ee Joer drop gesi mer de Rectifié. Dann hu mer déi éischt Indikatioun, wat geschitt ass. An dat Joer drop kënnt dann de Kont. An da gesäit een, dat ass eigentlech d'Clôture vum Budget.

A wann ech dësen hei kucken, et ass en zolitte Bonus do. Dat beweist awer, datt et wierklech gutt geréiert ginn ass. Ech mengen, dat ass och richteg an déi wichteg Investissementer.

Ech héieren hei ëmmer nëmme vun Zuelen, Réalisé, Non-réalisé, mee ech mengen, et muss ee kucken, wat geleescht ginn ass a wat gemaach ginn ass. Hei ass a Logement, Educatioun – dat heescht fir mech, Maison-relaisen, Haiser a Kanner.

An dann hunn ech och héieren, mir gesinn d'nächst Woch, wat dës Majoritéit mécht. Ech wëll just soen, datt dëse Schäfferot quasi all Joer eng Maison relais opmécht. All Joer. An ech wëll mol eng Kéier soen, virdrun ass dat net geschitt.

Elo kënne mer ganz vill streiden, wat net realiséiert ass. Mee wat wichteg ass, ass, wat realiséiert ass. An dat ass dësem Schäfferot – an ech kucke se alleguer – hinnen ze verdanken. An natierlech mat hire Servicer, datt mer endlech de grousse Retard, deen hei an der Escher Gemeng war, ophuelen

an ëmmer an d'Escher Zukunft investéieren. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Bermes.

Ech hu virdru gesot, dass et vläicht eng Chance war, dass net all Projet sou realiséiert ginn ass am Joer 2023. Jo. Dat ass awer elo net op Projete gemënzt, mee dat ass dann éischter gemënzt par rapport zum Kontostand an zu der Evolutioun, déi um Kontostand ass.

Well ech mengen, dass entre-temps all Projeten, déi iergendwou do am Budget opgedaucht sinn, op jidde Fall déi grouss, dass déi entre-temps ofgeschloss sinn. Ëmgesat goufen. Respektiv vläicht elo nach am nächste Budget héchstens mat klenge Montanten optrieden.

Wéi zum Beispill, wou mer nach eng Kéier den COHS3 wäerten dran hunn. Wou mer nach eng Kéier wäerten an den Nonnewisen eppes stëmmen. Wat einfach dann Aarbechte sinn, déi elo nach ze bezuele sinn, déi awer realiséiert goufen an entre-temps d'Notzung dovun do ass.

Dat ass jo einfach dann de Stand, wou all zweet Woch hei gemaach gëtt. Wou dann och gekuckt gëtt, wou ass de Stand, wéi vill Suen hu mer um Kont. A wéi leeft dat eventuell fort. An op wat fir Plaze leeft dat fort.

An hei ass eis dann deelweis e Retard zeguttkomm, fir awer net mussen en Emprunt vun 125 Milliounen anzeschreiwen, wéi en am initiale Budget ageschriwwe war. A wou, mengen ech, jiddereen haut frou ass, dass mer en net hu missen huelen.

Mee dass mer dann och nach eng Kéier dee Sputt haten, fir dann och dee Méi, wou mer dunn herno vum Interieur iwwerwise kruten, erëm fir d'Joer 2023, fir da kënnen déi Berechnunge vun den Emprunte fir déi Joren drop anescht kënnen ze maachen. Soit.

Also ech ech sinn net frou, dass iergend e Projet net realiséiert gouf. Well déi meescht goufe realiséiert. An ech si vläicht e bësse frou mam Bléck op d'Finanzen, dass dat e Retard kritt huet, fir dat dann ëmzesetzen.

Ech mengen, dass dat, wat mer soen, och gemaach gëtt. Vläicht net ëmmer an deenen Delaien, wéi et machbar ass, mee dass et awer méi realistesch ginn ass. Déi Schéier kënnt ëmmer méi no. De Budget huet net méi déi Envergure entre-temps, wéi en zum Beispill nach 2023 hat.

Déi Schéier tëschent deem, wat mer investéieren an eventuell en Emprunt mussen huelen, deen ass och zanter 2024 ëmmer méi grouss ginn. Dass den Invest ëmmer méi héich ginn ass par rapport zu deem, wat mer eventuell misste léinen.

Mir komme gutt virun a ville Projeten. An déi Skepsis, wou Dir gesitt, Här Faltz, par rapport zu verschiddenen Escher, déi gesi mir manner. Mir gesinn eigentlech vill zefridde Leit, déi profitéiere vun deem, wat mer grad offréieren.

An da par rapport zum Budget vum Waljoer, do kann ech lech soen, dass ech dann eng Erfarung gemaach hunn 2017, wou ech deemools frëschgewielte Fraktiounsspriecher vun der CSV war an de Budget deemools hei dann nach mat verteidegt hunn. Deen unanime, mengen ech, bal gestëmmt gouf deemools. Déi Lénk warscheinlech net.

Awer well et Budget war, wou d'LSAP vill Projete vun hinnen dra waren. Well dee Wiessel zu engem Moment komm ass, wou d'Viraarbechte scho gemaach goufen. An ech ka mech och nach drun erënneren, fir de Rectifié vu virdrun ze verteidegen.

Dat ass sou gewiescht, wann een de Retour mécht, dass ëmmer virun engem Waljoer nach eng Kéier probéiert gëtt, déi lescht Projeten ze lancéieren. Dat ass de bonne guerre.

An ech kann lech elo scho soen, dass mir dat och wäerte fir de Budget 2029 sou maachen. An egal wien herno d'Majoritéit wäert sinn, déi no den nächste Wale géing follgen – et géing mech wierklech iwwerraschen, wann déi Majoritéit dat net da géing maachen am leschte Budget virun de Walen.

Au vote fir als éischt de Compte de gestion.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 10.2. Compte administratif pour l'exercice 2023; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dann de Vott fir de Compte administratif.

- ☰ **Enesa Agovic**
- ☰ **Aldin Avdic**
- ☰ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☰ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☰ **Steve Faltz**
- ☰ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☰ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☰ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 10.4. Devis et crédits spéciaux

### 10.4.1.1. Bd Prince Henri (RP Daich – RP Schmelz) – voirie – piste cyclable; devis complémentaire; décision

### 10.4.1.2.1. Rue Fandel – canalisation – renouvellement E.U.; devis supplémentaire; décision

### 10.4.1.2.2. Rue Fandel – voirie – renouvellement; devis supplémentaire; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da kommen ech bei d'Devisen. Dat sinn alleguer déi Punkten, wat ënner de Punkt 10.4.1 fält.

Dat sinn Devisen, wou éischtens usti fir en Zousazdevis fir d'Vëlospist. Dat betrëfft d'Verbindung tëscht dem Vëlodukt an der Kanalstrooss. Den initialen Devis stoung hei op 600.000 €, mir géingen do elo der zousätzlech 200.000 € stëmmen.

An dann nach zwee Zousazdevisë par rapport zu der Rue Fandel. Dat sinn Devisen zu engem zousätzlech fir 360.000 € fir d'Kanalisatiounsaarbechten an der zweeter Phas vum Chantier. An dann 350.000 € fir déi dozougehéierend Voiriesaarbechten.

Par rapport zu der Rue Fandel wëll ech preziséieren, dat ass déi Strooss, déi um Monkeler läit a wou e gudden Deel zu Schëffleng gehéiert, déi eigentlech och de Lead an deenen Aarbechten hunn. Wou si eigentlech d'Richtung virginn a mir eis drunhänke par rapport zu deem, wat do realiséiert gëtt.

Et ass eng Plaz – déi Strooss kennt Der –, déi e bëssen onméiglech ass. Vill Stëbs, ëmmer erëm Problemer mat der Kanalisatioun doduerch. Et si keng anstänneg Trottoiren do. Ech mengen, dass eleng schonn duerch déi Féierung vun der Strooss an déi Ëmsetzung, déi hei gemaach gëtt, déi Plaz e bësse méi agreabel a manner wéi e Wëlle Weste kann ausgesinn duerno.

Gëtt et Froen zu den Devisen oder Remarken? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 10.4.2.1. Crédit spécial ordinaire – Affiares économiques; décision

### 10.4.2.2. Crédit spécial ordinaire – TR – Parc animalier; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An da Crédits spécials ordinaires. Do hu mer der zwee.

Déi sinn allen zwee am ordinäre Budget. Eemol kreéiere mer en neien Artikel, dat opgrond vun der Konventioun, déi mer am leschte Gemengerot hei gestëmmt hu mat Hive. Wou mer dann eeben och déi Suen drasetzen, fir deem gerecht ze ginn, wat mer hei decidéiert hunn.

An dann den zweete Crédit spécial betrëfft de Bamhaus-Café. Do ass et ganz einfach sou, dass do natierlech akaf gëtt. Iessen a Gedrénks. Déi Wuere ginn akaf, déi ginn da weiderverkaf.

Mir hu bis elo scho méi verkaf, wéi virgesi war, fir iwwer d'ganzt Joer ze vekafen. An deem Sënn muss elo nach e Stock nokaf ginn an erëm verkaf ginn. Dat huet dann och keen Impakt, well natierlech dann och d'Recetten dee Moment am ordinäre Budget ugepasst ginn.

Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 11.1.1. Règlement général de la circulation; modification; Rue d'Audun; décision

### 11.1.2. Règlement général de la circulation; modification; Rue de la Lorraine; décision

### 11.1.3. Règlement général de la circulation; modification; Rue de Mondercange; décision

### 11.1.4. Règlement général de la circulation; modification; Rue Large; décision

### 11.2. Confirmation des règlements temporaires de circulation; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

D'Verkéiersreglementer, den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech géing wéi ëmmer proposéieren, dass mer déi permanent Ännerungen am Verkéiersreglement an déi temporär Verkéiersreglementer zesummen diskutéieren an och ofstëmmen. Wann dat an der Rei ass fir de Conseil communal?

Da géing ech vläicht bei den temporären Ännerunge just ganz kuerz drop agoen. Et sinn eng ganz Rei, an déi allermeescht hunn ze di mat Chantieren. Wou mer da Klengegkeeten an der Circulatioun mussen änneren.

Ech wëll awer der Transparenz hallwer och nach eng Kéier hei mentionéieren, dass och eng temporär Ännerung d'Suite ass vun dem Sécherheetskonzept, wat mer ëmgesat hu fir de Chrëschtmaart. Dat heescht, dat stëmme mer och hei mat.

Da bei de permanenten Ännerungen hunn ech der véier matbruecht dës Kéier. Eng an der Rue de la Lorraine an der Hiehl, wou virun enger Rei Joren eng PMR-Parkplaz ugefrot war vun engem Resident, déi och deemools accordéiert ginn ass.

Mir sinn informéiert ginn, dass dee Resident net méi do ass, doduerch ass de Besoin fir déi PMR-Parkplaz net méi ginn. An déi gëtt zeréckgewandelt an eng normal Parkplaz.

Dann hu mer an der Rue d'Audun – dat hat ech schonn e puermol erkläert. Mir hu jo ganz limitéierte Raum hei an der Stad Esch an dowéinst si mer och relativ contraint wat d'Schafung vun neiem Parkraum ugeet. An dowéinst si mer an enger Optimiséierungsapproche.

An där Optimiséierungsapproche hu mer identifizéiert, dass mer an der Rue d'Audun nach eng Kéier kënne véier zousätzlech Parkplaze

reglementéieren. Dofir proposéiere mer lech do eng Ännerung am Verkéiersreglement.

D'selwecht am Breedewee, wou d'Commerçanten ënnen am Breedewee, quasi op der Kräizung mat der Place des Remparts, eis drop higewisen hunn, dass se eng Rei vun de Liwwerzonen, déi do sinn, net méi brauchen. An dowéinst proposéiere mer do, dass mer déi Liwwerzonen zeréckwandelen an normal Parkplazen. Sou dass do am Breedewee bei der Place des Remparts fënnef zousätzlech Parkplaze wäerten entstoen.

An da finalement eng lescht Ännerung, eng méi grouss Ännerung, wat d'Monnerecher Strooss betrëfft. Notamment op der Kräizung mat der Avenue Grande-Duchesse Charlotte. Do proposéiere mer eng Kéier en Amenagement vun enger Zone de livraison fir d'Besoine vum Supermarché.

Da reglementéiere mer hei awer dat, wat mer als Schäfferot och schonn annoncéiert hunn. Nämlech dass mer d'Monnerecher Strooss, déi eng Strooss ass, déi vill geplot ass vun Duerchgangstrafick a wou mer och reegelméisseg de Constat maachen, dass nieft der Schoul, déi do ass, ze séier gefuer gëtt.

An dowéinst hu mer d'Decisioun geholl, dass mer gär déi do Strooss, den Zougang vun der Grande-Duchesse Charlotte op d'Monnerecher Strooss kappe wëllen. Dee war elo souwisou eng ganz laang Zäit zou wéinst dem Chantier. An déi Situatioun wëlle mer eigentlech bäibehalen, iwwer d'Chantieren eraus. Sou dass ee vun der Grande-Duchesse Charlotte net méi wäert kënnen op d'Monnerecher Strooss goen.

Dovun erhoffe mer, dass mer manner Duerchgangstrafick hunn. An da reglementéiere mer och eng Tempo30-Zon, fir eebe sécherzestellen, dass do net gerannt gëtt.

An am Ensemble vun deene Mesuren erhoffen mer eis eng Kéier eng Berouegung vun deene Stroossen a vun deene Residenten, déi an der Géigend wunnen, an anerersäits awer méi Verkéierssécherheet fir d'Schülerinnen a fir d'Schüler vun der Lallenger Schoul.

Ech bieden ëm Zoustëmmung fir all déi do Ännerungen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen? Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Ech hunn, solle mer soen, mat de Sécherheetsmoossname ronderëm d'Stadhausplaz, wat de Weihnachtsmarkt, de Marché de Noël do ugeet. Do hunn ech vu Leit gesot kritt, datt dat mat de Busser am Fong geholl zwar vill Leit stéiert, datt déi elo net méi kënne wärend där Zäit de Bus huele wéi normal.

Elo wollt ech da wëssen, hat een do keng aner Méiglechkeet. Hunn déi Sécherheetsmoossname misse sou ausgesinn? Datt ee guer keng Wiel hat, fir déi Arrêten hätte kënnen do ze loossen, wéi se waren?

Ech mengen, déi Situatioun gëtt jo erëm hiergestallt, soubal de Marché warscheinlech eriwwer ass. Mee quand même, dat ass eppes, wat ech mech froen.

Vläicht nach eng Remark zu der Monnerecher Strooss. Et versteet een natierlech – solle mer soen, wann eng urspréinglech Situatioun, wou den Accès jo do garantéiert war, dan den Chantier geet, da gëtt dat natierlech gespaart. An duerno gëtt den Accès net erëmhiergestallt.

Dat ass vläicht verkéierstechnesch weegent der Sécherheet e Plus. Natierlech wäert et awer och déi Leit, solle mer soen, déi wou do an der Géigend wunnen, handicapen, dass se net méi kënnen am Fong geholl den Accès hunn, wéi et fréier de Fall war.

Dofir – selwer sinn ech do zwar net concernéiert, mee trotzdeem. Ech hunn do kuerz Bedenken, ob dat wierklech déi richteg Entscheedung ass. Vläicht kënnt Der dat nach e bësse weider Informatiounen dozou ginn. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Bermes huet d'Wuert.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Ech wëll just ganz kuerz op de Bus agoen. Well ech selwer muss nämlech de Bus huelen, well ech net däerf Auto fueren.

Also déi Saach mat den Ëmweeër, d'Deviatioune mat de Bussen ass awer wierklech kee Problem. Ech mengen, et falen zwee Arrêten, sou wäit ech weess, aus. Dat eent ass deen an der Groussgaass. Deen ass elo eriwwergesat an d'Rue du Fossé. Dat heescht, vläicht 100 Meter méi ze trëppelen.

An deen zweeten ass deen op der Gemengeplaz. Mee do kënnt ee jo hanne laanscht – wéi heescht dee Boulevard? Berwart. Da bleift ee beim Geriicht stoen. An do kann een och de Bus huelen.

Also ech selwer fueren andauernd. Dat heescht, dat fannen ech awer elo net esou schlëmm. An dat heescht, do ass awer elo kee schlëmm betraff, well ech gesinn do keng grouss Aschränkung.

Ech wollt dat just soen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann äntwere mer als Schäfferot.

Ech hunn, nodeems d'lescht Joer op veschiddene Chrëschtmäert horribel Saache geschitt sinn, eng Versammlung aberuff, fir ze froen, wat eigentlech d'Sécherheetskonzept vun eisem Escher Chrëschtmaart wier a wat do virgesi war. An ausser méi reegelméissege Polizeikontrolle gouf et kee richtegt Sécherheetskonzept.

Dat heescht, mir hunn dunn dee Moment d'Ekipp vun eiser Cellule de sécurité dropgesat, fir Expertis sichen ze goen, fir ze kucken, wat kann ee maachen.

Si hunn en éischte Plang opgestallt. An dee Plang ass du weidergaange bei den Développement économique. Do ass nach eng Kéier eng extern Beroderfirma consultéiert ginn. An doraus ass dann dat Konzept op den Dësch komm, wat elo applizéiert gëtt.

Ech kann lech och scho soen, dass fir verschidden Elementer, wou mer elo dëst Joer lounen, wéi déi Barriären, déi Achillesfersen, wéi se heeschen, fir eeben Autoen oder Camionen ze stoppen, wann déi géingen erafueren, dass mer déi och wäerte kafen d'nächst Joer.

Dass mer wierklech bei méi Evenementer wäerten zeréckgräifen an Zukunft op esou Mesuren. Ech denken zum Beispill och un d'Pride, wou mer eng Parad duerch Esch haten, wou mer da mat Camionnettë lénks a riets, mat Bussen, mat Dreckscamione probéiert hunn, deen Trajet ofzesécheren.

Wat awer alles Elementer sinn, wou herno, wann eppes géing geschéien, och d'Assurancë

Froe stellen. Wéi ass dat da professionell gekläert mat enger Firma? Firwat hutt Der net op professionellt Material zeréckgegraff?

Dat si lauter Sujeten, déi mer eeben thematiséiert hunn am Laf vum leschte Joer. An elo da méi konkreet fir de Chrëschtmaart, wou eeben elo dat Konzept um Dësch loung, mat deene Mesuren, déi ze huele sinn.

Ech hunn de Moien d'Wort gelies. An am Lëtzebuerger Wort ass dat och thematiséiert ginn. Well de Journalist huet selwer nogerechent d'Deplacementer. Do geet et elo ëm 140 Meter Deplacementer vun de Busarrêten, wéi den Här Bermes elo gesot huet. Wat eeben de Wee elo méi wäit mécht, deen dann eventuell ze goen ass.

Et ass schued an et ass och bedauerlech, dass een esou muss denken a raisonéieren. Mee ech mengen, dass dat entre-temps eppes ass, wou een da muss an d'Logik an an d'Konzeptioun vun den Aktivitéiten a vun den ëffentlechen Eventer muss matintegréieren an all Reflexioun, déi mer do hunn.

Wat et awer op kee Fall soll sinn, et soll keng Angschtmaach si par rapport zu de Leit. Mir sinn absolutt dovun iwwerzeegt an hunn och guer keng Bedenken, dass hei elo eppes géing geschéien. D'Leit sollen einfach kënnen a Rou mat hirer Famill op de Chrëschtmaart kommen an dee Moment genéissen.

Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech bleiwen nach ganz kuerz beim Chrëschtmaart. Natierlech, grad als Mobilitéitsschäffen, wëll een, dass d'Leit mam Bus sou komfortabel a sou séier wéi méiglech iwwerall hei an der Stad kënnen ënnerwee sinn. Mee et muss een eeben heiansdo tranchéieren.

Mir haten eng éischt Versioun vum Konzept, wou de Passage iwwer de Gruef opbliwwe wär an d'Sécherheetsexperten hunn eis kloer gesot, dass dat net duergeet. An dowéinst hu mer missen nogoen.

A wann een esou en Avis huet vun engem Sécherheetsexpert a wann ee weess, dass een awer eng Verantwortung huet och fir déi Kanner an déi Familljen an all déi Leit, déi op de Chrëschtmaart ginn, da muss een eeben heiansdo ofweien. An dofir hu mir déi do Decisioun esou getraff.

Sou wéi den Här Bermes et gesot huet an och wéi et schonn an der Press haut stoung, hu mer et versicht, esou ze plangen, dass den Ëmwee fir d'Leit sou kuerz wéi méiglech ass. An ech mengen, dass eis dat och relativ gutt gelongen ass, dass déi meescht Alternativarrêten awer an engem Ëmkrees vu ronn 100, 150 Meter sinn.

Et ass eis vläicht net iwwerall gelongen, mee op deenen allermeeschte Plazen. Sou dass mer scho versicht hunn, dat dann och trotz deem Inconvenient sou komfortabel wéi méiglech ze halen.

Et ass effektiv och eng Mesure, déi just temporär ass, sou laang wéi d'Sécherheetskonzept en vigueur ass. Dat heescht, sou laang wéi de Chrëschtmaart ass.

An da mengen ech awer, dass mer hei an där Balance tëschent deem Sécherheetsbesoin an der Sécherheetsgarantie, déi mer wëlle ginn, an engem bequeemen ëffentlechen Transport e relativ gudden Ekiliber fonnt hunn.

Wat d'Monnerecher Strooss ugeet, gouf et effektiv eng Situatioun virum Chantier. Mir haten awer elo an de leschte Méint an och Jore schonn Diskussioune souwuel mat der

Schoulcommunautéit, mam Kommitee vun der Schoul. Ech war virun engem Joer och mat den Elterevertriederinnen a -vertrieder do am Quartier ënnerwee a mir hunn eis dat ugekuckt.

A mir hate viru Kuerzem eng Reunioun beim Interesseveräin Lalleng, sou dass mer scho ganz confiant sinn, dass déi do Mesure, sou wéi se ass, och op Besoine reagéiert an Demandë reagéiert. Souwuel vun de Residentë wéi och vun der Schoulcommunautéit.

A wéi gesot, dozou wäert féieren, dass mer éischtens manner Duerchgangstrafick hunn, also manner Autoe, déi näischt an deem Quartier verluer hunn. An och méi Sécherheet wäerten hu fir d'Kanner, déi do dann um Schoulwee sinn an déi sech dann an Zukunft kënne sécher sinn, dass do manner wäert gerannt ginn an dass do och keng Autoe wäerten do sinn, déi do näischt verluer hunn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 12. Contrats de bail et avenants; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Kontrakter.

Mir hu véier Kontrakter ze stëmmen. Dräi Avenanten an ee Kontrakt. En neien. Dir hat alleguer d'Detailer am Dossier.

Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 13. Commissions consultatives; modifications; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech kucken elo op den Här Espen. Mir hu keng Changementer an de Kommissioune virleien, da brauche mer och keng ze stëmmen. A mir kënnen d'Sëtzung vun haut zoumaachen.

Ech wëll nach un e puer Invitatiounen erënneren. D'Wanterfest dëse Weekend do uewen um Gaalgebierg. A wann Der dohi gitt,

da benotzt wannechgelift den ëffentlechen Transport. Mat enger Navette, déi vun hei ënnen aus dem Parkhaus vun engem grousse Stroumbedreiwer erop op de Gaalgebierg fiert.

Da kommen eng ganz Rëtsch traditionell Rendez-vousen an den nächste Wochen op eis duer. An dann ass den nächste Gemengerot den 3. Dezember um 8.30 Auer hei fir d'Presentatioun vum Budget.

Iech e schéinen Dag an e schéine Weekend.

# CONSEIL COMMUNAL



**Christian Weis**
CSV



**Pierre-Marc Knaff**
DP



**André Zwally**
CSV



**Meris Sehovic**
déi gréng



**Bruno Cavaleiro**
CSV



**Mandy Ragni**
déi gréng



**Daliah Scholl**
DP



**Ben Funck**
LSAP



**Steve Faltz**
LSAP



**Liz Braz**
LSAP



**Enesa Agovic**
LSAP



**Sacha Pulli**
LSAP



**Pascal Bermes**
CSV



**Joy Weyrich**
CSV



**Marc Baum**
déi Lénk



**Bernard Schmit**
ADR



**Tammy Anna Broers**
déi gréng



**Dejvid Ramdedovic**
CSV



**Aldin Avdic**
LSAP